Ordre du jour

5200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004

(Discussion générale - suite)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur et M. Charles Goerens, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'État

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Mir fuere weider mat eisen Debatten iwwert de Statshaushalt vum Joer 2004. Déi nei Riednerlëscht gëtt verdeelt. Als éischt Riednerin ass agedroen d'Madame Nancy Arendt. D'Madame Arendt huet d'Wuert.

5200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004 (suite)

Discussion générale (suite)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esouguer wann d'Lag vum Land, fir eise Premierminister ze zitéieren, eescht ass, stellen ech fest, datt se nach ëmmer vill besser ass wéi bei eisen direkten Nopeschlänner wou drastesch Kierzungen op alle Pläng virun der Dier stinn. Dat ass zum groussen Deel op déi richteg politesch Entscheedungen zréckzeféieren, déi vun eiser Regierung an deene leschte Jore geholl gi sinn. Déi Leit, déi eist Land leeden, haten et verstanen a konjunkturell gudde Jore Reserven unzespueren an esou Suen op d'Säit ze leeë fir méi schwiereg Zäiten, wéi eben elo.

Well an de vergaangene Joren eng gutt Sozial- a Steierpolitik gemaach ginn ass si mir haut an der Lag bei eis keng direkt Steiererhéijunge virhuelen ze mussen, d'TVA niddreg ze halen, keng Sozialleeschtung ze kierzen oder d'Cotisatioune vun de Kranken- an Altersversécherungen an d'Luucht ze setzen. Duerch dës gutt Finanzpolitik ass d'Kafkraaft stabel bliwwen, konnten héich Investissementer a wichteg Infrastrukture gemaach ginn an hu mir eiser Ekonomie e gesond wirtschaftlecht an awer och logistescht Ëmfeld ginn, wat et erméiglecht huet esou grouss Firmë wéi AOL, Amazon oder och elo kierzlech Microsoft an eist Land ze bréngen an där Rezessioun, déi mir all Dag bei eisen Nopeschlänner erliewen, entgéintzewierken.

Laang huet d'Oppositioun d'Regierung fir hir virsiichteg Politik kritiséiert, an elo kënne mir eis hei zu Lëtzebuerg glécklech schätzen, datt mir Reserven hunn, déi eis e gewëssene Spillraum loossen, e Spillraum, vun deem aner Länner, wéi zum Beispill Däitschland, nëmmen dreeme kënnen. Als Spriecher vun eiser Fraktioun um familljepolitesche Plang stellen ech mat grousser Zefriddenheet fest, datt eis Regierung trotz deem méi virsiichtege Budget an der Familljepolitik keng Ofstrécher wëllt maachen. Well de Budget sech un déi konjunkturell Schwächt unzepassen huet heescht dat awer nach laang net, datt um sozialen Niveau gekierzt muss ginn. A méi schwieregen Zäiten heescht et Akzenter ze setzen a Prioritéiten ze definéieren. Et ass keng Plaz do fir Extrawënsch oder fir oniwwerluecht Handelen, mä et soll een do spueren, wou ee spuere kann, an et soll een do investéieren, wou et néideg a wichteg ass.

D'Kreditter, déi fir d'nächst Joer am Budget vum Familljeministère virgesi sinn, ginn ënner Berücksichtegung vun de budgetäre Méiglechkeete virsiichteg erop fir op e Betrag vu ronn 1.068.000.000 Euro ze kommen, wat eng Augmentatioun vu 7,6% ausmécht. D'Solidaritéitskennzeechent weider d'Politik vun dëser Regierung. D'Erhéijung vun iwwer 12% vun de Kreditter fir de Posten Dotation du Fonds national de la Solidarité, dee geduecht ass fir d'Ausgaben um Niveau vum RMG ze decken, ass e gutt Beispill dofir, wéi awer och d'Erhéijung vun 200% vun de Kreditter fir d'Opfaangstrukture fir d'Sans-abriën, déi vu 25.000 Euro op 75.000 Euro eropginn. Mir musse grad deenen, déi am schwächste sinn, a schwieregen Zäiten hëllefen.

An dann d'Gesamtkreditter fir d'Familljenzoulagen, déi fir mech perséinlech eng vun deene wichtegste Positiounen am Budget sinn, wéi zum Beispill d'Erzéiungszoulag, d'Bezuele vum Congé parental respektiv d'Allocation pour raisons familiales ginn tëschent 3,5% an 90% erop. Dëse leschten héije Prozentsaz vu 90% gëtt virun allem vum Congé parental verzeechent, eng immens wichteg Moossnam, déi et villen Elteren a virun allem jonke Mammen erlaabt an engem esou wichtege Moment doheem bei de Kanner ze bleiwen ouni gréisser finanziell Aboussen ze hunn. Ech erënneren an dësem Kontext drun, datt déi verschidde Sozialleeschtungen a Prestatiounen zu Gonschte vun de Familljen et ville Leit erlaabt, iwwert d'Ronnen ze kommen. Vill Familljen a virun allem Kanner wären net gutt drun, esouguer oft aarm, wann all dës Moossnamen net géifen existéieren.

No enger Etüd vum CEPS aus dem Joer 2000 geet de Prozentsaz vun der Aarmutt vun de Kanner opgrond vun dëse ville Sozialleeschtungen zréck. Dës Etüd schwätzt an deem Kontext vun enger Reduktioun vum Taux de pauvreté vun 68% am Fall vu Lëtzebuerg. Eng méi rezent Etüd vun der Caritas kënnt zur selwechter Konklusioun, esou datt mir am Verglach mat eisen Nopeschlänner bal glänzen, obschonn een an dësem Beräich net vu glänze schwätze kann. Dëst ass de Beweis, datt eis Familljepolitik effizient ass, an dëst rechtfertegt och déi héich Kreditter, déi dem Familljeministère zegutt kommen.

Och wann d'Regierung dorop verzicht huet d'Kannergeld d'nächst Joer aus de wirtschaftleche Grënn, déi mer kennen, eropzesetzen, esou eng Erhéijung wär net finanzéierbar gewiescht. Et wär awer sécher eng Moossnam gewiescht, déi gutt bei de Leit ukomm wär a wahlpolitesch sécher och Uklang fonnt hätt, mä wéi eise Statsminister dat ganz richteg gesot huet, et geet hei net drëm fir mëttelfristeg onfinanzéierbar Sozialleeschtungswahlgeschenker an de Budget ze schreiwen, déi een dann net kann ëmsetzen.

Wa verschidde Moossnamen opgrond vun de wirtschaftlechen a finanziellen Donnéeë vun haut net an d'Liewe kënne geruff ginn, respektiv mat engem ze grousse Risiko fir den Équiliber vum Budget verbonne sinn, da bleift et, datt aner Leeschtunge weidergefouert oder realiséiert musse ginn. Ech denken do un déi staatlech Participatioun un de Käschte vun den Opfaangstrukture fir d'Kanner, sief dat um Niveau vum Fonctionnement wéi awer och um Niveau vun der Infrastruktur. De Budget fir d'Joer 2004 gesäit vir, d'Subsidë vum net konventionéierte Secteur substanziell ze erhéijen. D'staatlech Ënnerstëtzung fir de Fonctionnement klëmmt vu 25.000 op bal dat Duebelt: 47.311 Euro. Dës Entwécklung ass dorop zréckzeféieren, datt eng grouss Demande do ass fir Opfaangstrukturen, mä nach net genuch Plazen do sinn. De Stat féiert an dësem Beräich seng Efforte weider an et gesäit een zum Beispill fir d'Joer 2004 20 Milliounen Euro fir d'konventionéiert Dagesfoyeren oder nach iwwer eng hallef Millioun Euro fir d'konventionéiert Garderië vir.

An dësem Kontext erënneren ech och drun, datt de Stat am private Secteur Crèchëplaze loune geet an déi dann de Famillje mat niddrege Revenuen zu engem méi bëllege Präis zur Verfügung stellt. De Stat wäert och d'nächst Joer d'Strukturen, déi den Elteren eng Prise en charge ausserhalb vun de Schoulstonnen ubidden, weider finanziell ënnerstëtzen, ob se kommunal, konventionéiert oder net konventionéiert sinn. Et ass virun allem e Kredit, deen ëm bal zwou Milliounen Euro klëmmt an zu Gonschte vun de Gemengen eropgesat wäert ginn. Dës puer Beispiller vu staatlecher Participatioun am Beräich Opfaangstrukture fir Kanner a Jugendlecher spigelen déi vill Efforten erëm, déi zënter Jore vun eiser Familljeministesch Marie-Josée Jacobs an dësem Beräich gemaach goufen, mam Zil de Besoine vun den Eltere Rechnung ze droen.

Andeem een den Elteren d'Méiglechkeet gëtt de Beruff mat der Famill ze verbannen, gëtt och d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer weider gefuerdert an et suergt ee fir eng méi gläichberechtegt Participatioun vun alle Bierger. D'Kreditter fir d'Jugendhaiser oder analog Strukturen, siefen dat kommunal oder konventionéiert Strukturen, ginn erop, an zwar tëschent 3,8% a 17,8%. D'Jugendhaiser spillen eng wichteg preventiv Roll an droen zum Wuelbefanne vun de Kanner a Jugendleche bäi. Jugendhaiser si vill méi wéi einfach Treffpunkte fir Jugendlecher. Si kënnen do iwwert hir Problemer schwätzen, Erfahrungen austauschen, sech beroden an informéieren. De Service de médiation, dee virun allem an der Schlichtung vu familiäre Problemer spezialiséiert ass, gesäit seng Kreditter fir d'nächst Joer ëm bal 27.000 Euro eropgoen. Am selwechte Kontext kann een och nach de Postë vun der Aide familiale en milieu ouvert zitéieren. Fir déi nächst Jore geet deen iwwer 600.000 Euro erop.

Dës Erhéijunge soe vill iwwert d'Politik vun eiser Regierung aus, fir déi d'Wuelbefanne vun de Kanner an hire Familljen eng Prioritéit bleift. D'Kanner an d'Familljen, mä och eeler Leit sinn eng Prioritéit.

D'Kreditter am Beräich Politik fir den drëtten Alter sinn am Allgemenge vu ronn 5,8 Milliounen op ongefëir 7,6 Milliounen Euro eropgaangen. Dat mécht eng Erhéijung vun 2,2 Milliounen Euro aus, dat heescht bal 30%. Besonnesch ervirzehiewen ass déi finanziell Ustrengung am Kader vun der Prise en charge vun onheelbar kranke Mënschen. De Budget gesäit e substanzielle Kredit vun iwwer 2,6 Milliounen Euro fir dëse Postë vir. Dëse Kredit ass och eng konkret Ëmsetzung vun de Fuerderunge vun der Chamber a punkto Soins palliatifs. Mir hunn am Kader vun der Orientéierungsdebatt vun dësem Fréijoer op d'Noutwendegkeet higewisen, d'Palliativmedezin an d'Soins palliatifs weiderzeentwéckelen. Onheelbar krank Leit hunn d'Recht an der Endphas vun hirem Liewen adequat encadréiert ze ginn, sief dat an engem Spidol oder awer och doheem. Deen héije Kredit wäert dozou bäidroe supplementar Better an de Spideeler ze schafen, respektiv méi Leit d'Méiglechkeet ze ginn doheem oder an enger spezialiséierter Struktur betreit ze ginn.

Ech wéilt awer als Spriecher vun der CSV-Fraktioun zur Familljepolitik net vergiessen och nach e Wuert zur Behënnertepolitik ze soen. Et geet aus dem Budget vum Familljeministère ervir, datt weider Opfaangstrukture fir handicapéiert Leit wäerten hir Dieren opmaachen, wéi zum Beispill deen neie Foyer fir Autisten zu Munzen. D'Politik fir Behënnerter ass sécherlech een Aspekt vun der Politik wou eis Regierung villes an der lescht geleescht huet. Ech denken do zum Beispill un de Revenu minimum pour personnes gravement handicapées, deen dozou bäidroe wäert d'Autonomie vun deene Behënnerten ze förderen an domadder hinnen d'Méiglechkeet ze ginn um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen.

Dëst Beispill spigelt och de Perspektivewiessel erëm, dee sech an deene leschte Joren an der Politik an an der Gesellschaft vollzitt. Behënnert Fraen a Männer sinn net nëmme Leit, déi op eis Hëllef an Ënnerstëtzung ugewise sinn, si si gläichberechtegt Bierger, déi ganz kloer eng vollwäerteg Plaz an eiser Gesellschaft hunn. Ech hoffen, datt mir dat ni vergiesse wäerten, wann et heescht e Budget opzestellen an ze stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zum Schluss vu menger Interventioun awer net vergiessen e ganz häerzleche Merci un de Budgetsrapporteur a Fraktiounskolleeg Jean-Marie Halsdorf ze riichten, deen eng immens wäertvoll Aarbecht bei sengem Rapport geleescht huet. An ech wéilt nach eng Kéier ënnermaueren, datt d'Entscheedung vun der Regierung de soziale Budget net ze kierzen, déi richteg ass. Ech hoffen, datt d'Politik och an Zukunft wäert wësse wou hir Prioritéite leien an déi néideg Moossname wäert treffen, fir dës Prioritéiten ze realiséieren. Ech soen lech merci!

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel agedroen. D'Madame Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mëttelstand ass mat 14.000 Entreprisen an 130.000 Salariéen ee vun den Haaptpiliere vun onser Wirtschaft. D'Entreprisen aus dem Handel, der Hôtellerie, der Restauratioun, dem Handwierk an der Konstruktioun erwirtschaften all Joer iwwer 40% vum PIB. De Mëttelstand ass domat eng dreiwend Kraaft an eiser Ekonomie - an net nëmmen an eiser -, eng verlässlech Gréisst wéi et an engem rezente Positiounspabeier vun der Confédération des Classes moyennes heescht, eng stabil Gréisst, déi an dëse konjunkturell schwieregen Zäiten déi meescht nei Aarbechtsplaze schaaft.

De Budgetsrapporteur, deem ech wëll fir säi Rapport félicitéieren, ass net weider agaangen op de Mëttelstand selwer. Hie seet, ech zitéieren: „L'aspiration de ce chapitre est plutôt d'établir un lien officiel entre PME et diversification économique ainsi que de formuler un certain nombre d'exigences fondamentales à une diversification réussie, basée sur les PME."

Et ass säit laangem eng Evidenz, dass d'Entreprisen aus dem Mëttelstand den Haaptmoteur vun der Diversifikatioun sinn. Hei an deene klenge Betriber steet oft d'Wéi vun deenen Iddien, déi mir brauche fir nei Branchen opzebauen. Zu Recht weist de Rapporteur an deem Kontext op déi excellent Diversifikatiounspolitik vun dëser Regierung hin. An deem Beräich wou de Wirtschaftsministère zoustänneg ass, hu sech 47 nei Entreprisen oder Produktiounsaktivitéite säit 2000 zu Lëtzebuerg niddergelooss, wat en Invest vun iwwer 500 Milliounen Euro bedeit an à terme iwwer 1.500 Aarbechtsplaze bréngt.

Selbstverständlech huet dat e ganz positiven Impakt op de Mëttelstand, well doduerch nei Opträg fir méi kleng Entreprisen entstinn. Et ass wichteg, dass mer Entreprisen unzéien, déi nei Technologien an en neie Savoir-faire an d'Land bréngen. Et ass schonn öfters hei ugeklongen, gëschter an de Moien, Entreprisë wéi AOL, Amazon a Microsoft, duerch déi grouss finanziell Plus-value, déi se eisem Land bréngen, an dofir gëtt een och net midd an et mécht Spaass déi Entreprisen ëmmer erëm ze zitéieren. Si sinn extrem wichteg.

Mä et gëtt och anerer, méi klenger, déi Lëtzebuerg ausgewielt hu fir sech hei néierzeloossen. Zum Beispill d'Softwarefirma Incypher zu Déifferdeng oder de Ventilleproduzent Raval zu Féiz. An och Zukunftssecteuren: Bio-, Nano- an Ekotechnologië gi fir d'alleréischt a mëttelstänneschen Entreprisë grouss. Déi, déi eppes total Neies bréngen, kréien natierlech meeschtens déi beschte Press, mä et däerf een awer net vergiessen, dass de Gros vum Mëttelstand vun oft traditiounsräiche Firmaen aus dem Handwierk, dem Commerce an dem Horeca besteet. Och si innovéiere permanent, a si mussen et och fir mat der Konkurrenz matzehalen, déi jo aneschters wéi an anere Länner, zu Lëtzebuerg gläich vun dräi Säiten op ons Betriber zoukënnt, wougéint nach ëmmer d'Lëtzebuerger Betriber et immens schwéier hunn, fir an Däitschland, Frankräich oder an der Belsch un Opträg ze kommen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Une voix.- Da loosst dach d'Madame Beissel schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- De Koalitiounspartner ass awer ganz ondisziplinéiert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- D'Madame Beissel provozéiert.

(Interruptions)

Hei gëtt iwwert d'PMEe geschwat, déi am Rapport vum Här Halsdorf gefeelt hätten. Si verwiesselt dat vläicht mam Rapport vum Här Graas. Mä an deem heite Rapport steet eppes dovunner dran.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir loosst lech awer extrem liicht provozéieren, Här Weiler.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech awer bieden der Ried vun der Madame Beissel Opmierksamkeet entgéintzebréngen.

(Interruptions diverses)

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här Weiler, ech mengen, Dir hutt mer net genau nogelauschtert.

M. le Président.- Et ass penibel wann een eng Ried hält an et lauschtert keen no oder et ginn Zwiegespréicher gefouert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Den Här Weiler huet mer bestëmmt net richteg nogelauschtert, soss géif hien esou eppes net soen.

Här President, ech erlabe mer elo virunzefueren. Grad esou wichteg wéi et ass auslännesch Entreprisen unzezéien, ass et wichteg, wann net méi wichteg, dass et méiglech ass, dass d'Leit hei zu Lëtzebuerg op eiser Plaz nei Betriber grënnen. Dir wësst, ech hunn dat schonn oft an de leschte Joren op dëser Tribün ervirgehuewen an ech ginn net midd et ëmmer ze soen: Fir déi jonk Entrepreneurë geet et sécher

net duer fir Courage oder Iwwerzeegung ze hu fir sech ze lancéiere wéi een esou schéi seet. Et geet och net duer vill Energie ze hu fir se an d'Verwierklechung vum Betrib ze investéieren a prett ze si fir sech do ze engagéieren.

Neen, et muss een e positiivt Ëmfeld virfannen an deem ee sécher ka sinn, dass een optimal Konditioune virfënnt fir aus enger Iddi eng Firma opzebauen. Et muss een drop ziele kënnen, dass déi investéiert Aarbecht sech och lount.

Mir wëssen alleguerten, dass fir e Betrib opzebauen an ier déi éischt Resultater kommen, et oft e laange Wee ass. Wann een net un dat néidegt Startkapital kënnt, da kann ee seng Iddi begruewen, ier se gebueren ass. An dat benéidegt Startkapital ka kleng sinn, mä et kann awer och enorm sinn, virun allem an den Handwierksbetriber an an dem Horeca. Déi eng brauche fir hire Betrib opzebaue mat Momenter nëmmen eng gutt Iddi an e Computer. Déi aner zousätzlech zu der Iddi eng HACCP-genormten a voll équipéiert Kichen, déi Milliounne kascht. Et ass kloer, dass e jonken Entrepreneur, dee seng Léier oder seng Meeschterprüfung grad bestanen huet, net déi Ressourcen huet fir säi Betrib eleng opzeriichten. Hie muss vill Geld léine goen an dat op vill Joren. An dann ass et nach net sécher, dass en iwwerhaapt eppes kritt, well e selten déi néideg Garantien huet.

D'SNCI huet dofir beispillsweis am Joer 2001 de Prêt au démarrage agefouert, dee 40% vum Basisfinanzement iwwerhëlt ouni Garantien ze fuerderen, sief et da Business-Pläng qui tiennent la route, wéi ee seet. Een Zeeche fir d'Wichtegkeet vun der Zesummenaarbecht vun de PMEen an der SNCI ass sécher deen, dass säit 2000 de Premier Conseiller du Gouvernement vum Mëttelstandsministère mat am Conseil d'administration vun der SNCI sëtzt.

Komme mer nach eng Kéier op d'SNCI zréck, déi fir mech en extrem wichtegt Instrument, eng extrem wichteg Institutioun ass. Si gëtt jo hei am Fong Risikokapital eraus. Ech hunn dat scho viru Joren hei op der Tribün ugefouert, nodeem wou a bestëmmte Rapporten, notamment vun der FEDIL, op den amerikanesche System higewise ginn ass, deen excellent Resultater bruecht huet. Risikokapital ass dat wat ons jonk Betriber brauchen.

An deem Kontext wollt ech nach drun erënneren, dass den 2. September e Projet de loi iwwert d'Société d'investissement en capital à risque, kuerz genannt SICAR, op den Instanzewee gaangen ass. Dat ass och e wichtege Projet fir den Esprit d'entreprise hei am Land unzekuerbelen, virausgesat natierlech, dass den Zougank zu esou Finanzéierungsméiglechkeete fir d'PMEen net ze vill komplizéiert ass.

Wa mer scho vum Esprit d'entreprise schwätzen, da wëll ech bemierken - an dat ass och schonn oft ugeklongen, mä et muss ëmmer erëm ënnerstrach ginn -, dass d'Erzéiung, d'Bildung an d'Weiderbildung, de „lifelong learning", hei natierlech eng wichteg Roll spillen. Mir musse kucken, dass déi Efforten, déi bis elo gemaach si ginn, fir d'Schoul an d'Betriber méi no ze bréngen, nach verstäerkt ginn. Et geet hei net nëmmen drëm fir künfteg Patronen ze formëieren, et geet och haaptsächlech drëm fir déi jonk Leit mol erëm méi ze interesséieren, fir de ganze Secteur attraktiv ze maache fir déi handwierklech Beruffer. Well et gëtt hei zolidd an uerdentlech bezuelten Aarbechtsplazen. Leider gëtt et awer nach vill Elteren, déi dat net esou gesinn.

Här President, selbstverständlech muss sech e Betrib och steierlech rechne fir sech ze rentéieren. Fir de Betriber méi Margen ze loossen, huet dës Regierung konsequent d'Steierbelaaschtunge fir d'Betriber erofgesat, wat hinnen ëm déi 422 Milliounen Euro Erspuernisser bruecht huet. Dat Geld ass also an der Wirtschaft bliwwen an et zweifelt haut keen drun, dass déi Steierreform en absolut richtegt Signal zum absolut richtege Moment war. Dëst war a mengen Aen déi bescht Mesure, déi ee fir de Mëttelstand konnt huelen.

D'Steierbelaaschtung vun de Betriber besteet awer net nëmmen aus Kierperschaftssteier, Gewerbesteier an TVA. Et kommen nach eng ganz Rei vun anere Belaaschtungen dobäi, ob et Gebaier sinn, déi ee muss lounen oder kafen, ob et zousätzlech Investitiounen, Patenter an esou weider sinn; vum Impôt sur la fortune, der Verméigenssteier, guer net ze schwätzen. Och deen Drock, dee sech summéiert, muss erliichtert ginn an dofir gëllt et genee nozekucke wou een dat ka maachen. An et gëllt genee ze kucke wéi een et fäerdeg bréngt eng besser Zesummenaarbecht zwëschent eise verschiddene Steierämter an de PMEen ze kréien.

Zum Beispill bei der TVA, déi misst kënne bezuelt ginn, net à partir du jour de la facture, mä à partir du jour de l'encaissement. Dat géif fir e ganze Koup Betriber manner Liquiditéitsschwieregkeeten a konjunkturell wackelegen Zäiten, déi mer elo hunn, bedeiten.

Eng weider grouss Erausfuerderung fir d'Politik ass et déi sozial Laaschte fir d'Betriber esou déif wéi méiglech ze halen. Dës Regierung ass net dorunner fréckele gaangen an dat war och richteg esou.

Huet een e fairë Steiersystem, dann huet een och Argumenter géint d'Schwaarzaarbecht. Zemools an de Betriber aus dem Mëttelstand fält dësen däregen an deiere Phenomeen op, wéi et d'Kontrollaktioune vun der Douane a vun der Gewerbeinspektioun ëmmer erëm beweisen. D'Confédération du Commerce huet ausgerechent, dass eng bis zwou Milliarden Euro am Joer duerch Schwaarzaarbecht verluere ginn, wat en Ausfall vun 10 bis 20 Milliounen Euro fir d'TVA bedeit. Et kann net sinn, dass auslännesch Entreprisen ongestrooft hei mat net ugemellten Aarbechter schaffe kommen oder zu Dumpingspräisser d'Marchéen hei zu Lëtzebuerg futti maachen an trotz dësem onfairen an destruktive Behuelen nach duerno hei zu Lëtzebuerg Opträg kréien. An deem Kontext begréissen ech d'Reform vun der Gewerbeinspektioun, déi den Här Aarbechtsminister jo viru kuerzem op den Instanzewee bruecht huet.

Ech begréissen och déi sëllechen Efforten, déi am Wirtschaftsministère gemaach gi fir d'Konkurrenzrecht ze ergänzen. E wichtegen Impakt op de Mëttelstand wäert dann och dat neit Gesetz iwwert d'Konkurrenz hunn, wat den 31. Oktober déposéiert ginn ass.

Här President, et géif nach vill ze soen iwwert d'Mesuren an der Ausbildung, der Weiderbildung, der Gesondheet an der Sécherheet op der Aarbechtsplaz, der Recherche-développement an de PMEen, dem Kommodo-Inkommodo. Doniewent déi éiweg Problematik vun den öffentlechen Ausschreiwungen. D'Problemer, wéi maache mer gutt Industriezonë mat Disponibilitéit vu Bauterrainen an dat zu accessible Präisser fir eise Mëttelstand? Wéi gëtt den Accès regléiert? Lauter Sujeten, déi dem Mëttelstand besonnesch um Häerz leien.

Elo nach e puer Wuert zu de Kadergesetzer fir de Mëttelstand, déi am Koalitiounsprogramm vun 1999 annoncéiert goufen. Do ass éischtens dat grousst Kadergesetz fir d'Bäihëllefe fir de Mëttelstand, fir endlech dat veraalte Gesetz vun 1968, wat net méi zäitgeméiss war, ze ersetzen. Endlech gëtt kloer néiergeluecht wien, wat a wéini vum Stat besonnesch ënnert d'Aarm gegraff kritt a wéi dat ze maachen ass. Wa mer dat duerchkréien, waméiglech esou schnell wéi méiglech, dann hu mer e grousse Fortschrëtt gemaach an der moderner Mëttelstandspolitik.

Zweetens ass do d'Reform vum Droit d'établissement. Dat Gesetz datéiert vun 1988. D'Reform vum Gesetz, wat mir amgaange sinn ze aviséieren, bréngt u sech näischt revolutionär Neies, mä si ass extrem wichteg, well si adaptéiert déi bestoend Gesetzgebung op d'Erausfuerderunge vun haut. Si integréiert beispillsweis nei Beruffsgruppen, preziséiert déi benéidegt Qualifikatiounen a mécht d'Prozedure vill méi kloer. Hei si mer an der Kommissioun amgaangen dat ze aviséieren, wéi gesot, a mir passe genau op, dass mer besonnesch déi handwierklech Betriber net an hirer Entfalung an an hirer Diversifikatioun vun den Aktivitéite behënneren.

Här President, den Droit d'établissement besser reglementéieren, dat heescht jo och preventiv Aarbecht leeschte géint Failliten. Schonns jorelaang hunn ech op dëser Tribün ugeprangert, dass mir ze vill Failliten hunn am Land. 2001 eleng waren et der 750, e Rekord, no enger praktesch onënnerbrachener Progressioun säit 1990. D'lescht Joer dunn ass dës Zuel mol erëm eng Kéier ënner 700 gefall. Am November dëst Joer louch d'Zuel vun de Failliten no de Schätzungen awer schonn no bäi 558.

(Interruption)

Bal 1.000 Salariéë si betraff. Dir wësst d'Salariéë si meeschtens net ëmmer eleng betraff, well dat si Schicksaler, déi oft de Misär vun der ganzer Famillje bedeiten. De sozialen Impakt dovunner ass also beträchtlech an et muss ee jo och bedenken, dass d'Faillite vun enger Firma nach anerer ka mat sech zéien. Dat ass dann dee leidege Phenomeen, dee mer kennen, vun de Faillites en cascade.

Vun de verluerenen TVA-Zommen ofgesinn huet d'Sécurité sociale esou missen iwwer zéng Joer op net manner wéi 67 Milliounen Euro duerch Faillitë verzichten. An awer feelt et hei zu Lëtzebuerg nach u konkrete Statistike fir de Phenomeen genau ze erfaassen. Allgemeng gëtt ugeholl, dass déi mangelnd Qualifikatioun vun den Dirigeanten ee vun den Haaptgrënn ass, deen zu kommerzielle Strategiefeeler féiert, déi an engem wirtschaftlech schwieregen Ëmfeld kënne fatal fir d'Entreprise sinn. Kann ee woen dat esou ze behaapten?

Et muss ee sech d'Fro stellen: Wéi wäit ass an de jëtzegen Zäiten dat ekonomescht Ëmfeld selwer entscheedend? Wéi vill Faillitë gi virsätzlech gebaut, vu Luusserte vu Patronen, déi keng Rücksichten huele weder op hiert Personal nach op d'Institutiounen? Wéi vill Faillites frauduleuses gi poursuivéiert? Wéi ass et mat deene Faillites frauduleuses, déi mat Momenter net op eisen nationalen Territoire begrenzt sinn? Dat hei ass oft d'Zeeche vun enger transnational geféierlecher Criminalité économique, déi esou camoufléiert gëtt. Ech begréissen et duerfir, dass mer an absehbarer Zäit de Mandat d'arrêt européen kréien, wou mer och esou Leit, déi wierklech iwwert d'Grenzen eraus Wirtschaftskriminalitéit an engem grousse Mooss maachen an déi vläicht mat aneren Organisations criminelles zesummeschaffen, kënnen um ganzen europäesche Kontinent d'Handwierk leeën.

An enger Äntwert op eng Question parlementaire vum Kolleeg Emile Calmes, dee freet ob een net kënnt wéi an der Belsch eng genee Analys vun de Grënn fir d'Failliten ënnerhuelen, verweist den Här Justizminister op d'Centrale des bilans, déi jo 2005 soll hir Aarbecht ophuelen. Do soll dann endlech a ganz genau analyséiert gi firwat eppes d'Baach eragaangen ass an et soll méi fréi reagéiert kënne ginn.

Elo hu mer awer e Gesetz virleien an deem schonn e ganze Koup vu Mesuren drasti fir d'Failliten ze bekämpfen, ouni dass mer eng sou genannten Ursaachefuerschung gemaach hunn. Et geet menger Meenung net duer, an iwwerhaapt ass et diskutabel, de Capital minimal ze erhéijen, well da riskéiere mer, dass nach manner jonk Leit e Betrib iwwerhaapt ufänken. Et muss een d'Problematik vun der Kreatioun vun den Entreprisen an all senge Facettë betruechten an duerno dann och évitéieren, dass Faillitë kommen. An all senge Facetten, dat heescht d'Formatioun vun den Dirigeanten, d'Uwende vun eise Gesetzer an d'Formatioun vun dem Curateur, dee jo herno muss kucke fir esou gutt wéi méiglech d'Intérête vun de Créancieren an och vun den Instanze vum Lëtzebuerger Stat ze sauvegardéieren.

An deem neie Gesetzesprojet stinn eng ganz Rei vu luewenswäerten Initiativen dran, mä et feelen der och nach eng ganz Rei. Ech wier frou wa mer an den nächste Méint hei an der Chamber kënnten all déi Problematiken diskutéieren an dat waméiglech zesumme mat all deenen Acteuren, déi Dag fir Dag an där Matière um Terrain schaffen.

An deem Kontext wëll ech drun erënneren, dass d'DP d'Aféierung vun der Clause de réserve de propriété gefuerdert hat an dass dat och duerchgesat gouf. An deemselwechte Kontext wëll ech och drun erënneren, dass mer do nach eng Direktiv géint d'Retards de paiement vu Bréissel ëmzesetzen hunn, wat sécher och dozou wäert bäidroe fir de Betrieber temporär finanziell Schwieregkeeten ze erspueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och am Budget 2004 sinn déi öffentlech Investissementer nees héich, trotz konjunktureller Flaut. An deem Punkt féiert dës Regierung hir Politik konsequent weider a kënnt virun allem dem Mëttelstand entgéint. Dëst ass e wichtegt Signal an e Beweis vun der Kontinuitéit vun enger Wirtschaftspolitik, déi sech sécher net un engem Exercice ka festbannen, mä si muss no vir kucken, fir den Opschwonk vun der Ekonomie mat virsiichteger Determinatioun ze anticipéieren.

Wirtschaftspolitik ass Mëttelstandspolitik an et kann ee se net ofgrenzen, dofir muss een och, wann ee wirtschaftlech Décisiounen hëlt, ëmmer en A op de Mëttelstand hunn. Dat huet d'Demokratesch Partei nach ëmmer esou gehalen an dofir hat si och 1999 ënner anerem proposéiert, fir bäi all relevantem Gesetzesprojet eng Fiche d'impact op de Mëttelstand ze maachen. D'DP wäert och mat oppassen, fir dass déi nei Projeten, déi eist Aarbechtsrecht betreffen, esou vill wéi méiglech PME-kompatibel sinn, well d'DP fiert konsequent virun, wéi se dat scho säit laange Jore mécht, sech fir e staarken a performante Mëttelstand anzesetzen, als verlässlech Gréisst fir eis Wirtschaft vu muer. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee kuckt wéi sech de viraussiichtlechen Defizit vum Statsbudget par rapport zum PIB komposéiert, da muss een e puer Feststellunge maachen.

Déi staatlech Verwaltung dréit mat 3,2% Minus dozou bäi an et ass déi éischte Kéier, datt déi staatlech Verwaltung esou negativ Zuelen opweist, d'Gemengen 0,2%, an datt mer iwwerhaapt op 2,3% Defizit par rapport zum PIB kommen ass de Sozialkeesen ze verdanken, déi e Plus vun 1,6% opweisen. An et ass verständlech, well d'Regierung hat an de leschte Joren, wéi et kloer ginn ass, datt mer a finanziell schwiereg Zäite géinge kommen, net dee finanzpoliteschen a budgetspolitesche Courage, fir déi néideg Reformen unzegoen a fir d'Dépensen an de Gréff ze kréien. Et ass eng lamentabel Finanz- a Budgetspolitik vun dëser Regierung, déi een hei muss feststellen an déi doduerch an engem Trickinicki-Budget culminéiert, deen hei scho ganz oft dénoncéiert ginn ass.

Plusieurs voix.- Oh!

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Et gesäit een och, datt hei verschidden Iertümmer gemaach gi sinn, notamment wat d'Politik en faveur vun onser Finanzplaz ugeet. Et weess een ongefëier, datt 70% vum PIB haut direkt oder indirekt vum Bankesecteur ofhänken. Et gëtt fir Lëtzebuerg keng Alternativ zum Bankesecteur. D'Zuel vun de Banke riskéiert vun 170 op 120 erofzegoen, de „private banking" geet zréck a mir musse reagéieren. Mir mussen op nei Nischen zréckgräifen, nei Initiativen huelen an et gesäit een, datt do munches net geschitt ass, datt déi Initiativen, déi vun de Banken erwaart ginn, net komm sinn.

Den Image vun der Finanzplaz ass och schlecht - an ech wäert dorobber zréckkommen -, wou virun allem d'Regierung och eng staark Verantwortung drun dréit. Mir hunn zum Beispill festgestallt, datt ee virun e puer Joer, wéi dës Regierung ugetratt ass, wat d'Kreatioun vun Investmentfongen ugeet, wat eng vun deene grousse Spezialitéite vun der Finanzplaz ass, konnt en Investmentfong innerhalb vun dräi Woche grënnen. Déiselwecht Zäit waren an Däitschland, fir esou en Investmentfong ze grënnen, sechs Méint néideg. Haut si mer an enger ëmgekéierter Situatioun. Haut tendéiert bal all Autorisatioun bis zu sechs Méint ze daueren, während Däitschland reagéiert huet an do d'Autorisatiounen innerhalb vun dräi Wochen erauskommen. Dat ass eppes wat ganz konkret ass a wou dës Regierung mat hirer Reorganisatioun, mat hirem Formalismus hei ganz vill Schued der lëtzebuergescher Bankeplaz mécht.

En anere Problem, deen ee muss uschneiden, ass dee vun der TVA. D'Banke mussen d'TVA hire Maisons-mères urechnen; déi kënnen se net offéieren an doduerch ass Lëtzebuerg net kompetitiv. An anere Länner besteet déi Obligatioun vun der TVA-Urechnung net. An et ass anscheinend e Règlement grand-ducal an der Virbereedung an et dauert elo iwwert e Joer, datt de Regierungsrot soll doriwwer befannen an et ass net geschitt an et gesäit een och do eng Négligence.

Da sollte Gesetzesprojeten, wéi d'Titrisatioun, d'Méiglechkeet vu Schafe vu SICARen, Sociétés d'investissement à capital risque, déi ganz wichteg si fir eise Mëttelstand, gemaach ginn. An datt déi Législatioun elo zënter zwee Joer an der Maach ass an datt näischt geschitt, ech mengen, do gesäit ee ganz konkret, datt dës Regierung net méi vill iwwreg huet fir dës Bankeplaz, datt se déi Aarbecht, déi se misst maachen, net mécht an doduerjer ginn natierlech ganz vill Mëssstëmmunge bei de Banken unhängeg. An an engem Ableck wou sou villes um Spill steet fir eis Bankeplaz, fir eist Land, sinn déi Négligencë vun der Regierung onverantwortlech.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, firwat mer verschidden Imagen, verschidde Reaktiounen hunn, firwat verschidde Leit an der Regierung all Kéiers aner Aussoe maache wann et ëm d'Bankeplaz

geet. Eng Kéier ass et den Här Budgetsminister, den Här Frieden, eng Kéier den Här Juncker, dann d'Madame Polfer, dann den Här Grethen an all Kéiers gi verschidden Aussoe gemaach. Wann een d'Beispill vun Irland kuckt, da gesäit een, datt do e ganzt Konzept hannendru steet, wéi een déi Finanzplaz kann no baussen hin erklären, verteidegen, explizéieren an den Image verbesseren. Dat ass och e Punkt, deen hei feelt, an dee vu sämtleche Banken hei zu Lëtzebuerg bedauert gëtt, datt d'Regierung do hir Aarbecht net mécht.

En anere Punkt ass - an ech si frou, datt den Här Minister, Statssekretär vun der Fonction publique a vun der Réforme administrative do ass -, datt dës Regierung verfeelt huet, fir eng Réforme administrative unzegoen. Well dat ass deen eenzege Moyen oder dee wesentleche Moyen fir d'Dépensen an de Grëff ze kréien. Nach ëmmer huet de Stat eng hierarchesch Struktur, nach ëmmer huet déi formal juristesch Kontroll d'Prioritéit an et gesäit een, datt an anere Länner, wou modern Reformen duerchgezu gi sinn, wéi an Holland, wéi a Frankräich, op eng méi kolleegial Aarbecht geschafft gëtt an datt net méi déi formal juristesch Kontroll d'Prioritéit huet, mä d'Kontroll vun de Resultater, an datt déi ganz Organisatioun dorobber opgebaut ginn ass an datt de ganzen Droit administratif dorobberhi reformiéert ginn ass.

Als ADR hu mer do konkret Propositioune gemaach. Mir stelle just fest, datt dës Regierung an dëser Zäit zwar Politik fir d'Fonction publique gemaach huet andeem se d'Gehälter geheicht huet, mä d'Réforme administrative, eng fundamental Réforme administrative ass net ugehaange ginn.

Um Niveau vun de Steieren hu mer ëmmer gesot, datt mer fir Steierreduzéierunge wären an dofir hu mer och déi Propositioune vun der Regierung ënnerstëtzt. Mir hunn awer gläichzäiteg gesot, datt hei mat deene Reduzéierungen, déi gemaach gi sinn, d'Geleeënheet verpasst ginn ass, fir Steiergerechtegkeet anzeféieren, an datt och d'Geleeënheet verpasst ginn ass fir eist Steierrecht ze vereinfachen.

Als ADR hu mir virgeschloen, datt nëmme méi dräi Tauxen zréckbehale sollte ginn, datt d'Abattementer, d'Fräibeträg duerch Crédits d'impôts sollen ersat ginn - wat haaptsächlech de mëttlere Revenuen an de klengere Revenuen zegutt kënnt -, an datt mer sollte fir déi Leit, déi net profitéiert hunn, op d'Negativsteier kënnen zréckgräifen.

Dat waren e puer vun deene Remarken, déi ech wollt maachen, fir genau d'Verfeelunge vun dëser Regierung kënnen ënner Beweis ze stellen an där kuerzer Zäit, déi mer zur Verfügung steet. An da wëll ech och nach en Amendement déposéieren zu der Loi budgétaire, wou mer verlaangen, datt déi Droits d'accise op dem Tubak net an de Statsbudget fléissen, mä datt déi de Krankekeese sollen zegutt kommen, fir deenen hiren Defizit ze decken.

Amendement 3

L'article 7.- Droit d'accise et droit d'accise autonome sur les tabacs manufacturés - est complété par le paragraphe (10) suivant:

«(10) Les recettes supplémentaires résultant des augmentations des droits d'accise conformément aux paragraphes (1) à (9) ci-dessus sont affectées aux recettes des caisses de maladie au titre de contribution santé.»

La loi budgétaire est amendée comme suit:

«36.012/13.60/Droits d'accise autonome luxembourgeois sur les cigarettes/Budget 2004: 33.000.000»

Budget pour ordre

Recette pour ordre

Contribution santé à verser aux caisses de maladie 24.000.000

Dépenses pour ordre

Contribution santé versée aux caisses de maladie 24.000.000

(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Norbert Haupert agedroen. Den Här Haupert huet d'Wuert.

(Interruption)

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Här Gibéryen, kann ech ufänken, jo?

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Selbstverständlech.

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, bei der Opstellung vum Statsbudget ass et esou wéi an engem Stot, dofir schwätzen och eis däitsch Nopere vun enger Haushaltsdebatt an net vun enger Budgetsdebatt. An deem Stot spillt de Budgetsminister d'Roll vum Chef de ménage, also an deene meeschte Fäll vun dem Mann, an hie kuckt déi zwee Enner esou gutt wéi méiglech zesummenzekréien. De Finanzminister ass deen, deen d'Suen iwwert de Wee vun de Steiere soll erbäiféieren, an déi aner Ministere stellen esou wéi d'Kanner an engem Stot hir Usprëch wat se brauchen a wat se gäre géifen ausgi fir hir Politik ze realiséieren.

De Budget vum Stat huet also, esou wéi dat an engem Stot de Fall ass, zwee wichteg Voleten: engersäits d'Recetten, déi also gréisstendeels iwwert de Wee vun de Steieren erakommen, an anerersäits d'Ausgaben, déi d'Realisatioun vun der Politik vun deenen eenzelne Ministere solle garantéieren. Ech wëll a menger Interventioun haut haaptsächlech op d'Recetten agoen an zwar kucke wéi déi Recetten an de leschte Joren evoluéiert hunn an dat besonnesch aus der Siicht vun deene verschidde Steierreformen, déi mer jo am Joer 2001 an 2002 duerchgezunn hunn, awer och aus der Siicht vun dem Avis vun der Cour des Comptes, déi jo besonnesch an deem Deel vun hirem Avis en detailléierte Bericht ofginn huet, wat d'Evolutioun vun deene Recetten ubelaangt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Da wéilt ech nach, wa mer nach Zäit bleift, och kuerz op dem Jean-Marie Halsdorf säi Rapport, deem ech iwwregens fir den excellentë Rapport hei wëll félicitéieren, op deen Deel wat seng Iwwerleeungen iwwert d'Infrastrukturpolitik vun der Regierung ubelaangt agoen, besonnesch well déi Infrastrukturpolitik jo wesentlech zu der Kompetitivitéit vum Standuert vu Lëtzebuerg bäidroe soll an domat och eis Steierrecettë soll hëllefen ofsécheren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Steierrecetten ubelaangt, sou wëll ech se wéi gesot éischtens aus der Siicht vun deene Steierreformen an awer och aus den Iwwerleeungen, déi d'Cour des Comptes zu deene Recettë gemaach huet, hei beliichten. Hei e kuerze Rappel wat déi zwou Steierreforme mat sech bruecht hunn.

Éischtens d'Reform vun 2001 huet exklusiv de Steierbarème vun de physesche Persoune betraff. Dat heescht also déi Leit, déi Lounemfänger sinn, déi selbststänneg Commerçanten, Industrieller, Handwierker oder Fräiberuffler sinn. Zweetens d'Reform vun 2002 huet eng weider Upassung vun dem Steierbarème vun de physesche Persoune beinhaltet, verschidde Fräibeträg erhéicht, ënner anerem dee vun der Assurance prévoyance-vieillesse, an awer och, an dat ass wichteg, eng Steiersenkung vum Steiersaz vun de Kapitalgesellschafte vun 30 op 22% bewiirkt an och nach eng aner Ëmverdeelung vun der Imputatioun wat den Impôt sur la fortune vun deene Gesellschaften ubelaangt.

Wat waren d'Ziler vun deenen zwou Reformen? Éischtens emol eng gesond Finanzpolitik vu Säite vun der Regierung ze féieren, déi dora besteet net méi Steiere vun de Contribuablen ofzeverlaange wéi de Stat se brauch fir ze funktionéieren a seng Ëmverdeelung ze assuréieren. Op Grond vu laangjährege Plus-valuen, déi eis Fongen a Reserve fürstlech dotéiert haten, war esou eng Reform méi wéi ubruecht.

En zweet Zil vun der Steierreform, an dat war dat wichtegst, huet dora bestanen, datt eis Regierung an engem Moment, wou et eis nach gutt goung an aner Länner scho matsen an der Krisis drastoungen, e wichtegt Signal wollt setzen an duerch d'Erofsetze vun de Steieren d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft wollt stäerken, doduerch dass eis Betriber nei Investissementer kéinte maachen, an doduerch Aarbechtsplazen ze erhalen oder nei ze schafen an d'Kafkraaft vun eise Bierger ze stäerken, fir datt d'Nofro um Maart kéint erhale bleiwen. Dat war och am Intérêt vun de Kleng- a Mëttelbetriber, deenen hir Steierlaascht zum Beispill bei engem besteierbare Benefiss vu 5 Milliounen aler Lëtzebuerger Frange vun 31,7% op 24,5% erofgaangen ass a bei engem Benefiss vun 10 Millioune Lëtzebuerger Frange vun 41% op 33,3% gesenkt konnt ginn. Wann da verschidde Leit heibanne gemengt hunn et wier an der leschter Zäit näischt fir déi Kleng- a Mëttelbetriber gemaach ginn, da géing ech deene rode mol mat de Patronen ze schwätzen ob se net mat eiser Politik zefridde sinn.

An deene laange Joren, wou ech am Mëttelstandsministère geschafft hunn, konnt ech ëmmer nëmme feststellen, datt de Mëttelstand ëmmer erëm nei ellelaang, wéi gesot ginn ass, Fuerderungskatalogen ervirbruecht huet. A wa mer eng Lëscht oder ee Katalog ofgehaakt haten, dann hu se nees erëm en neien aus dem Hutt gezunn.

(Interruption)

Dat well d'Patronen - Ah jo, Här Fayot! -, déi sinn nämlech ganz staark an hiren Iddien an an hirer Imaginatioun. Déi si jo keng Beamten, déi si jo am Fong geholl Entrepreneuren. Si si besonnesch kreativ a wa se eng Fuerderung erfëllt kritt hunn, da sinn se erëm séier do fir nei Wënsch op hir Lëscht ze setzen. An ech wëll deene Leit wënschen, déi besonnesch sech esou staark hei fir de Mëttelstand asetzen, datt se mol eng Kéier d'Responsabilitéit an deem Ministère, deen iwwregens ganz interessant ass, sollen iwwerhuelen a sech da wierklech un deenen ellelaange Fuerderungskataloge vun de Kleng- a Mëttelbetriber kënnen ergötzen.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Dat ass fir d'Mëttelstandspartei, d'DP, ne?

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Och fir eis. Mir setzen eis jo och fir déi an.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Steierreforme goufen awer net zum Nulltarif duerchgefouert. D'Reform vun 2001 huet eng Steierabouss vun 250 Milliounen Euro bewiirkt an d'Reform vun de Steiere fir physesch Persoune vun 2002 huet nach eng Kéier en Déchet fiscal vun 175 Milliounen Euro mat sech bruecht. Dat mécht also fir déi Joren 2002 an duerno e Steierverloscht vu 425 Milliounen Euro pro Joer aus, déi sech besonnesch op dem Impôt sur salaires et traitements an dem Impôt sur le revenu par voie d'assiette néierschloen. D'Mesuren zugonschte vun de Kapitalgesellschaften hunn eng Steierabouss vun 340 Milliounen d'Joer bewiirkt, wouvun d'Halschent op de Kont vun der Akommessteier vun de Kollektivitéiten an déi aner Halschent op de Kont vun hirer Kapitalsteier geet.

Et sief nach drun ze erënneren, datt och nach eng Reduktioun vun dem Taux vun der Taxe d'abonnement duerchgefouert gouf, déi en Déchet vu 60 Millioune bewiirkt huet. Dat mécht zesummen eng jährlech Abouss vun 825 Milliounen aus, do sinn déi Accessoiremoossnamen emol net mat agerechent an och net d'Senkung vun der Gewerbesteier, déi d'Statskeess jo net beréiert. Dat maache fir déi dräi Joer 2001 bis 2003 1,9 Milliarde Steierdécheten aus oder ëmgerechent 80 Milliarden aler Lëtzebuerger Frangen, déi de Stat also manner an d'Keess kritt, an déi de Betriber fir méi Investissementer an eise Stéit fir méi Ausgaben an domat dem Intérêt vun eiser Gesamtwirtschaft zegutt kommen.

D'Fro, déi sech opdrängt, ass déi: Wat wier geschitt wa mer déi Steierreformen net duerchgezunn hätten? Éischtens, dann hätte mer mat Sécherheet, wa mer d'Budgetsjoer 2004 mat abezéien, 2,7 Milliarden Euro méi Steiereinnahmen an der Statskeess. Zweetens, dann hätten awer och mat Sécherheet eis Betriber an eis Stéit déi 2,7 Milliarden Euro manner zur Verfügung gehat fir ze investéieren, respektiv ze consommeieren, wat zur Verschlechterung vun eiser Wirtschaft an zu Verloschter vun Aarbechtsplaze gefouert hätt.

Drëttens hätte mir vläicht 2,7 Milliarde méi an de Reserven, déi mer zu weidere Kapitalinvestissementer hätte kënne gebrauchen. Et hätt awer och kënne sinn, datt de Budgetsminister dem Appetit vu senge Ministerkolleegen net hätt kënne widderstoen an datt een Deel vun deenen 2,7 Milliarde weider an de Konsum gestach gi wär, wat eis Problemer oder him seng Problemer, fir déi zwee Enner zesummenzekréien, dëst Joer nach méi grouss gemaach hätten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi hunn elo déi eenzel Steieren op déi Steierreformen a besonnesch op déi Verschlechterung vun der wirtschaftlecher Situatioun reagéiert?

Éischtens, wat den Impôt sur salaires et traitements ubelaangt, also déi Steier, déi direkt op esou eng Reform reagéiert, well jo de Barème direkt beim Ausbezuele vun der éischter Pai kann applizéiert ginn. Et muss een awer och betounen, datt déi Steier net alleng vum Taux vun dem Barème ofhänkt, mä och nach vun anere Facteuren, wéi d'Entwécklung vun der Beschäftegung, d'Entwécklung vun de Gehälter oder och nach d'Entwécklung vum Index.

Am Joer 2000 hate mer do eng Steierrecette vun 1.166.000.000, déi ass 2002 op 1.127.000.000 zréckgaangen an 2004 gëtt se op 1.225.000.000 geschat, also wat e Plus vu 25 Millioune par rapport zum Steierjoer 2001 ausmécht. Trotz grousse Steiererliichterunge kann een also hei keng laangfristeg grouss Abousse feststellen. Deeselwechte Phenomeen konnte mer iwwregens bei de Steierreforme vun 1991 an 1998 feststellen. An do war déi wirtschaftlech Lag nach vill besser wéi se haut ass an d'Reform war net esou déif gräifend wéi déi vun 2001 a vun 2002.

Zweetens, wat d'Steier, déi par voie d'assiette erhuewe gëtt, ubelaangt, dat heescht déi Steier ënnert déi physesch Persoune falen, déi all Joers eng Steiererklärung ofgi mussen; dat si virun allem d'Commerçanten, d'Handwierker, d'Industrieller an déi Fräiberuffler. Hei mécht sech den Effet vun der Steierreform eréischt méi spéit bemierkbar, well jo d'Besteierung vun engem Joer eréischt fréistens an deem Joer duerno geschéie kann.

Hei kënne mer folgend Evolutioun feststellen: am Joer 2000 an 2001 hate mer do eng Steierrecette vun all Kéiers 255 Milliounen Euro. Déi ass am Joer 2002 op 264 Milliounen an d'Luucht gaangen. 2003 gëtt se op 266 Millioune geschat a fir d'Budgetsjoer 2004 goufen 240 Milliounen Euro agesat, wat also 26 Millioune manner duerstelle wéi d'Joer 2003, respektiv 24 Millioune manner wéi d'Joer 2002. Och hei stelle mer eng ähnlech Evolutioun wéi bei der Reform vun 1998 fest, wou mer am Joer 1999 en Déchet fiscal vu 16 Milliounen Euro haten, deen eréischt am Joer 2001 konnt opgefaange ginn. Mir stellen also fest, datt d'Recettë vun deenen zwou Steieren nëmme liicht Abousse verzeechnen, trotz enger Steiererliichterung vu 425 Milliounen Euro d'Joer.

Drëttens, wat den Impôt sur le revenu des collectivités, dat heescht d'Steieren, déi um Benefiss vun de Kapitalgesellschaften erhuewe ginn, ubelaangt, sou muss een och hei ënnersträichen, dass déi Steier jo eréischt méi spéit op d'Reform reagéiert. Déi Steier stellt iwwregens mat der Lounsteier an der TVA dee gréissten Deel vun eise Steierrecetten duer. Déi Steier reagéiert also zwee bis dräi Joer méi spéit op esou eng Reform, esou datt mer dëst Joer am Fong geholl nach d'Steiere vun deene fette Joren eranzéien.

D'Reform ka sech awer schonns deelweis - an dat muss een och bemierken - direkt auswierken op déi Jore wou mer haut dra sinn, well d'Gesellschaften op Grond vun der Baisse vun dem Steiersaz eng Reduktioun vun hiren Avancë kënne bei der Steierverwaltung ufroen.

D'Evolutioun vun där Steier gesäit folgendermoosse aus: am Joer 2000 hu mer do 1.008.000.000 Euro Steieren eragezunn, 2001 waren et der 1.124.000.000, am Budget vum Joer 2003 waren 1,4 Milliarde virgesinn - d'Cour des Comptes awer schätzt déi Recetten nëmmen op 1.187.000.000 - a fir d'Joer 2004 huet de Budgetsminister 1.115.000.000 agesat, wat eng Minusrecette vun 197 Millioune géigeniwwer vum Joer 2002 duerstellt. 2002 goufen 113 Milliounen Euro méi Steieren eragezu wéi am Budget virgesi waren an dat ass bedéngt duerch den Undeel vun de Soldë vun deene Jore virdrun, dee vu 405 Milliounen am Joer 2001 op 589 Milliounen Euro am Joer 2002, also ëm 184 Milliounen Euro, gestiegen ass.

Et muss een awer och bedenken, datt bei der Reform vun 2002 eng Steierabouss vu mindestens 170 Milliounen Euro am Impôt sur le revenu des collectivités geschat gouf. Och déi Steier huet, ähnlech wéi bei vergaangene Reformen, reagéiert. Sou zum Beispill bei der Reform vun 1991, wou den Taux vun der Steier vun 34% op 33% erofgesat ginn ass, do ass déi Steier vun 375 Milliounen Euro aus dem Joer 1990 op 365 Milliounen am Joer 1991 an esouguer op 330 Milliounen am Joer 1992 gefall, an duerno ass se erëm staark geklomm. Dobäi war déi Reform vun 1991 net esou déif gräifend wéi déi vun 2002 an d'Konjunktur war jo vill besser wéi dat dëst Joer de Fall war.

Datt d'Cour des Comptes op dee Phenomeen vun dem Anzéie vun de Steiersolden aus deene viregte Joren hiweist, ass hir Flicht an et ass och fir déi Leit, déi sech mat Steierfroen ofginn, wichteg, well déi Soldë jo an engem gewëssene Sënn verstoppte Reserven duerstellen, déi awer net éiweg kënnen ugezaapt ginn.

D'Virgoe vun der Regierung ass awer net ze kritiséieren, am Géigendeel. Wann d'Regierung sech trotz kriddelegen Zäite net beméit

hätt d'Steierausstänn eranzedreiwen, dann hätt ee se kënnen zur Rechenschaft zéien an dann hätt ech gären d'Oppositioun heibanne gehéiert - an dat och mat Recht.

Alles an allem kann een also soen, datt trotz massiver Steiererliichterung d'Evolutioun vun eise Steieren ähnlech verleeft wéi bei ähnleche Reformen a vergaangene Joren. Dofir, och wann d'Situatioun eescht ass, sou däerf ee se awer net dramatiséieren.

Dat war deen Deel vu mengem Rapport, wat d'Evolutioun vun dem Stat senge wichtege Recetten ubelaangt, an dat aus der Siicht vun der Steierreform.

Eng gesond Regierungspolitik muss awer och esou ausgeriicht ginn, datt se d'Recettë vum Stat an der Zukunft och ofséchere kann an datt se ofgeséchert bleiwen. Dozou gehéieren deen néidege gesetzleche Kader an dat souwuel wat de wirtschaftleche wéi och wat de steierlechen Aspekt ubelaangt.

Une voix.- Très bien.

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Hei wollt ech besonnesch op d'Gesetz iwwert d'Ëmsetze vun der Direktiv iwwert d'TVA vun den elektroneschen Déngschtleeschtungen hiweisen, dat mer jo am leschte Summer hei gestëmmt hunn, an dat zéng Deeg nodeems de Conseil d'État säin Avis dozou ofginn huet. Dat ass de Beweis wéi schnell mer also - an ech mengen ech hat och beim Rapport zu deem Gesetz de Merci un d'Oppositioun weiderginn -, mat der Hëllef vun der Oppositioun, dat Gesetz hei konnten duerchzéien, wat bedéngt huet, datt d'AOL och kuerzfristeg décidéiert huet, fir sech hei bei eis am Land nidderzeloossen an d'Effeten op eis Recetten hu sech scho bemierkbar gemaach, well an deenen dräi Méint wou sech d'AOL bis elo hei bei eis niddergelooss huet, konnte scho Recettë vun iwwer 30 Milliounen Euro an d'Statskeess erafléissen.

Awer d'AOL ass net nëmme komm wéinst eisem niddrege TVA-Saz, si ass och komm, well se déi néideg Infrastrukturen, an dat besonnesch am Beräich vun den neien Technologien, awer och dat néidegt wirtschaftlecht Ëmfeld fonnt hunn, besonnesch duerch d'Presenz vu gréisseren a moderne Gesellschaften am Informatiounsberäich, sou wéi der SES. Zu deenen attraktiven Infrastrukturen ziele mer natierlech och - an do wëll ech och op dem Jean-Marie Halsdorf säi Rapport, oder op deen Deel vu sengem Rapport agoen - d'Transportinfrastrukturen.

An der Communautéit vu sechs, vun aacht oder och nach vu 15 Länner war Lëtzebuerg souzesoen am Zentrum vun Europa. Ausser vu gudden Ubannungen un dat internationaalt Stroossen- oder Autobunnsnetz, hate mer an deem Beräich am Fong geholl net allze vill opzeweisen. Et ass awer esou, datt déi grouss wirtschaftlech Zentre sech ëmmer erëm ëm d'Knotepunkte vu grousse Verkéiersachse gebilt hunn an datt besonnesch an der heiteger Zäit vun enger Globaliséierung a vu schnellen Décisiounen, déi mussen am Beräich vun der Ekonomie geholl ginn, schnell a kammoud Verbindungen zu aneren Entwécklungspolen eng wichteg Tromp duerstellen.

Wa Lëtzebuerg also, an de Rapporteur huet dorobber higewisen, als europäesch Haaptstad wëllt weiderbestoen a besonnesch an der Finanzwelt deen Zenter weider wëllt spillen, deen et bis elo ageholl huet, da musse mer eis Verbindungen iwwert den Zuch an och iwwert de Fliger mat deenen aneren europäeschen Haaptstied a besonnesch mat deenen anere Finanzzentre verbesseren.

Ech sinn also do mam Budgetsrapporteur d'accord, wann en op déi Problematik hiweist, besonnesch wann een an de leschten Deeg och an den Zeitunge konnt liesen, datt erëm d'Bestriewungen an Europa, a besonnesch bei de Beamten, wakerech ginn, Bestriewunge fir d'Europaparlament ganz op Bréissel ze verleeën, wat natierlech zum Nodeel vu Stroossbuerg a vu Lëtzebuerg wär, dat besonnesch well se ëmmer erëm op déi schlecht Verbindunge vu Stroossbuerg a vu Lëtzebuerg mat Bréissel hiweisen. An déi Leit, déi am Conseil de l'Europe sinn, déi wëssen, datt d'Membere vum Conseil de l'Europe sech och all Kéiers beschwéieren iwwert déi schlecht Flugverbindungen, déi se momentan mat Stroossbuerg hunn. An ech mengen, datt datselwecht wat fir Stroossbuerg zielt, och fir Lëtzebuerg geltend ass.

Dofir kann een och nëmmen d'Ubannung vu Lëtzebuerg un den TGV Est begréissen. Wann och tëschent Baudrecourt a Lëtzebuerg den TGV net mat der grousser Vitesse vun engem TGV kann zirkuléieren, sou gëtt awer d'Zäit, déi ee brauch fir vu Lëtzebuerg op Paräis ze fueren, wesentlech verréngert. Doduerch kann den Zuch eng gutt Alternativ zum Fliger a sécherlech och zum Auto duerstellen. Wann een dann d'Streck tëschent Lëtzebuerg a Bréissel nach kënnt verbesseren, da wären d'Verbindungen tëschent Bréissel, Lëtzebuerg a Stroossbuerg wesentlech méi schnell gestallt. Dat géing zu enger grousser Verbesserung fir déi dräi Europazentre bäidroen, wat am Fong geholl déi dräi Stied Stroossbuerg, Lëtzebuerg a Bréissel als Europazentren nëmme kënnt opbesseren.

De Budgetsrapporteur huet Recht wann hie seet, datt déi Problemer do net eleng vu Lëtzebuerg kënne geléist ginn an och déi Onkäschten, déi hir Léisung mat sech bréngt, net eleng vun der Belsch a vu Frankräich kënne gedroe ginn. Dofir ass Lëtzebuerg och bereet gewiescht fir um Finanzement vun dem TGV Est e wesentleche Bäitrag bäizesteieren. Mir hu jo am leschte Summer eng Enveloppe vun 117 Milliounen Euro fir d'Verbesserung vun der Streck tëschent Lëtzebuerg a Baudrecourt hei votéiert.

An och an de Gespréicher, an dat soll een hei ënnersträichen, déi de Moment op europäeschem Plang gefouert ginn, besonnesch am Kader vum Groupe d'experts à haut niveau, dat ass dee Grupp, dee sech also ëm en europäesche Schéma directeur iwwert den Ausbau vun dem europäeschen TGV-Réseau soll bekëmmeren, gouf de Projet vun der Streck Lëtzebuerg, Bréissel a Stroossbuerg an d'Prioritéitslëscht opgeholl an doduerch soll och d'Kommissioun oder d'Europäesch Unioun zu dem Finanzement vun där Streck bäidroen.

An enger éischter Phas soll Lëtzebuerg also un den TGV Est op Baudrecourt ugebonne ginn an den TGV Est soll och vu Baudrecourt weider op Stroossbuerg ausgedehnt ginn, wat zu enger wesentlecher Verkierzung vun der Streck Lëtzebuerg-Stroossbuerg géif bäidroen. An engem zweeten Deel soll d'Streck vu Lëtzebuerg op Bréissel moderniséiert gi fir d'Faartzäit vu Bréissel op Lëtzebuerg vun zwou an enger hallwer Stonn op annerhallef Stonn erofzesetzen.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Wéini soll dat da sinn, Här Haupert?

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Ma dat soll bis zum Joer 2007-2008 duerchgezu ginn. Mir mussen och emol un déi Saach gleewen, soss kënne mer se jo net realiséieren a besonnesch déi Leit, déi op Stroossbuerg fueren, déi gesi wierklech doran e groussen Intérêt.

Une voix.- Dat ass total cool.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Also mir gleewen drun, awer mat engem gewësse pessimisteschen Optimismus.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.-* Très bien. Nous prenons note.

(Interruptions)

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Ech mengen awer, Här Fayot, datt et wierklech am Intérêt, net nëmme vu Lëtzebuerg, mä och am Intérêt vu Stroossbuerg wär, wa Frankräich a Lëtzebuerg hir Energië kënnte bündelen, da kënnte mer d'Belsch och dozou bréngen, fir mat deene Projeten do d'accord ze sinn. An ech mengen, wann dee Comité d'experts oder dee Groupe d'experts jo dee Projet schonn op seng Prioritéitslëscht geholl huet, da bestinn awer ganz grouss Aussiichten, datt deen esou séier wéi méiglech kann duerchgezu ginn.

Wa mer et dann och nach géinge fäerdeg bréngen, datt mer eis Nordstreck esou géingen ausbauen, datt mer och mam TGV bis op Léck kënnte fueren an dann d'Verbindung Paräis-Bréissel-Léck, déi weidergeet bis op Köln an dann op Frankfurt, dann hätte mer och nach eng Ubindung un dat TGV-Netz. Ech mengen, da wär Lëtzebuerg relativ gutt un dat internationaalt TGV-Netz ugebonnen.

Dat géif natierlech verschidden Transporter oder Fluglinnen no Bréissel, no Stroossbuerg a besonnesch no Paräis konkurrenzéieren, déi natierlech da kënnten ofgebaut ginn, wat zu der Entlaaschtung vun eisem Flughafe kënnt bäidroen a wou mer da kënnten aner Linnen ophuelen.

Wann ech och net mam Rapporteur d'accord sinn, datt mer onbedéngt all europäesch Haaptstad oder all aner kleng Stied an dem Ausland mussen ufléien, da sinn ech awer mat him d'accord, dass een de Lëtzebuerger Flughafen zu engem internationale Flughafe misst kënnen ausbauen. Wat déi Fluglinnen, déi de Rapporteur virgesäit, ubelaangt, déi si jo net eleng vun eisem Wëllen ofhängeg, mä si si besonnesch ofhängeg vun der Rentabilitéit vun deene Linne fir déi Fluggesellschaften, déi se solle bedreiwen. Dat eenzegt wat mer kënnen an deem Sënn maachen, dat ass, datt mer deenen auslännesche Gesellschaften déi néideg Landeerlabnisser ginn, fir Lëtzebuerg kënnen unzefléien.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Hat Der dat do och schonn an der Koalitioun mam Här Helminger diskutéiert.

(Interruption)

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Ech soen hei dat wat ech menge wat de Lëtzebuerger Flughafe misst duerstellen, fir datt Lëtzebuerg an Zukunft wierklech eng europäesch Haaptstad ka bleiwen an datt mer eis och als Finanzzentrum kënne behaapten. Ech mengen, wa mer do déi Verbindungen zu aneren europäeschen Zentren net ausbauen, da musse mer mat a Kaf huelen, datt mer an Zukunft nëmme méi Provënzstad wëlle ginn.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Mä Dir sidd jo awer an der CSV an d'DP ass mat lech an enger Koalitioun an d'DP huet den Transportminister an Dir sidd jo awer an der Regierung fir ze agéieren an net nëmme fir ze soe wat Är Meenung ass.

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Här Fayot, frot emol den Transportminister, ob en och onbedéngt mat der Meenung vun der Stad Lëtzebuerg d'accord ass, fir de Findel op d'Äis ze leeën.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Dat ass déiselwecht Koalitioun an der Stad Lëtzebuerg wéi an der Regierung an dat sinn zum Deel déiselwecht Leit, sinn déi dann an där Hiiicht schizophren? Ech verstinn dat net. Dat musst Der mer erkläre.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Här Fayot, et kann een do verschiddener Meenung sinn an ech mengen…

(Interruption)

Ma ech hu jo meng Meenung gesot.

M. Lucien Clement *(CSV).-* Här Haupert, den Här Fayot ass och net ëmmer d'accord mam Här Goebbels; dat kënnt an deene beschte Famillje vir.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här Clement, den Här Goebbels an ech sinn net an enger Regierung, mä Dir sidd an der Regierung, Dir féiert d'Land a vun deem wat Dir maacht, hänkt d'Zukunft vum Land of.

(Coups de cloche de la Présidence et brouhaha général)

M. le Président.- Här Fayot, ech géing lech bieden nozelauschteren.

M. Norbert Haupert *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ëmmerhin esou, dass et fir Lëtzebuerg wichteg ass, datt mer interessant, bequem a gutt Verbindungen zu deenen aneren europäeschen Haaptstied an zu deene grousse wichtege Wirtschaftszentren hunn an dat am Intérêt vun eiser Wirtschaft a besonnesch am Intérêt vu Lëtzebuerg als Europahaaptstad.

An an Ärem Intérêt halen ech elo op a soen lech merci, datt Der mer nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo bewosst, dass déi allgemeng wirtschaftlech Lag sech hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren däitlech verschlechtert huet.

Scho säit 1996 hunn d'Gemengen dozou bäigedroen, fir der Wirtschaft ënnert d'Aarm ze gräifen an dat mam Stat zesummen. Fir d'éischt 1996 waren d'Gemenge mat der Erhéijung vum Abattement d'accord an, ënnert der Konditioun vu verschiddene Kompensatiounen, fir d'Gewerbekapitalsteier ofzeschafen. Dat huet mat sech bruecht, datt d'Gemengerecetten, déi aus der Gewerbesteier komm sinn an e wesentlechen Deel an de Gemengebudgeten duerstellen, erofgaange sinn ouni integral kompenséiert ze ginn.

D'Senkung vun den Akommessteiere fir d'Privatpersounen hunn d'Gemenge selbstverständlech och gespuert. Ëmmerhi gëtt d'Dotatioun vum Fonds communal de dotation financière mat 18% vun där Akommessteier berechent an et ass logesch, datt duerch manner Akommessteieren d'Mass vun der Dotatioun erofgeet a mithin och manner un d'Gemenge ka verdeelt ginn.

Op där anerer Säit ass deen doduerch erwaarte Konsum net esou wéi erwaart an d'Luucht gaangen an et konnt op der TVA net alles erëmgewonne ginn; d'TVA, déi och en Element vun der Berechnung vun der Dotatioun ass.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

De Législateur huet also Gesetzer gestëmmt, déi eng direkt Diminutioun vu Recettë mat sech bruecht hunn, ouni datt Konventiounsmoossnamen d'Déchete komplett ausgewëscht hunn. Fir d'lescht ass am Juli 2001 Appel un d'Gemenge gemaach gi fir mam Stat zesummen Efforten ze maachen, fir d'Kompetitivitéit vun de lëtzebuergeschen Entreprisen a vu Lëtzebuerg bäizebehalen an ze verstäerken. Dat, andeem datt d'Gemenge sollten zu enger weiderer Modulatioun vun der Gewerbesteier bereet sinn an zwar besonnesch duerch d'Senkung vum Taux d'assiette vu 4 op 3%. D'Gemenge waren och, ënnert bestëmmte Konditiounen, d'accord, fir mat op dee Wee ze goe fir d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze verbesseren.

Am Oktober 2001 sinn de Syvicol, d'Gemengen an de Stat zu engem Accord komm an dat, well d'Regierung hinnen deemools e glafwierdegt Versprieche gemaach hat. Si hat nämlech an engem Bréif vum 3. August 2001 geschriwwen, ënnerzeechent vum zoustännegen Innenminister a vum Stats- a Finanzminister, an deem Syvicol gesot kritt huet: 1. kuerzfristeg géifen trotz der Reduktioun vum Steiersaz an trotz deem deelweisen Nidderschlag vun der Steierbonifikatioun fir Investissementer, fir déi zwee oder dräi kommend Budgetsjoren, d'Recettë vun der Gewerbesteier nach weider wuessen; 2. fir 2004 sollt dat Ganzt sech agependelt hu par rapport zu deene Jore virdrun, well dann déi Steiererliichterunge misste gegraff hunn an eng positiv Wierkung hunn; nom Beispill vun der Ofschafung vun der Gewerbekapitalsteier am Joer 1996.

Dat stoung an deem Bréif, an ech zitéieren: „Dans ce contexte, il faut noter que cet effet se fera ressentir au niveau des recettes à partir à peu près de l'exercice budgétaire 2004, alors même qu'à ce moment la dynamique entretenue voire renforcée devrait compenser les faits en question à l'instar de ce qui s'est passé suite à l'abolition de l'impôt commercial communal sur le capital." Et ass nëmmen ënnert dëse Konditiounen, well hinnen an Aussiicht gestallt ginn ass, dass d'Recettë vun der Gewerbesteier net ënnert de Betrag vun 2001 géife falen, dass d'Gemengen hir Zoustëmmung ginn hunn, fir esou en Accord mat der Regierung ofzeschléissen.

Iwwregens ass et scho schlëmm genuch, datt zwou Institutiounen, wéi Stat a Gemengen, iwwerhaapt en Accord maache mussen, fir datt d'Gemengen hire Verflichtunge géintiwwer hire Bierger nokomme kënnen. Elo awer stelle mer fest, dass 2004 d'Gewerbesteier vu 495 Milliounen Euro op 440 Milliounen zréckgeet, anscheinend souguer op 430 Milliounen Euro, also erëm eng Kéier eng Reduktioun vun iwwer 12% par rapport zu 2003. Et ass also aneschters komm wéi vun der Regierung versprach ginn ass.

D'Gemenge waren 2001 bereet fir hire Beitrag fir d'Ukuerbele vun der Wirtschaft ze maachen a sinn dobäi hannert d'Liicht gefouert ginn. D'Regierung seet, si géif trotz engem méi luese Wuesstum hir Investitiounspolitik am Joer 2004 weiderféieren, esou eng Politik géing sécherlech dozou bäidroen, fir der Wirtschaft ze hëllefen.

Mä et schéngt mer evident, dass am Sënn vun enger Kohärenz vun deem wat d'öffentlech Hand an dësem Land mécht, um kommunale Plang déiselwecht Politik bedriwwe muss ginn. D'Gemenge mussen also, genee wéi de Stat, weiderhin déi néideg Investitiounen an Infrastrukture maache kënnen. Si kënne substanziell dozou bäidroen…

M. le Président.- Här Klein, wann ech gelift, den Här Minister wollt lech eng Fro stellen, wann Der erlaabt.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.-* Här President, ech wollt den Här Klein just froen, ob et net awer iergendwéi normal ass, datt wann d'Steiere vum Stat erofginn, déi mir och méi versprach gi waren, wéi se en fin de compte komm sinn, ech denke virun allem un d'Kierperschaftssteier, mir haten dëst Joer 1,4 Mil-

liarden agesat a mir hunn och gemengt, mir géingen déi kréien, déi kréie mer net, dofir mengen ech, d'Gemengen, de Stat, jiddfereen huet eng wichteg Roll ze spillen, mä wann d'Steierrecetten erofginn op eng Fassong, wéi och d'Regierung dat fir d'Kierperschaftssteier net erwaart huet, dann ass et trotzdeem normal, datt jiddferengem seng Recetten, leider, an ech weess, wat fir eng Problemer dat fir d'Gemenge schaaft, well ech weess och wat fir eng Problemer dat fir de Stat schaaft, dann och erofginn.

Dofir, wann Der sot, d'Regierung hätt deemools eppes versprach an et wär schlëmm, Dir misst do Ofschlëss mat der Regierung maachen, hu mir gemengt, datt d'Steiere méi héich géingen erakommen an d'Steiere si manner héich erakomm an dofir mengen ech, ass d'Evolutioun beim Stat a bei de Gemengen d'nämlecht an dofir muss jiddferee sech deem an deenen nächste Joren, net an engem Hauruckverfahre mä lues, upassen.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Entschëllegt, Här Minister, wann Der sot, dass 2004 d'Gesetz gegraff hätt, da gi Der jo dovunner aus, dass d'Recetten net erofginn. Dir hutt eis dat versprach an dat ass net agetrueden. Dir hutt dat glafwierdeg gemaach, Dir hutt eis dat gleewe gedoen an dofir hu mer dat ënnerschriwwen. Ech kommen och drop zréck, firwat dass Dir et trotz der Reduktioun vun de Recettë kënnt maachen, fir Är Investitiounspolitik weiderzeféieren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).-* Entschëllegt, Här President, wann ech eng Prezisioun däerf maachen zu deem, wat den Här Minister gesot huet. Den Här Minister huet net Onrecht, mä et ass awer esou, dass d'Gemengen net higaange sinn an d'Statssteieren erofgesat hunn, mä dass d'Regierung higaangen ass a mat dem Accord vun der Chamber ënner gewëssene Konditiounen eng Gemengesteier erofgesat huet, wou d'Gemenge selwer doudsécher net dru geduecht hätten, fir se erofzesetzen.

M. le Président.- Här Klein.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Mat den Investitioune leeschten d'Gemengen doduerch weider hire Bäitrag zur Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. An de Gemengen ass nämlech vill Aarbecht a ganz besonnesch duerch dat schnellt Wuesse vun der Bevölkerungszuel, wat d'Ariichte vu villen Infrastrukture mat sech bréngt.

Elo stelle mer awer fest, dass d'Recettë vun de Gemengen am Joer 2004 en däitlechen Ofbroch wäerte verzeechnen. 21 Millioune feele bis zum Minimum vun der Gewerbesteier, déi hinnen am Accord mam Syvicol am Joer 2001 zougesot gi waren, ënnert der Konditioun, datt d'Recettë vum Stat net géingen erofgoen. D'Recetten am Statsbudget 2004 hunn ofgeholl. De Stat huet awer d'Méiglechkeet seng Investitiounspolitik ze finanzéieren, andeems en op seng Reserven zréckgräift, déi d'Gemenge sech net konnte verschafen, well hir Missiounen an deene leschte Joren explosiounsaarteg gewuess sinn a si hir Prioritéiten esou hu musse setzen, dass se den Usprech vun der Gesellschaft konnte gerecht ginn.

Et sinn ageriicht an organiséiert ginn: Schoulkantinnen, Foyers du jour a Repas sur roues fir den drëtten Alter, Kollektivantenne fir modern Fernsehprogrammer, Crèchen, Vëlospisten, Ausbau vum öffentlechen Transport, eng konsequent Politik am soziale Wunnengsbau, an ech kënnt mat enger laanger Lëscht virufueren. Et brauch een net wäit zréckzegoe fir an eng Zäit ze kommen, wou et dat alles nach net ginn ass. Haut gëtt et praktesch als selbstverständlech ugesinn, dass d'Gemengen hire Bierger dës Servicer ubidden.

Den allgemengen Usproch op eng beschleinegt Besserstellung ass ee vun de Facteuren, deen onbestreitbar e staarken Afloss hat op d'Aufgabe vun de lokale Kollektivitéiten. Ech wëll awer hei besonnesch ervirsträichen, dass eng ganz Partie vun deenen neien Aufgaben, déi d'Gemengen haut ze bewältegen hunn, hinnen direkt oder indirekt vum Stat operluecht gi sinn.

Ech denken do ganz besonnesch un dat kommunaalt Schoulwiesen. Et ass schwéier virstellbar, wat do an de leschte Jore vu Missiounen a mat hinne vun Investitiounen an Nofolgekäschten op d'Gemengen duerkomm sinn. D'Erofsetzen 1989 vun der Tâche vu 27 op 23 Stonnen an der Woch hat als Konsequenz d'Astellung vu Chargé-de-coursen, déi musse bezuelt ginn, an lwwerstonne vun den Titulairen, déi dat verständlecherweis och net fir näischt maachen, ouni vum Chaos ze schwätzen, deen duerch dës ongefrote Moossnam bei der Organisatioun vun de Schoulen entstanen ass. D'Reduktioun vun de Klasseneffectifer duerch déi berechtegt Integratioun vun den Handicapéierten an Auslännerkanner bedeit d'Astelle vu méi Personal.

Am Sënn vum öffentlechen Transport, méi Schülertransport kommunal an interkommunal, eng Obligatioun, déi iwwerhaapt net subventionéiert gëtt an déi awer och muss am Interesse vun der Sécherheet vun de Kanner duerchgefouert ginn. Kommunal oder interkommunal Piscinen, besonnesch fir d'Schwamme léiere vu Kanner am Intérêt vun hirer Gesondheet a Sécherheet, dat bedeit allgemeng ganz vill Defizit fir d'Gemengen. D'Éducation précoce, den Accueil, d'Hausaufgabenhëllef, d'Museks-coursen, d'Vakanzenaktivitéiten, d'Aféierung vun engem Service scolaire, fir datt dat Ganzt soll fonctionnéieren, si Moossnamen, déi vun den Eltere gefuerdert ginn, déi incontournabel sinn, a Moossnamen, déi d'Familljen- an d'Beruffsliewe vun den Eltere vereinbaren, awer fir d'Gemenge gewalteg finanziell Chargë sinn. Och aner Décisioune vun der Regierung hu ganz kloer en Impakt um Gemengenniveau.

Am Kader vun der Campagne e-Luxembourg zum Beispill sinn d'Gemenge sech voll bewosst, dass och si gefuerdert sinn a vill vun hinnen hunn och deementspriechend gréisser Investissementer am Beräich vun deenen neien Technologië gemaach. Obligatoresch Dépensë sinn de Gemenge geschafe ginn ouni Géigeleeschtung als Recetten. Esou laang eis Wirtschaft staark gewuess ass, konnten d'Gemenge matzéien. Vill vun hinne si gréisser Engagementer, notamment am Beräich vum Bau vun noutwendegen Infrastrukturen agaangen. Déi meescht vun hinne konnten dat net iwwert de Wee vun dem Budget ordinaire bezuelen.

Déi Investissementer waren och net fir ee Joergank, mä fir méi Generatiounen. Et hu missen Empruntë gemaach ginn, déi zréckzebezuele sinn. Fir all dat, Investissementer aus der Vergaangenheet, fir Investitiounen an d'Zukunft kënnen ze maachen am Sënn vun dem Fonctionnement vun de Gemengen, vun der Liewensqualitéit vun hire Bierger a fir de Mëttelbetriber an de klenge Betriber weider ze hëllefen, mussen d'Gemengen iwwert déi néideg finanziell Mëttele verfügen. De Stat erwaart, datt d'Wirtschaft sech esou schnell wéi méiglech erkritt. D'Gemengen och. Dofir musse mer elo déi Duuschtstreck, op där mer sinn, iwwerbrécken.

De Stat soll elo an der Iwwergangsperiod de Gemengen, deene klengen, manner groussen a groussen hëllefen, datt se mat kënnen investéieren an d'Zukunft vum Land. Zum Beispill dränge sech onbedéngt Verbesserungen op um Plang vun der Bedeelegung vun de Gemengen un der Akommessteier an der TVA, Erhéijunge vun de Participatiounssätz, vun deene si Steiere fälleg. Dat ass periodesch an der Vergaangenheet gemaach ginn, esouguer an Zäite wou d'Entwécklung an de Gemengen net esou rapid war wéi dat de Moment ass. Dringend Moossname muss d'Regierung huele fir d'Finanzcapacitéit vun de Gemengen ofzesécheren an ze verstäerken. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Niki Bettendorf ageschriwwen. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

M. Niki Bettendorf *(DP).-* Merci, Här President. Den Numm Niki ass an de leschten zwee Deeg hei öfters gefall an ech fille mech ëmmer geéiert, wann den Numm Niki esou oft hei genannt gëtt, mä en ass an engem Kontext genannt ginn, wou fréier emol en amerikanesche President mat deem Numm als Schimpfwort e bësse gebraucht ginn ass, duerno war et en aneren Deputéierten, och hei aus enger anerer Partei, deen esou genannt ginn ass, an ech fäerten, wann ech d'Ausféierunge vun de Kolleege vum ADR héieren hunn, da fäerten ech, dass aus dem Trickinicki och nach eng Kéier en Trickigasti gëtt an en Trickihencki an en Trickijängi.

(Hilarité)

Ech muss lech soen, dass ech do de Frënd Koepp an de Frënd Jaerling eraushalen, well déi si méi riicht eraus wéi déi aner dräi, déi mat List und Tücke schaffen an op déi den Numm Tricki ganz gutt géif passen.

Wéi schonn eng Rei Kolleege viru mer, wëll ech och dem Rapporteur e grousse Merci ausschwätze fir säin ausféierlechen a gudde Rapport, fir seng Fläissaarbecht. Et ass en Exercice, deen en Deputéierte gäre mécht, well et him eng gewësse Renommee bréngt, well et him och säin Engagement konfirméiert. An dofir wëll ech dem Jean-Marie Halsdorf e grousse Merci soe fir säi Rapport. Ech hätt effektiv dozou eng Rei Saachen ze soen, déi an de Medië geschitt sinn.

Zum Beispill kënnt ee froen, firwat dass d'"Lëtzebuerger Wort" him esou eng schlecht Karikatur an d'Zeitung gesat huet. Ech selwer hätt gären och emol eng Kéier eng Karikatur am "Lëtzebuerger Wort", mä vu dass et dat jo net gëtt, a wann et dann nëmmen esou schlechter ginn, da misst d'"Lëtzebuerger Wort" awer hire Karikaturist emol änneren, fir dass dat dann e bësse méi flott no baussen hi géif ukommen.

Här President, ech wollt an dësen Debatte speziell de sozialen Deel vum Budget analyséieren. De soziale Budget mécht am Ganzen net manner wéi 44% vun de Gesamtausgabe vum Stat aus. Eleng de Volume vun deem wat mir ausgi fir d'Risike vum Liewen, wéi: Krankheet, Maternité, Accident, Invaliditéit, Chômage, Pensioun an esou weider ze decken, mécht et dofir néideg ze kucke wou mer genee stinn an dësen immens wichtegen Dossiere fir den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft. 44%, dat ass enorm! An hei muss hannerfrot ginn ob all dës Ausgaben och wierklech vu sozialer Natur sinn. Dëst Hannerfroe muss e kontinuéierleche Prozess sinn, deen déi sukzessiv Regierunge maache mussen, soss riskéieren d'Sue mat der Strenz verdeelt ze ginn a Fäll, wou de soziale Charakter guer net ginn ass.

De Budgetsrapporteur mécht op 14 Säiten eng detailléiert Analys vun der Lag vum Lëtzebuerger Sozialversécherungssystem. Hie weist un alleréischter Stell op déi excellent Situatioun vun eisem Rentesystem hin. Eis Reserven op deem Postë sinn haut mat 5,67 Milliarden Euro esou héich, dass se dräi Joer géingen duergoe wann ab haut näischt méi géif abezuelt ginn. Et gëtt awer all Dag nach weider abezuelt an dofir fléisst och d'nächst Joer zousätzlech neit Geld an déi Reserven an och déi Joren drop. 2004 wäerten d'Pensiounsreserven op iwwer 6 Milliarden Euro steigen, dat ass dann 3,10mol d'Dépense annuelle.

Wann een da gesäit wéi schwéier, dass zum Beispill eis däitsch Nopere sech dinn, si hu Reserven an de Rente fir 20 Deeg, mir fir dräi Joer, do kann een nëmme feststelle wéi exceptionnel zolidd dach d'Situatioun vum Lëtzebuerger Rentesystem ass. An och muer an iwwermuer wäerte mer net an déi berühmte Mauer erarennen.

Awer, dat geet net ouni iwwerluechten an duerchduechte Mesurë mat Zäit an d'Weeër ze leeden. Selbstverständlech bedéngt virun allem déi demographesch Entwécklung bestänneg lwwerleeungen iwwert d'Zukunft vum Pensiounssystem. Et gëtt ëmmer méi al a manner jonk Leit, déi méi spéit an den Aarbechtsprozess erakommen, also och méi spéit ufänken ze cotiséieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Fakt ass, dass mer nieft de gesetzleche Renten d'Betribs- an d'Privatrent weider mussen encouragéieren. D'Reform vun der Prévoyancevieillesse ass elo e gutt Joer al an et sinn ewell iwwer 20.500 Kontrakter ofgeschloss ginn an ech mengen, ech géif mech net ze vill avancéiere wann ech soen, dass sech an de kommende Joren nach vill méi Leit wäerte fir esou en Ofsécherungsinstrument interesséieren duerch dat een och nach kënnt Steiere spueren. Ech schwätzen hei - dat hunn ech vläicht net grad sou prezis gesot - vun de privaten Zousazpensiounen.

Ech muss soen, dass d'Banken an d'Assurancë sech all Moien um Radio mat hire Publicitéite fir d'Zousazpensioune wierklech iwwertreffen. Dat ass hiert gutt Recht. Mir Politiker awer bleiwe gefuerdert, fir datt déi legal Pensiounen och fir ons Kanner ofgeséchert sinn. Dës Regierung huet a punkto Rente vill gemaach. Dozou gehéieren och d'Iwwerleeunge wéi een de Patrimoine vun de Rentekeese ka besser verwalten. En deementspriechende Gesetzesprojet ass am Mee dëst Joer hei déposéiert ginn a wäert hoffentlech geschwënn an der Chamber och diskutéiert ginn.

Ech hunn haut de Moien d'Diskussioun zwëschent dem Här Urbany an dem Här Jaerling héieren an ech muss soen, datt ech do awer voll a ganz hannert dem Här Jaerling sengen lwwerleeunge stinn, well déi si mir méi no. Ech sinn e bëssen doriwwer iwwerrascht, wat de Kolleeg vun der kommunistescher Partei hei doriwwer gesot huet.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Pardon! Pardon!

M. Niki Bettendorf *(DP).-* Ass et déi Lénk? Entschëllegt!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Doniewent wonnert et mech awer net, dass Dir dem Här Jaerling Recht gitt an där Fro do.

M. Niki Bettendorf *(DP).-* Ech muss lech soen, Här Urbany...

(Interruption)

Här President, ech muss dem Här Urbany soen, dass ech hien op hirem Kongress och net an der éischter Rei gesinn hu sëtzen. Ech weess net, firwat dass dat war. Et huet mech op alle Fall iwwerrascht.

Ech muss soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net weider agoen op d'Décisioune vum Rentendësch. Si si genuch schonns kommentéiert ginn. Ech wollt just rappeléieren, datt de Rentendësch sengem Haaptzil, nämlech deem fir méi sozial Gerechtegkeet erbäizeféieren, e ganzt Stéck méi no komm ass. Wouriwwer mir als DP am meeschten zefridde sinn, ass, datt besonnesch déi kleng Renten, déi klengste Renten am meeschten opgewäert goufen. Hei si mir eisem Zil e gutt Stéck méi no komm.

A propos de Panikmacher, déi behaapten eisem Land géif et ënnert dëser Regierung esou schlecht goe wéi ni virdrun, kënne mir mat rouegem Gewësse Folgendes soen.

Éischtens, nach ni hunn d'Leit esou vill vun deem Geld kënnen an der Täsch behale vun deem, wat verdéngt gëtt, wéi just elo, ebe well d'Steieren esou wäit, esou déif gesenkt goufen. Zweetens, nach ni waren d'Pensiounen esou héich wéi haut.

Wann et och dem Land an dëser Kris net super gutt geet, sou kënne sech seng Awunner net bekloen, well et wor selten esou vill Geld ënnert de Leit wéi just haut. Ech wollt och rappeléieren, dass schonns vum Ufank vum Rentendësch u virgesi war, fir d'Décisiounen, déi geholl goufen, periodesch ze iwwerdenken. Dat ass jo déi éischte Kéier mengen ech 2006 de Fall. Da wäert et sech erausstellen, ob nei an néideg Mesurë mussen ergraff ginn, déi sech duerch d'wirtschaftlech Entwécklungen opdrängen.

Här President, eng Mesure vum Rentendësch huet fir vill Polemik a vill Onverständnis gesuergt. Dat ass de Forfait d'éducation, am Volleksmond Mammerent genannt. Hei huet de Rentendësch ganz kloer gemaach, datt et sech heibäi net ëm eng Rent handelt, mä datt et sech ganz kloer ëm eng familljepolitesch Moossnam handelt, déi jo iwwert de Fonds national de Solidarité leeft, also direkt dem Familljeministère ënnerläit.

Mir huet eng Flou an d'Ouer geflüstert, datt am Kader vun der Tripartite versicht gouf de Forfait d'éducation iwwert d'Rentereserven ze finanzéieren.

(Interruption)

Dat war och schonns um Rentendësch probéiert ginn, et ass awer Gott sei Dank net esou geschitt. Ech schwätzen net vu méiglechem Renteklau. Ech erkläre just, datt eng Rent tributär ass vun deem, wat een an der ganzer Aarbechtscarrière verdéngt huet an abezuelt huet, an déi Suen mussen herno och dofir zur Verfügung stoen an net fir aner Politicken domat ze maachen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).-* Kënnt Dir eis vläicht soen, Här Bettendorf, wien dat wollt maachen?

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, wann Dir gären de Riedner eppes frot, da stellt him eng Fro an dann…

(Interruptions diverses)

M. Niki Bettendorf *(DP).-* Ech wëll dem Här Mars Di Bartolomeo just soen, wann ech gesot hätt, et hätt eng Flou mir dat an d'Ouer gesot, an hie seet zu mir, et wier déiselwecht Flou, déi him dat gesot huet, da brauch hie mech jo net ze froen, wat fir eng Flou, dass dat war.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).-* Dann däerf ech lech soen, Här Bettendorf, wien…

(Interruptions diverses)

Une voix.- Här President, den Här Di Bartolomeo huet sech fir dës Debatt nach net ageschriwwen an hien ass deen….

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Et war keen anere wéi de Premierminister, deen dat dote proposéiert hat.

Une voix.- Här Di Bartolomeo, loosst Iech mol aschreiwen! Loosst Iech mol aschreiwen! Dir sidd deen, deen am meeschte schwätzt an Dir loosst Iech net aschreiwen. Dir huelt deenen anere Parteien Zäit ewech!

(Interruptions)

Dach, mir héieren dat gären, mä loosst Iech aschreiwen an da kënne mir Iech och ënnerbriechen, genausou wéi Dir ëmmer déi aner ënnerbriecht.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Ech muss Iech soen, an ech hunn Iech hei ganz däitlech a kloer d'Positioun vun der Demokratescher Partei dohinnergeluecht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat ass nëmmen e klengen Deel vun der Regierung.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Ech schwätzen net vun der Regierung. Mir schwätzen hei an der Chamber. Ech war um Rentendësch. Ech souz do. Ech hunn um Rentendësch déiselwecht Positioun vertrueden, déi ech hei vertrieden, an dat wäert och an der Zukunft esou bleiwen an do wäert ech net vun där Positioun ofgoen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat ass och korrekt, Här Bettendorf. Mä do sinn anerer, déi sech net esou korrekt verhalen hunn.

(Brouhaha général)

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, wann ech President wier, ech hätt dem Här Di Bartolomeo scho méi wéi eng Kéier d'Wuert ewechgeholl. Hien ass deen eenzegen Deputéierten heibannen, deen Allereenzegen, deen, wa mir alleguerten net eise Knäppchen drécke fir ze schwätzen, ëmmer de Knäppche dréckt, fir dass alleguerte seng Zwëscheriff awer och an de Bericht kommen. Et sinn der wéineg heibannen, déi esou mediegeil si wéi hien, an ech géif hie bieden, wann ech hei schwätzen, dass hien an Zukunft och e bësse säi Mond géif halen.

M. le Président.- Sout, Här Bettendorf, fuert elo virun, wann ech glift.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Ech hu gemengt, dass et net zu enger ongesonder Vermëschung vu Familljepolitik a Rentepolitik soll kommen. Et gëllt och ze kucken, wéi een d'Leit nach besser iwwert d'Mesurë vum Forfait d'éducation kënnt informéieren. Dozou gehéiert virun allem, dass si en Uspriechpartner fannen, deen hinnen déi néideg Erklärunge gëtt, an dass se net an enger Warteschläif oder op engem Anrufbeantworter landen an dann net mat hiren Demandë weiderkommen.

Aus därselwechter logescher Iwwerleeung eraus ass et fir ons evident, dass d'Invalidepensiounen an d'Käschte vun de Prozeduren an deem Kontext vun de Pensiounskeese musse gedroe ginn. An der Praxis hunn d'Krankekeesen dëst an de leschte Joren awer gedroen, sou dass do eng Schold entstanen ass vun de Pensiounskeese vis-à-vis vun de Krankekeesen. Wann een also décidéiert ee Joer no der Reform vun der Invalidepensioun, dës Schold vun 130 Milliounen Euro zréckzebezuelen, verstinn ech net, firwat dat soll en obszöne Grëff an d'Pensiounskeese sinn, esou wéi dat an enger gewësser Press stoung. Well dëst eng eemoleg Moossnam ass, ginn eis Pensiounskeesen net staark belaascht an dës Mesure alleng kann eis Krankekeesen, eise Krankekeesesystem sécher och net durablement ofsécheren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et mussen och strukturell Iwwerleeunge gemaach gi wéi mir d'Ausgaben an de Krankekeesen am Grëff behalen a gläichzäiteg den Niveau vun de Leeschtungen héich halen. Mir wësse jo, dass haut den Haaptproblem bei de Prestations en espèces läit, also dem Krankekeesegeld, dem Krankegeld. Dat wäert an e puer Joren och nach ëmschloen, wann déi grouss Fräe vun de Spideeler alleguerten op d'Krankekeesen zoukommen, da wäerte mir do och nach e strukturellen anere Problem kréien.

Dofir huet d'Tripartite vun de Sozialpartner virun e puer Woche Richtlinnen an déi Richtung ginn. Véier Spuermoossname goufe virgeschloen. Ech resüméieren.

Éischtens, ass ee méi laang wéi zwee Méint krankgeschriwwen, da gëtt een ënnersicht vum Médecin traitant an deen informéiert de Kontrolldokter wéi et kéint virugoe mat der Krankheet. Besteet keng Aussiicht op Besserung, da kann d'Invalideprozedur ganz fréi ageleet ginn oder iwwer eng berufflech Ëmorientéierung nogeduecht ginn.

Zweetens, d'Krankegeld gëtt nëmme maximal 52 Wochen an enger Referenzperiod vun 104 Wochen ausbezuelt. An dësen 52 Woche muss et dach méiglech sinn ze décidéieren, ob ee Recht op Invaliditéit besteet oder net. Trotzdeem muss opgepasst ginn, datt bei dëse Mesurë keng nei Härtefäll entstinn.

Drëttens, well et net ka sinn, dass en Zäitaarbechter, dee just dräi Woche sozialverséchert ass, Usproch op voll 52 Woche Krankegeld kann hunn, gëtt d'Krankegeld an Zukunft just proportional zur Dauer vun der Affiliatioun ausbezuelt. Ech ginn Iech d'Beispill vun engem, deen ni hei zu Lëtzebuerg geschafft huet. Hie kritt eng Plaz fir dräi Wochen, sief et iwwer eng Interimsgesellschaft, sief et iwwer e Contrat à durée déterminée. Hie mellt sech de leschten Dag, wou e soll schaffen, krank a kann da bei eis 52 Woche laang krankgeschriwwe ginn. Ech mengen, wa volontaire esou Praktike geschéien, da mussen déi ënnerbonne ginn, an do mengen ech ass an der Tripartite gutt geschafft ginn.

Véiertens, et ginn Aktivitéitsprofiler fir d'Dokteren erstallt, Richtlinnen also, net wéi Patienten ze behandele sinn, mä wéi am Duerchschnëtt behandelt gëtt. D'Dokteschgewerkschaft huet sech averstane gesot mat dëser Mesure. Ech mengen, dat wier awer net esou reibungslos gelaf, wann de Sozialminister Carlo Wagner net alles gemaach hätt, fir nees den Dialog mat der AMMD opzehuelen, nodeems dësen Dialog jo jorelaang broochloung. D'Doktere wëssen, datt et och bei hinnen e puer schwaarz Schof gëtt, déi op Krankeschäiner spezialiséiert sinn. Dat däerf een zwar net generaliséieren, mä et ass normal, dass och do Remedur geschafe gëtt.

Eng fënneft Pist - an déi muss ganz bestëmmt nach vill, vill studéiert ginn - ass d'Gläichstellung vum Aarbechter mam Employé, wat d'Lohnfortzahlung ubelaangt. Fir déi zwee kënnt dës elo sechs Woche bedroen. D'Regierung wëllt eng Etüd doriwwer maachen, well dat wierklech e komplexen Dossier gëtt. Et muss een déi Etüd mol ofwaarden, éier ee schonns elo eng positiv oder eng oflehnend Haltung anhëlt, wéi Verschiddener dat haut schonns maachen. Ech mengen, dat muss ee wierklech bis an de Fong duerchdenken an analyséieren. Et ass net gutt, wann een ze fréi eng festgefuere Positioun anhëlt, dofir oder dergéint. Et muss ee fir d'éischt ënnersichen, wat machbar ass, wat gutt ass, an da soll een op dee Wee goen.

De Budgetsrapporteur werft a senger Ursaachefuerschung och de Problem op vun de Mammen, déi als Frontalier hei schaffen, mä doheem net genuch Betreiungsméiglechkeete fir hir Kanner fannen. Vill vun hinne géife sech krankschreiwe loosse fir esou op hir Kanner kënnen opzepassen. Dat ass sécher en Abus, an do musse mir kucke wéi mir mat eisen Nopeschlänner kënnen eens ginn, déi beispillsweis de Congé pour raisons familiales net esou kenne wéi mir e kennen.

Iwwerhaapt muss den Dialog mat den Nopeschlänner an där Hisiicht besser ginn, fir dass och vun hirer Säit aus ka kontrolléiert ginn, ob ee krank ass oder net. Et däerf een net aus den Ae verléieren, dass genausou wéi eisen Aarbechtsmaart eise Sozialversécherungssystem an deem Sënn atypesch ass, dass op d'mannst 38% vun de Verséicherte bei eis Frontalierë sinn.

D'Iddie vun der Tripartite sinn éischt Usätz fir d'Virgoe géint d'Abüen am Sozialversécherungssystem esou effikass wéi méiglech ze gestalten? Selbstverständlech musse si nach vun der Chamber analyséiert a Gesetzestexter geschriwwe ginn, a si mussen hei diskutéiert an approuvéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an deene vergaangene Jore vill an eng modern Medezin fir eist Land investéiert. Mir hunn de Retard, deen duerch déi sozialistesch Gesondheetspolitik entstanen ass, misse schnell ophuelen. De Gesondheetsminister Carlo Wagner huet mat roueger Hand objektiv geplangt an duerchgesat, wat vun anere verschlofe gouf. Déi Ausgaben hu selbstverständlech och en Impakt op d'Situatioun vun de Krankekeesen, gradesou wéi de konventionéierte Secteur, deen an de leschte Jore vill, grouss a staark gewuess ass.

Wat a leschter Zäit net méi vill wiisst, dat ass leider onsen Aarbechtsmaart. An et soll een net vergiessen, datt, wann d'Zuel vun deenen, déi nei op den Aarbechtsmaart kommen, manner schnell wiisst, d'Zuel vun deenen, déi cotiséieren, och manner schnell wiisst. Sécher ass, datt mir eis mat dem Chômage mussen ausernee setzen. Et geet net duer ze piddelen, mä hei mussen Neel mat Käpp gemaach ginn. Ech froe mech, ob mir net schonns ze vill Mesurë geholl hunn, déi awer net alleguerte gräifen, well se och ganz oft net bekannt sinn. Manner ass fir mech heiansdo méi. Et muss op jidde Fall manner komplizéiert gi wéi dat bis haut de Fall ass.

Eng weider Neibelaaschtung fir de Sozialversécherungssystem ass och d'Fleegeversécherung, déi 1998 agefouert ginn ass, eng formidabel Saach, déi awer elo eréischt an dëser Legislaturperiod voll zum Droe komm ass. Hei ass déi finanziell Situatioun ähnlech komfortabel wéi an de Pensiounskeesen, sou dass et op kee Fall alarmant ass, wann d'Bedeelegung vum Stat just fir ee Joer vun 45 op 40% erofgesat gëtt, ouni dass dat iergendwellechen Afloss op d'Leeschtungen huet. Hei muss och analyséiert ginn, ob d'Sue richteg orientéiert ginn. Wann dat nëmme mat nationale Richtlinne geschitt, da kënnte mir Problemer kréien. Bei Haiser an Träger muss individuell gekuckt gi wéi se hirer Aufgab gerecht ginn. Déi eng betreie gutt mat nëmmen a vill qualifizéiertem Personal a komme knapps iwwert d'Ronnen. Déi aner betreie manner gutt mat manner a mat onqualifizéiertem Personal a verdénge Suen a maache Benefisser.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Dossier Krankekeese gesäit een alt erëm wéi vergiesserlech d'Oppositioun a besonnesch d'Ex-Regierungspartei, d'LSAP, dach ass a wéi schnell se dëser Koalitioun schlecht Noten ausstellt.

Däerf ech drun erënneren, dass grad déi, déi haut mam Fanger op d'Regierung weise wéinst dem Krankekeesendefizit, nach schnell virun de Wahlen d'Cotisatiounen erofgesat hunn? D'Resultat dovunner war, dass dës Regierung schonn an hirem éischte Joer mat engem Krankekeesendefizit ze kämpfen hat.

D'LSAP huet esouguer versicht dem Carlo Wagner dorauser e Stréck ze dréinen. „Statt eine solidarische Lösung für die langfristige Absicherung des Haushaltsgleichgewichts der Krankenkassen zu suchen, habe man gegen den Willen der Versicherten die Eigenbeteiligung erhöht. Durch diese von der CSV/DP-Regierung gemeinsam mit dem Patronat initiierte Entscheidung belaste man in erster Linie die Kranken." Ech zitéieren aus engem Communiqué vum 18. November 1999 am „Tageblatt". Ech froe mech, wéi d'LSAP da mam Krankekeesendefizit eens gi wier, wa se an der Regierung deemools bliwwe wier.

Fir d'LSAP-Lach zouzemaachen ass duerch de Carlo Wagner d'Participatioun vum Stat vun 35,7 op 37% gehéicht ginn, an op der Versammlung vun der Union des Caisses de Maladie vun Enn 2001 goufen d'Cotisatiounen esouguer gesenkt. Ob dat eng gutt oder eng schlecht Moossnam deemools war? Et ass ni gutt, wann een d'Cotisatiounen ze fréi senkt, wann een net weess, wat hannendru kënnt.

Däerf ech drun erënneren, dass grad déi, déi sou phenomeenal falsch gehandelt hunn am Gesondheetssystem a jorelaang mol net dat Néidegt gemaach hunn, fir dass eist Land modern a performant medezinesch Infrastrukture kritt hätt, sech elo doriwwer opreegen, wat geplangt ass, mä awer alles matstëmmen, wat kënnt, sief et bei de Spideeler, den Altersheemer an esou weider. Am Fong geholl ass dat dach awer e bëssen eng verkéiert Welt.

D'Demokratesch Partei huet do schonn hiren eegenen, en anere Stil. Mir halen ons Engagementer.

(Interruptions)

Dir héiert jo d'Wourecht net gären, Här Mars Di Bartolomeo.

Här President, dem Här Mars Di Bartolomeo seng Partei…

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

…, déi haten de Leit 1989 versprach et géifen 20 Milliarden an d'Gesondheetswiesen investéiert ginn. Si hunn 1994 nach eng Kéier versprach et géifen 20 Milliarden an d'Gesondheetswiesen investéiert ginn, a si hunn och nach eng Kéier 1999 de Leit versprach et géifen 20 Milliarden an d'Gesondheetswiesen investéiert ginn.

Ech muss Iech soen, dat ass net geschitt. Gott sei Dank ass et ënnert dëser neier Regierung geschitt. Mir sinn e gutt Stéck weiderkomm, wat mat der LSAP am Gesondheetswiesen net méiglech war.

Här President, eise Sozialbudget ass mat 44% vun den totalen Ausgaben en zolidde Budget ouni Cotisatiounserhéijungen an ouni Leeschtungskierzungen. Dat léisst sech a Krisenzäite weisen an dofir brauch sech dës Regierung net ze schummen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt dem Här Bettendorf mol merci fir d'Blummen. Ech sinn dat net esou gewinnt. Geméinlech kréien ech Blummestäck nogeheit. Dofir do en extrae Merci. Ech wëll awer trotzdeem ervirhiewen, dass mäi Frënd Jean Colombera awer och e ganz éierlechen a riichte Mënsch ass an dass deen och déi Blumme verdéngt.

Här President, am Zesummenhang mam Budget 2004 wëll ech a puncto Sécherheet dräi Themen ervirhiewen. Dat éischt, eent wat offensichtlech hei schéngt en Tabu ze sinn, ass d'Asylpolitik an d'Dépensen och, déi domadder zesummenhänken. Innerhalb vun deenen dräi leschte Jore sinn iwwer 20 Milliounen Euro an Infrastrukturen investéiert gi fir Asylbewerber hei am Land ze beherbergen an et wäert och nach weider mussen investéiert ginn, wa mir et net fäerdeg bréngen eng vernünfteg Asylpolitik ze bedreiwen.

Et ass eis sozial Roll, fir Leit, déi wéinst politeschen Ursaachen aus hirer Heemecht flüchten, opzehuelen an och anstänneg ze beherbergen, bis d'Situatioun sech erëm an hirem Heemechtsland normaliséiert huet. Et muss awer och eist Recht bleiwe se erëm an hir Heemecht zréckzeschécken, wa keng Gefor méi fir si besteet. Et ass net eis Roll a scho guer net eis Flicht ekonomesch Flüchtlingen opzehuelen oder jiddfereen opzehuelen, deen einfach wëll an eist Land kommen. All implizéiert Acteuren an der Asylpolitik mussen deemno hir Verantwortung iwwerhuelen an dofir suergen, dass just déi Leit hei Asyl kënnen ufroen, déi nom Artikel 6 vum Accord vun Dublin vum 15. am Broochmount 1990 och Recht op Asyl hunn. Wann ech soen, datt all Acteure sollen hir Responsabilitéit iwwerhuelen, da mengen ech net nëmmen d'Regierung an de Justizminister, mä da mengen ech och zum Deel d'Affekoten an d'Auslännerorganisatiounen.

Et ass einfach onverantwortlech all Asylbewerber, dee wëssentlech d'Bedingunge vum Artikel 6 vum Accord vun Dublin net erfëllt, systematesch an eng Prozedur eranzedrainéieren, a wou vu viraus jiddferee weess, dass um Schluss awer eng Ausweisung net ze vermeiden ass. Et sinn déi jorelaang Waardezäite mat onvermeidlechen Ausweisungen hannendrun, déi déi mënschlech Drame provozéieren. Dorunner ass net de Justizminister schold, dee just en internationalen Accord applizéiert, och wann d'Aart a Weis heiansdo ze bemängelen ass, mä dorunner sinn haaptsächlech déi schold, déi deene Leit falsch Hoffnunge maachen, andeem se hinne virgaukelen, si kënnten hei bleiwen, wa se iwwer Jore vu Recours a Recours gedriwwe ginn. An et wieren un aller éischter Stell déi, déi missten d'Veranwortung iwwerhuelen, andeem se den Asylbewerber klore Wäin aschenken. An da misst den Artikel 6 vum Accord vun Dublin strikt applizéiert ginn, andeem jiddfereen, deen hei am Land Asyl ufreet, muss beweisen, datt Lëtzebuerg dat éischt Land war, dat e betrueden huet, a seng Identitéit beweisen a säin Herkunftsland matdeelen. Nëmmen esou ka verhënnert ginn, datt d'Leit, déi keen Urecht op Asyl hunn, a laang an onsënneg Prozeduren drainéiert ginn, déi schlussendlech déi mënschlech Dramen ervirförderen, déi mir all wëlle verhënneren.

(Interruptions)

Här Gira, dat huet mam Budget ze dinn, dass dat doten eis och eppes kascht an dass duerch déi onsënneg Verschleefungen eis dat ëmmer méi kascht, well eng Rei vu Leit hir Veranwortungen an deem Dossier net wëllen iwwerhuelen a well hei am Land dat dote wéi en Tabu behandelt gëtt. Et muss eng Kéier Schluss sinn domadder. Et muss eng Kéier hei kloer Sprooch geschwat ginn. Jo, dat verstitt Dir net. Dir schwätzt ëmmer nëmme kloer Sprooch, wann et an Är Täsch geet.

Och muss unhand vu méi intensiven Identitéitskontrolle versicht ginn all illegal Awanderer ze detektéieren, fir hinnen entweder eng legal Situatioun ze verschafen oder se awer erëm heem ze schécken, eben och fir ze verhënneren, datt

se als illegal Aarbechtskräften hei am Land ausgebeut ginn. Och dat ass e Phenomeen ginn, géint dee mir mussen ukämpfen. Wat mir hei am Land méi Chômeure kréien, wat d'Gefor ëmmer méi grouss gëtt, datt d'Schold bei deene Falsche gesicht gëtt. Déi Responsabel vum Chômage hei am Land sinn net eis auslännesch Aarbechtskolleegen oder Matbierger, mä déi, déi vum Chômage profitéieren - an déi sëtzen an de Konzerner.

Dofir musse mir eng Asylpolitik bedreiwen, déi ugemiess ass, a keng Asylpolitik, déi eist Land onweigerlech an eng Konfliktsituatioun dreift, déi eist Zesummeliewen, wat mer bis elo gutt gemeeschtert hunn, zu engem Trauma ka gi loossen.

Här President, e weidere Punkt, deen ech hei wëll uschneiden, ass dee vun der Sécherheet allgemeng. Et geet net duer, datt hei proklaméiert gëtt, bei de Sécherheetsunitéite géif weider rekrutéiert ginn an domadder maachen, wéi wann d'Problemer all geléist wieren. Mat der Entwécklung vun der Kriminalitéit, wéi se elo ass, a wou d'Doten ëmmer méi agressiv a récksiichtslos ginn, misst ee bal an all Strooss e Polizist Dag an Nuecht patrouilléiere loossen, fir datt näischt geschitt, an dat ass net méiglech.

Méiglech ass awer preventiv ze wierken an all de Bierger d'Moyenen ze gi fir sech deelweis selwer ze schützen. Ze schützen, andeem se sech kënne Sécherheetsanlagen oder sécher Dieren a Fënstere leeschten, egal wat fir ee Budget datt se hunn. Dofir wier ee vun eise Virschléi fir déi Bierger, déi hir Eegenheemer wëlle schützen, an eleng net d'Moyenen hu fir dat ze maachen a sech deier a sophistikéiert Sécherheetsanlagen ze leeschten, unhand vu staatleche Subsiden ze ënnerstëtzen. D'Recht op Sécherheet muss alle Bierger hei am Land garantéiert ginn an net nëmmen deenen, déi Fric hunn.

Wann dëse Stat net kapabel ass seng Bierger ze schützen, da muss een hinnen d'Moyenë gi fir sech selwer ze schützen. Oder wëlle mir - wéi an anere Länner - riskéieren, datt sech op eemol Selbstschutzgruppen ubidden, déi fir d'Sécherheet garantéieren a bei deenen de Bierger muss deier bezuele fir seng Sécherheet?

En anert Thema am Zesummenhang mat der Sécherheet ass déi op de Stroossen. Den ADR ass net waarm dofir, fir op allen Ecken an an all Heck Kameraen opzestelle fir d'Bierger ze kontrolléieren. Net wéinst dem héije Käschtepunkt, deen dat an nach aner Mesurë mat sech bréngen, mä ganz einfach fir Mënscheliewen ze retten, deenen hire Wäert a kengem Budget ka chiffréiert ginn. Dem ADR seng Politik geet éischter a Richtung Preventioun. Aus de Statistike geet kloer ervir, datt vun deene Leit, déi op eise Stroossen Accidenter provozéieren an hiert Liewe loossen, en héije Prozentsaz dovunner Jugendlicher ënner 25 Joer sinn. Meescht geschéien dës Accidenter duerch Onerfuerenheet, sief et am Ëmgang mat deenen ze oft ze schnelle Gefierer oder duerch d'Ënnerschätze vun der Stroossesituatioun.

Wann de Führerschäin gemaach gëtt, da gëtt just dat Néidegt theoretesch geléiert an am prakteschen Exame gi Stresssituatioune weder trainéiert nach getest. Eréischt nom Exame gëtt gefuerdert, datt een innerhalb vun zwee Joer muss am Centre de Formation pour Chauffeurs zu Colmar-Bierg passéieren, fir Stresssituatioune kënstlech ze provozéieren an d'Verhale vun deem eenzelne Chauffeur ze erfaassen, a fir him bewosst ze maachen, datt hien och mam Führerschäin an der Täsch nach kee Fuerkünstler ass.

Dës Formatioun gëtt awer weder mat enger Benoutung nach unhand vun engem Exame bewäert. Do stellt sech d'Fro, ob dësen Training fir Stresssituationen ze meeschteren net misst e Bestanddeel vum Führerschäinexame gi mat der deementspriechender Benoutung. Ganz oft ass et esou, dass Jonker, déi de Führerschäin gepackt hunn, sech iwwerschätzen, wat wéi gewosst ganz dramatesch Folge kann hunn.

Den Här Direkter vum Centre de Formation vu Colmar-Bierg huet esouguer virgeschloen, datt d'Verkéierserzéiung misst en integrale Bestanddeel vun eiser Éducatioun an de Schoule sinn. Hien huet vollkomme Recht, an den ADR huet dat jo och scho méi wéi eng Kéier gefuerdert an och a sengem Programm integréiert, well d'Kanner vun zéng Joer d'Recht hu mam Velo am Verkéier ouni Begleedung op der Strooss ze fueren, well de Velo als integraalt Verkéiersmëttel unerkannt ass, ouni datt deene meeschte Kanner awer de Code de la Route bekannt ass. Schonn eleng dat misst Ulass genuch sinn, fir de Code de la Route an de Primärschoulen als integraalt Léierfach anzeféieren.

Am Secondaire misst dann d'Theorie méi intensiv mat der Praxis verbonne ginn, andeem de Jonken d'Verhalen am Verkéier unhand vun deene virtuellen elektronesche Moyenë misst bäibruecht ginn, déi et haut gëtt, fir datt se sech kënne souwuel op den theoretesche wéi de prakteschen Exame fir de Führerschäin konzentréieren an dat Erléiert am Centre de Formation zu Colmar-Bierg an duerno mam Fahrlehrer op der Strooss kënnen an d'Praxis ëmsetzen a méi enger déifgräifender Sachkenntnis vun der Matière.

Fir eis also vill Misär ze erspueren an de Käschtepunkt vun der Sécherheet hei am Land besonnesch op de Stroossen a Grenzen ze halen, si Preventiounsmoossnamen an eng adequat Schulung dat eenzegt wierksaamt Mëttel. Net nëmmen an deem Beräich, mä praktesch an alle Beräicher, déi den alljährleche Budget betreffen, sinn eng adequat Opklärung a Preventioun néideg. Dofir ass dem ADR säi Motto: Adequat Schoulung a Preventioun, anstatt d'Behiewung vum Schued a Repressioun.

Am Zesummenhang mat deem, wou ech elo gesot hunn, géif ech dann hei dräi Motiounen deponéieren an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

Motion 2

D'Chamber,

- sech bewosst, wat déi aktuell Situatioun iwwert déi illegal Awanderer ubelaangt;

- datt net all Awanderer kann Urecht op Asyl erhiewen;

- datt déi laang Décisiounsprozeduren mënschlech Drame provozéieren;

fuerdert d'Regierung op

- den Accord vun Dublin vum 15. am Broochmount 1990 iwwer eng gemeinsam europäesch Asylpolitik strikt ze applizéieren;

- nach just Persounen Asyl ze gewähren, déi d'Bedingunge vum Artikel 6 vum Accord vun Dublin erfëllen, dee virschreift, datt just deene Persounen Asyl gewährt duerf ginn, déi eist Land als éischt betrueden hunn.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.

Motion 3

D'Chamber,

- besuergt iwwert déi ëmmer méi fortschreitend Kriminalitéit, besonnech, wat d'Abréch betrëfft;

- bewosst, datt déi aktuell Polizeikräften net duerginn, fir dëse Problem ze meeschteren;

- beméit, Mesuren ze treffen, anhand vun deenen d'Bierger sech selwer kënne schützen;

fuerdert d'Regierung op

- d'Méiglechkeeten ze analyséieren, anhand vun deenen d'Uschafe vu Sécherheetsanlage vu Privatpersoune ka staatlech ënnerstetzt ginn iwwer Subsidien oder steierlech Ofschreiwungen.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.

Motion 4

D'Chamber,

- besuergt iwwert déi héich Unzuel vu Verkéiersaffer bei Jugendlechen ënner 25 Joer;

- iwwerzeegt, datt zousätzlech Éducatioun a Preventioun kann zu enger Besserung bäidroen;

fuerdert d'Regierung op

- d'Verkéierserzéiung als integraalt Schoulfach am Primaire an am Secondaire anzeféieren;

- de Stage am Centre d'éducation fir Chauffeuren am Examen vum Führerschäin mat enger Bewäertung ze integréieren, an net eréischt an deenen zwee Joer nom Führerschäin.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Nelly Stein agedroen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nelly Stein *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Juli 2003 hu mir hei an der Chamber e wichtegt Gesetz gestëmmt. An deemools hunn ech vun engem historesche Moment fir eist Land geschwat. Et war d'Gesetz iwwert d'Uni Lëtzebuerg…

(Interruption)

Ech hat gewosst, dass Dir et géift roden, d'Gesetz iwwert d'Uni Lëtzebuerg, dat d'Madame Hennicot no jorelaanger Viraarbecht hei an d'Chamber erabruecht huet. A schonn deemools hunn ech souwuel a mengem schréftleche wéi och a mengem mëndleche Rapport iwwert d'Potenzialer, déi der Uni unhängeg sinn, geschwat. Méiglechkeeten, déi sech virun allem am Kontext vun der wirtschaftlecher Diversifikatiounspolitik kënnen a musse bezuelt maachen.

Ech si frou, datt de Budgetsrapporteur, Jean-Marie Halsdorf, och d'Uni Lëtzebuerg a seng Iwwerleeunge mat agebonnen huet. Ech wëllt him dofir, als Presidentin vun der parlamentarescher Héichschoul- a Fuerschungskommissioun, e grousse Merci ausspriechen, wéi och fir säi ganze Rapport, deen excellent war. Well hien huet jo gewisen, datt eis Regierung mat der Uni Lëtzebuerg eng richteg Weichestellung virgeholl huet.

Fir d'éischt wëll ech haut op d'Basis agoen, op déi Lëtzebuerg an der Fuerschung an an dem Héichschoulwiese ka weider opbauen. Zweetens wëll ech e puer Domäner ervirhiewen, an deene Lëtzebuerg entweder scho Fuerschung bedreift oder wou eis Regierung invitéiert ass nei Pisten anzeschloen. An drëttens wëll ech op d'Perspektive vun der Fuerschung am Kontext vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun agoen.

Här President, Recherche mécht een net vun haut op muer, an hei ass scho ganz vill a gutt Viraarbecht geleescht ginn, an dat souwuel vun dëser Regierung wéi och vun deene viregte Regierungen. Nämlech mam 1987er Kadergesetz iwwert déi öffentlech Fuerschung hunn déi viregt Regierunge wuel ufanks eng bescheiden, mä eng performant Fuerschungspolitik an d'Weeër geleet, déi mam 1999er Gesetz iwwert de Fonds national de la recherche weidergefouert a vervollstännegt gouf.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Eng aner wichteg Etapp ass dat 1996er Héichschoulgesetz, wou eis Héichschoulen en eenheetlecht Kadergesetz kritt hunn, dat haut gewëssermoossen d'Virleefergesetz iwwert d'Uni Lëtzebuerg duerstellt.

Mam Koalitiounsaccord vum August 1999 ass fir d'éischte Kéier e Fuerschungs- an Héichschoulministère an d'Liewe geruff ginn. Am selwechten Accord ass festgehale ginn, fir de Fuerschungsbudget op 0,3% bis un d'Enn vun dëser Legislaturperiod ze héijen. E Budget, dee virun allem den Aktivitéite vum Fonds national de la recherche zegutt kënnt. Och an dësem Budget gëtt d'Fuerschung substanziell opgestockt mat enger Steigerung vun 21% par rapport zum Budget 2003.

D'Regierung huet hire Wëlle bekräftegt, bis d'Joer 2010 dësen Undeel weider op 3% eropzesetzen an dovunner sollen awer net manner wéi zwee Drëttel vum Privatsecteur bäigesteiert ginn. Am Unisgesetz schléisst sech virleefeg de Kreess vun de grousse legislativen Etappen am Héichschoul- an am Fuerschungssecteur. D'Uni Lëtzebuerg ass also gewëssermoossen en Deel vun enger Entwécklung, déi 1987 schonn hiren Ufank geholl huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, finanziell Ressourcë sinn also do, mä dat heescht net, datt de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg deen ass deen e sollt sinn. Et feelt nämlech am Moment ganz einfach u personnelle Ressourcen. E Sachverhalt, deen och schonn an enger CEPS/Instead-Etüd vum Abrëll 2003 ënnermauert ginn ass. Der Uni Lëtzebuerg fält also an de kommende Joren déi kruzial Roll zou, méi Fuerscher op Lëtzebuerg ze bréngen.

D'Presenz vu groussen internationale Firmen an eisem Land ass sécherlech als grousse Virdeel fir de Standuert Lëtzebuerg unzegesinn. Néierens op der Welt ass den Engagement vu Privatfirmen an der Fuerschung sou héich wéi bei eis, sou läit den öffentleche Secteur an der Recherche bei 7,4%, den europäeschen Duerchschnëtt läit bei 34,5%. De Volumen aus dem Privatsecteur léisst sech an aller-éischter Linn duerch déi zwou Firme Goodyear an Delphi erklären, déi grouss Laboratoiren an eisem Land féieren. Dofir ass et richteg a wichteg, dass sech Privatfirmen an den öffentleche Secteur, dat heescht virun allem déi universitär Recherche, openeen zoubeweegen.

Net zu lescht hu mer eis Centres de recherche publics - CRP genannt -, wou elo scho qualitativ héichwäerteg Fuerschungsaarbechte gemaach ginn, déi fir eist Land vu wirtschaftlechem Interesse sinn. Eis CRPe sinn d'Virreider beim Technologietransfert a bei der technologescher Zesummenaarbecht. Et ass kloer, datt d'Chercheuren an den eenzelne Programmer duerch hir Experienz an hir Formatioun déi Konditioune matbréngen, déi zu engem gesonden Esprit d'Entreprise gehéieren. Si verfügen iwwert deen noutwendegen Know-how, fir sech mat anere Chercheuren zesummenzedoen an esou eventuell eng Entreprise ze grënnen. Well d'CRPen an déi zukünfteg Cité des Sciences integréiert ginn, spille si eng wesentlech Roll wat d'Fuerschung am Kader vun der Uni Lëtzebuerg betrëfft.

En anere wichtegen Aspekt besteet an der Zesummenaarbecht tëscht den Entreprisen, virun allem deenen déi Fuerschung bedreiwen an deenen déi sech a sou genannte Grappes technologiques zesummefannen. Wat ass eng Grappe technologique? Et ass en Zesummeschloss vu verschiddenen Entreprisen, déi gemeinsam Interessë verfollegen an dofir wëllentlech an engem technologeschen Domän zesummeschaffen. D'Zilsetzung vun esou engem Regroupement ass et, fir d'Positioun um Maart vun dësen Entreprisen op nationalem an op internationalem Plang ze stäerken. D'Matmaachen an enger Grappe technologique erfuerdert awer och e Mentalitéitswandel bei den Entreprisen. D'Ausschaffe vu gemeinsame Strategien an d'Zilsetzunge bedeit géigesäitegt Vertrauen, ouni dat et nun ebe mol net geet, wann ee wëllt un engem Strang zéien. Et bleift awer, datt d'Ëmsetzung vun esou enger Politik e grousse Schrëtt wier a Richtung vun engem reelle Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg, dee säin Numm zu Recht géif droen.

En anert Konzept wat ech wëll opgräifen, sinn déi sou genannte Pépinièren, dat heescht d'Structures d'accueil, déi engem Träger vun engem Projet behëlleflech si fir seng Existenz ze grënnen, an dat ganz besonnesch um Niveau vun der Formatioun, der Berodung an der Finanzéierung. Dofir ass et vu Virdeel, datt d'Pépinière no bei dem Fuerschungssite an och bei de Laboratoiren läit, fir esou dem Firmegrënner eng enk Zesummenaarbecht ze garantéieren an hinne gläich mat engem Uspriechpartner ze déngen.

An ech mengen dofir géif de Site Esch/Belval sech ideal prêtéiere fir d'Uni Lëtzebuerg mat der Cité des Sciences zesummen. Ze bemierken ass, datt sech dës Strukture virun allem am Ausland bewäert hunn. En Ausland wat op eng laangjähreg Experienz an der Fuerschung an op eng zolidd Héichschoulstruktur zréckkucken an opbaue kann. Et wier an de Proportiounen ze héich gegraff, wa mer elo per force wéilten eis Noperen an dësem Beräich nomaachen, an trotzdeem schéngt mer de Moment opportun fir couragéiert un dës beschriwwe Konzepter erunzegoen a fir sech un den Erfolleger aus anere Länner ze orientéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt de Rapporteur e puer Pisten iwwert d'Fuerschungsdomäner opgezeechent huet, déi zu Lëtzebuerg nach net esou bekannt sinn, sech dofir awer ëmsou méi wichteg a wegweisend fir d'Zukunft vun neie Fuerschungsnischen erausstelle kënnen. An de Fonds national de la recherche sou wéi och Privatfirmen, wéi beispillsweis d'Arcelor, hunn do schonn eng impressionant Pionéieraarbecht geleescht, besonnesch an de Beräicher vun der Biotechnologie; an deenen aneren Technologië lafe vill verspriechent Projeten.

Mir hoffen, datt sech an de genannte Beräicher eis CRPen ervirdoen an datt sech aus de Projeten eng Basis erausbilt, déi sech fir Firmegrënnungen eegene kéint. E besonnesche Schwéierpunkt stellen an dësem Kontext och déi sou genannten Ecotechnologien duer. D'Konzept vun den Ecotechnologië stellt d'Vermeidung vun Offäll, ier et mat dem Produktiounsprozess ugeet, an de Vierdergrond.

Ech wëllt an dësem Kontext drun erënneren, datt dëst e Beräich ass wou d'EU-Kommissioun an de kommende Jore ganz aktiv wëllt ginn, andeems d'Ecotechnologien als integrale Bestanddeel vun der Lissaboner Strategie fir méi e kompetitiven an dynameschen europäesche Wirtschaftsraum fungéieren a wou d'Kritäre vun der Nohaltegkeet afléisse sollen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Uni Lëtzebuerg besteet elo d'Méiglechkeet op neie Pied ze goen. D'Uni Lëtzebuerg muss Synergië mat der Fuerschung schafen, dat heescht enk mat de CRPen a mam Fonds national de la Recherche zesumme schaffen. D'Uni Lëtzebuerg muss op d'Wirtschaft duergoen, a virun allem op d'PMEen, déi, wéi den Ak-

tivitéitsrapport aus dem Ekonomiesministère beleet, an enger Villzuel vu Fuerschungsprojeten hei am Land involvéiert sinn. Net zulescht muss eis Universitéit qualitativ héichwäerteg Formatiounen ubidden a sech zum Deel op d'Demande aus der Wirtschaft ausriichten a virun allem aus deene Secteuren, wou Lëtzebuerg an de kommende Joren investéiere wëllt.

D'Europäesch Unioun drängt op eng europäesch Approche an der Ausriichtung an Emsetzung vun Héichschoul- a Fuerschungspolitik. Dofir ass Lëtzebuerg och schonn haut an europäesche Projeten engagéiert a wëllt seng Participatioun weider ausbauen. Dat geet awer nëmme wa mer valabel an unerkannt Resultater virweise kënnen, fir datt mer weiderhin un europäesche Projeten associéiert ginn.

Als leschte Punkt muss d'Regierung versichen d'Experienzen an d'Erfolleger an dësem Beräich, deen an de kommende Joren e kruziaalt Element an der Diversifikatiounspolitik wäert anhuelen, ze bündelen a regelrecht wëssenschaftlech an technologesch Centres d'excellence an d'Liewen ze ruffen. Ausser der Recherche de pointe kënnte sech esou Zentren um internationalen Niveau auszeechnen an dauerhaft établéieren. Dës kënnten zesumme mat der Uni Lëtzebuerg en Enseignement universitaire vun héijer Qualitéit bidden, …

(Interruption)

Et si besonnesch meng Kolleegen dohannen, déi sech awer séier beschwéiere wann eng Kéier en aneren hei eppes seet wa si schwätzen.

En Enseignement universitaire vun héijer Qualitéit, deen den internationale Verglach net ze scheie brauch an zugläich en excellente Kader duerstelle fir Innovatioun an Technologietransfert an eisen Industriesecteur ze integréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zum Schluss kommen. D'Recherche an d'Uni Lëtzebuerg sinn zwee Beräicher, an déi eis Regierung an den nächste Joren investéiere muss, well d'Potenzialer nach laang net ausgeschäfft sinn. Déi budgetär Engagementer, déi am Budget 2004 ageschriwwe sinn, stellen dofir e positiivt Signal duer.

Déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun ass gewëllt, d'Evolutioun am Dossier Uni Lëtzebuerg weiderhin am A ze behalen an ze évaluéieren, an ech zweifelen net drun, datt dat eis gelénght Dank der gudder Zesummenaarbecht mat der Ministesch vun der Recherche an dem Héichschoulwiesen.

Ech soen all deene Leit merci déi nogelauschtert hunn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech war eigentlech bei dësen Debatten net ageschriwwen. Mä wann e Riedner eppes undeit op dëser Tribün oder wann e Kolleege mediengeil nennt, da muss et erlaabt sinn ze reagéieren. Spontan, esou wéi ech mer dat gewënscht hätt, spontan wéi dat och an anere Parlamenter üblech ass, spontan wéi dat och gëschter zum Beispill de Premier bei der Interventioun vun eisem mandatéiere Spriecher, dem Jeannot Krecké, gemaach huet, wou e mindestens zéngmol mat em dialogéiert huet, mä vu dass dat net méiglech ass, hunn ech mech da kuerz ageschriwwen a wann et net méi erwënscht ass, dass vun den Deputéiertebänken heiansdo spontan intervenéiert gëtt, wann et net méi erwënscht ass, dass vun de Regierungsbänken heiansdo spontan intervenéiert gëtt, da froen ech mech firwat dass mer déi 75 Mikroen hei an dëser Chamber hunn.

Zum Här Bettendorf sengem Tripartitegeflüster ass et vläicht nëtzlech fir op dëser Tribün e bësse méi kloer ze ginn. Den Här Bettendorf huet gesot, dass en eppes an d'Ouer vun enger Flou gepëspert kritt hätt, wat an der Tripartite sollt geschéien a Saache Mammerent. Ech sinn 100%eg mam Här Bettendorf d'accord, dass d'Mammerent als familljepolitesch Moossnam duergestallt ginn ass an och verankert ginn ass, soss wier déi dote Moossnam net iwwert de Budget finanzéiert ginn, mä direkt iwwert d'Pensiounskeesen.

Nu kenne mer awer alleguer déi budgetär Situatioun, déi mer hunn. Déi eng soen et oppen an éierlech an déi aner probéieren nach mat der Budgetssituatioun bis déi Säit vun de Wahlen ze kommen, an dunn ass net eng Flou op déi gutt Iddi komm fir an d'Pensiounskeesen ze gräife fir d'Mammerent ze finanzéieren, mä d'Regierung ass op déi Iddi komm. D'Regierung huet duerch de Mond vun hirem Premier déi dote Propositioun an der Tripartite virgeluecht. An der Tripartite huet de Premierminister proposéiert, dass an Zukunft net méi d'Mammerent sollt iwwert de Budget finanzéiert ginn, mä iwwert d'Pensiounskeesen. An ech gi jo dovun aus, an de Budgetsminister ka mer dat wahrscheinlech bestätegen, dass et hei keng Spontisaktioun vum Premierminister war, mä dass de Premierminister dat ganz sécher mat senge Regierungskolleegen op där enger Bänk, mä awer och ganz sécher mat de Regierungskolleegen op där anerer Bänk ausgeschwat huet an décidéiert huet, well ech ka mer jo net virstellen, dass zweemol datselwecht passéiert, wéi zum Beispill bei der Fleegeversécherung, wou eise Sozialminister an der Sozialkommissioun gesot huet, hien hätt nach net matkritt, dass an d'Fleegeversécherungsreserve sollt eragegraff ginn, fir de Budget an Equiliber ze bréngen.

Ech wëll also nach eng Kéier ganz kloer soe wat déi Flou dem Här Bettendorf an d'Ouer geflüstert huet. Déi Flou huet dem Här Bettendorf an d'Ouer geflüstert, dass no dem Grëff an d'Reserve vun der Fleegeversécherung, nom Grëff an d'Reserve vun de Pensiounsversécherungen, fir e kuerzfristegen Equiliber ze kréie bei de Krankekeesen, geplangt war, en zweete Grëff an d'Reserve vun de Pensiounskeesen ze maachen, fir näischt aneschters ze finanzéiere wéi d'Mammerent, déi sengerzäit, an ech mengen den Här Bettendorf an nach aner Kolleege kënne sech ganz gutt dorun erënneren, an d'Diskussioun bruecht ginn ass vun der CSV fir den Equiliber e bësse besser ze maachen tëschent deene verschiddene Regierungsbänken.

Ech wollt dat dote preziséieren. Ech schwätze selbstverständlech net am Numm vum Här Bettendorf, mä ech ginn awer dovun aus, dass den Här Bettendorf...

M. le Président.- Net ëmmer den Här Bettendorf. Haalt lech un d'Reglement! Do steet, et wennt ee sech un de Plenum oder un de President.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Bettendorf ganz sécher…

M. le Président.- Et ass méi staark wéi hien!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, ech wollt lech just informéieren, dass ech iwwerzeegt dovu sinn, dass den Här Bettendorf ganz gär mat däerselwechter Klorheet hei geschwat hätt wéi ech, well no deem zweemolege Grëff an aneren hir Reserven, hätt deen heite Grëff ganz sécher d'Faass zum Iwwerlafe bruecht an déi, déi um Dësch soutzen, wëssen, dass et opgrond vun der Reaktioun vun de Gewerkschaften a vun der Reaktioun vun dem Patronat dozou komm ass, dass déi doten Absicht opgi ginn ass a just bei de Fléi gelant ass, déi et eis an d'Ouere konnte flüsteren, an net an d'Medien erakomm ass.

M. le Président.- Den Här Budgetsminister géing lech gär eng Fro stellen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, ech muss dat hei contestéiere wat den Här Di Bartolomeo seet. Et ass net Usus aus der Tripartite ze schwätzen, an esou wäit ech weess, wann ech gutt gekuckt hunn, ass den Här Di Bartolomeo och net Member vun der Tripartite gewiescht.

Ech wëll awer hei soen, datt déi Diskussioun, ob d'Mammerent soll bezuelt ginn iwwert d'Pensiounskeesen oder iwwert de Statsbudget, eng ass, déi net nei ass, déi scho geféiert ginn ass am Kader vum Rentendësch, déi selbstverständlech d'Regierung, notamment de Statsminister an ech selwer, an der Diskussioun an der Tripartite och mat erabruecht hunn, datt ganz vill Leit, contrairement zu deem wat den Här Bartolomeo mengt, déi Iddi an der éischter Tripartitesitzung ganz gutt fonnt hunn an datt dat och eng Diskussioun ass déi een, well déi Mammerent Pensiounselementer dran huet, och an deenen nächste Jore selbstverständlech nach eng Kéier muss kënne féieren. An dofir mengen ech, datt een hei guer net brauch esou ze maache wéi wann eng Geheimnistuerei wär.

Fir de Moment ass een anere Finanzéierungsmodus festgehale ginn. Dee fannt Der am Statsbudget vum nächste Joer zréck. Ech mengen, datt et eng ganz Rei Argumenter gëtt, déi haut ze wäit géinge féiere fir ze diskutéieren an dëser Diskussioun, déi dat als eng justifiéiert Propositioun vun der Regierung maachen. An ech mengen, wann een objektiv all déi Elementer kuckt an d'Basis vun där Mammerent, datt ee sech esou enger Diskussioun an Zukunft net soll verschléissen. Dofir ass déi Diskussioun, déi do op eng konstruktiv Aart a Weis an der Tripartite gefouert ginn ass, an déi, wéi gesot, net nëmmen an der Regierung Sympathie fonnt huet, och wa se herno net zréckbehale ginn ass, eng nëtzlech Diskussioun gewiescht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, ech froe mech, wann dat esou bekannt war an esou ass wéi den Här Budgetsminister seet, dass dat eng Propositioun vum Statsminister a vun him war, ech dovun ausgoe muss, dass dat am Numm vun der gesamter Regierung gemaach ginn ass, a firwat dass dann den Här Bettendorf hei op d'Tribün kënnt a seet, et hätt him eng Flou dat missen an d'Ouer flüsteren.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, weder den Här Di Bartolomeo nach den Här Bettendorf nach déi aner Kolleegen heibanne si Member vun der Tripartite. An der Tripartite muss ee kënnen, an dat ass ganz gutt esou, iwwer vill Iddien op eng konstruktiv Aart a Weis diskutéieren. Wann een do diskutéiert, a mir hu während e puer Deeg an der Tripartite diskutéiert, da muss een net bei all Iddi virdun eng Pressekonferenz maachen, d'Parlament aruffen, mä et wëllt een emol diskutéieren an et kënnt ee mam Resultat vun enger Tripartite. Et geet ee selbstverständlech bei d'Kolleege vun der Fraktioun, wann dat da gesetzgeberech Décisioune ginn. Hei ware mer guer net an deem Stadium, an dofir ass et guer net erstaunlech datt all déi Kolleegen, déi heibanne sinn, net genee wëssen. Et ware ganz vill Iddien an där Tripartite an der Diskussioun, déi net op der Place publique am Virfeld diskutéiert ginn an och net duerno, well duerno gëtt diskutéiert wat da schlussendlech vun der Gesamttripartite festgehale ginn ass.

Mech stéiert un den Aussoe vum Här Di Bartolomeo, datt en hei mécht, wéi wann hien iergendwéi eppes Extraordinäres entdeckt hätt. Wéi gesot, do waren Diskussioune vu 24 Stonnen, an zwou oder dräi verschiddene Sitzungen, an do géif et nach ganz vill driwwer ze verziele ginn, mä d'Stäerkt vun der Tripartite ass, datt diskutéiert gëtt an herno vun deenen dräi Parteien e Resultat fonnt gëtt, mä déi Iddi, soen ech lech nach eng Kéier als een, deen och um Rentendësch war, ass schonn do eng Kéier diskutéiert ginn, an et waren och Kolleegen derbäi, déi heibanne sëtzen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Den Här Krecké war dobäi. An den Här Mars Di Bartolomeo schéngt net vill mam Här Castegnaro ze schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, ech wëll zu deem soen, wat den Här Frieden gesot huet, dass et jo net kann am Sënn vun enger Tripartite sinn, dass dat ontransparent an ouni Dialog mam Parlament op d'Kopp gehäit gëtt, wat d'Parlament hei demokratesch ofgestëmmt huet. Dat ka jo wuel net am Sënn vun enger Tripartite sinn.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Mäi Gott!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, ech wollt just dem Här Frieden soen, dass ech déi Diskussioun hei net opgeworf hunn, mä dass déi Diskussioun aus dem Lager vun Ärem Koalitiounspartner komm ass, dee sech net informéiert gefillt huet iwwert déi dote Saachen an deen, wann en hätt méi fräi kënne schwätzen, gesot hätt, wat e vun där Ëmfunktionéierung vun dem Finanzement vun der Mammerent hält.

Här President, ech kommen da scho bal zu menger Konklusioun. Ech sinn der Meenung, an ech sinn och frou, dass den Här Frieden dat gesot huet, dass déi doten Diskussioun, déi vum Här Statsminister an der Tripartite gemaach ginn ass, dass déi jo anscheinend nach net vum Dësch ass, sou dass mer ganz gutt mussen oppassen, dass se net duerch eng Hannerdier erëm erakënnt. Mir wäerte jiddefalls als Parlament dat dote ganz opmierksam verfollegen.

Dann awer nach zu enger Behaaptung, déi vun engem vu menge Virriedner, dem Här Bettendorf, gemaach ginn ass, an zwar dass virun deene leschte Wahlen d'Sozialisten d'Cotisatiounen an de Krankekeesen an d'Luucht gesat hätten. Ech stelle fest, dass eis liberal Kolleegen nach ëmmer net wësse wéi de Krankekeeseregime fonctionnéiert, mä dass am System vun der 92er Reform d'Krankekeesen, wa Problemer optauchen, d'Beiträg héijen oder erofsetzen, an et ass genee dat, wat deemools passéiert ass. Et ass eréischt an dëser Period wou - well et der Regierung an de Krom erapasst - de System vun de Krankekeesen, deen iwwer 10 Joer fonctionnéiert huet, op Äis geluecht gëtt. Zum Beispill bei der Adaptatioun vun den Dokteschtariffer, wou d'Regierung dat eesäiteg décidéiert huet a wou se et net esou gemaach huet, wéi mir et proposéiert hunn, dass et iwwer Budgetsmëttele soll finanzéiert ginn, mä se et zu Laaschte vun de Krankekeese gemaach huet.

Just e lescht Wuert. Wann e liberale Riedner hei op der Tribün seet, déi liberal Partei hätt an allen Hisiichten hiert Wuert gehalen, abee, léif Kolleege vun der DP, wann e Mënsch oder eng Partei hiert Wuert hält, da mierkt deen et, deem eppes versprach ginn ass, an da brauch een net e puer honnert Zeitungssäiten an e puer 100.000 Euro ze gebrauchen, fir d'Leit dovun ze iwwerzeegen, dass e Versprieche gehale ginn ass. Wann ech eppes versprach kréien an deejéinegen, dee realiséiert säi Verspriechen, da ginn ech bei en an ech soe merci. Ech hunn d'Impressioun, dass Dir nach net oft merci gesot kritt hutt.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, et ass awer fuerchtbar schued, dass den Här Mars Di Bartolomeo net iwwert de Krankekeesendefizit geschwat huet. Mir hätte mol gär wann dee sozialistesche Schleier sech do géif lüften, datt mer mol geséischen, wat hir Propose sinn.

(Interruptions)

Mir hunn hei eng Debatt a mir wëllen net waarde bis dass déi sozialistesch Wahlpropaganda do ass. Sot eis et kloer an däitlech.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Den Här Weiler huet net nogelauschtert, wat eis mandatéiert Spriecher gesot hunn.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, wat déi Liberal ubelaangt…

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Alexandre Krieps, an déi aner si gebieden nozelauschteren an net ze ënnerbriechen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Ech géing ganz gär emol de Spëtzekandidat vun der LSAP héieren zum Budget. Dat wär ganz interessant.

Une voix.- Deen ass guer net do!

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Här President, ech soen lech villmools merci fir d'Wuert an et ass effektiv esou, dass den Här Di Bartolomeo kuerz a laang Gedächtnisschwächten huet, well hie ka sech net erënneren, dass an der leschter Regierung e ganz grousse sozialen Ofbau a verschiddene Secteure war, an dass an de Krankekeesen, ier Der d'Cotisatioun erofgesat hutt, se dräimol an d'Luucht gaangen ass.

(Interruption)

Dir Dammen an Hären, ganz erstaunt war ech, wéi ech gëschter hei d'Riede vum Här Krecké a vum Här Gibéryen nogelauschtert hunn. No hire Rieden hu bestëmmt vill Awunner a Matbierger an dësem Ländchen hir Wallisse gepaakt fir auszewanderen.

Den Här Krecké, deen huet vum Patient Lëtzebuerg geschwat a sech selwer als Dokter oder Wonnerdokter hei virgeschloen. Hien ass am Fong op der nämlechter Schinn gëschter gefuer wéi säi fréiere Kolleeg, den Här Bauteminister Robert Goebbels, am Stater Gemengerot de leschte Méindeg, dee keck behaapt huet, dass dëser Regierung, déi nach vill Sue kritt huet, déi Suen hir richteg zoufälleg an de Schouss gefall sinn. Wann een de Privilège huet, wéi verschidde Kolleege vun ons, an der Budgetskontrollkommissioun ze sëtzen a regelméisseg x Milliarden al Frangen nozeschéissen op grousse Bauprojeten, da kënnt ee sech scho virstellen, dass dem Här Goebbels e puer Milliarden, op alle Fall, aus dem Schouss gefall musse sinn.

(Hilarité)

An et ass op alle Fall net schlau fir ze hoffen, dass d'Leit alleguerten am Ländchen e schwaacht Kuerza Laangzäitgediechtnis hunn. Fréier ass gesot ginn, an dat misst

haut och nach gëllen: Déi Domm gleewen an déi Gescheit iwwerleeën.

Mäi Fraktiounschef Jean-Paul Rippinger huet gëschter gesot, dass déi heiteg CSV-DP-Regierung e Budget vun der Transparenz virgeluecht huet. Och an de leschte véier an en halleft Joer sinn eng ganz Rei Infrastrukture fäerdeg gemaach ginn, neier ugefaange ginn a vill neier geplangt ginn. Dat war och scho virdun esou, mä ech verweisen awer op d'Aarbechten am Transportwiesen, Schoulwiesen, Spidolswiesen, sozio-familiale Beräich, am Kulturberäich. D'Madame Stein huet dat schonn ervirgehuewen. Och ons Gemengen, trotz deem Gemeckers tëschent Syvicol a Regierung, hu ganz vill mat der Hëllef vum Stat kënnen investéieren.

D'Uni Lëtzebuerg, huet d'Madame Stein widderholl, ass geschafe ginn, wat ouni Zweifel en nohaltegt Investissement gëtt. D'Kreditter fir kulturell Beräicher sinn am klammen. D'Recherche publique, dat ass och ervirgehuewe ginn, gëtt konsequent ausgebaut a gefördert. Dat sinn och alles nohalteg Investissementer.

Mat Recht huet de Jean-Marie Halsdorf, de Rapporteur, dee mer fir seng Aarbecht félicitéieren, déi budgetär Situatioun vun de Sozialkonten ervirgestrach. D'Regierung ass ze luewen, well se an der leschter Zäit verschidde Mesuren, déi laang iwwerfälleg waren, proposéiert, fir kuerzfristeg déi Keesen an d'Gläichgewiicht ze bréngen.

Den Här Gibéryen huet ons gëschter hei déi excellent Zuele vun de private Rentekeese genannt. Mir waren esou frou, dass en esou positiv doriwwer hei bericht huet. En huet natierlech vergiess de Carlo Wagner, Sozialminister, ze luewe fir déi gréisste Rentenopbesserung déi et jee ginn ass, déi Opbesserung d'ailleurs, déi scho virdrun ervirgehuewe ginn ass,…

(Interruption)

…déi sozial a leeschtungsgerecht virgeholl ginn ass. Dem Här Gibéryen seng Aussoen iwwert déi sou genannte Mammerent hunn net vill Neies bruecht; och do huet e vergiess ze soen, dass et net seng Iddi war, mä der CSV hir Iddi.

(Hilarité)

Guer net gefall huet mer den Ausdrock, Här Gibéryen, dass Der gesot hutt, Dir géift d'Madame Jacobs joen. Dat ass en Ausdrock, si ass keen Déier, kee Béischt, a si huet deen Ausdrock net verdéngt, …

(Interruption)

…well just si, speziell, Här Koepp, huet vill Asaz bewise fir déi Net-Privilégiéiert an dëser Gesellschaft, an ech géif mengen, dass een och an enger Wahlried Respekt virun den Damme misst hunn.

Une voix.- Net nëmme virun den Dammen, Här Krieps.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Jo, jo, ech hunn och Respekt virun lech.

Une voix.- Voilà!

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Dat gesot, géif ech lech drun erënneren, dass d'Kompetitivitéit stagnéiert, d'Produktivitéit réckleefeg ass, d'Paien an de leschte fënnef Joer iwwer 20% geklomme sinn, d'administrativ Hürden net ofgebaut sinn, den Aarbechtsmaart iwwerreguléiert ass.

An den Här Henckes huet vum hollännesche Modell geschwat. Um hollännesche Regierungs-Website fënnt een e ganz gudde Rapport, deen d'Perspektive vun Holland opzeechent fir déi nächst 20 Joer. Dat ass zwar net eppes wat een onbedéngt iwwerhuele muss, mä dat muss ee liesen. De PIB an de leschten dräi Joer klëmmt, hei am Ländchen, nëmmen 1,2 bis 1,3% pro Joer. A verschidde Sozialausgaben, zum Beispill an de Krankekeesen, d'Spidolskäschten, déi ëmmerhin d'Halschent vun deenen Ausgaben ausmaachen, si bis 7,5-8% pro Joer an de leschte sechs Joer geklommen. Do muss een awer mëttelfristeg Mesuren an d'A faassen, ier ganz déif Aschnëtter musse geholl ginn. Dat muss ee sech virun Aen halen. An et wäerte sécher nach vill Reforme musse gemaach ginn, fir d'Gesellschaftswiesen ze dynamiséieren, déi net nécessairement Sue kaschten, mä Sue spuere kënnten.

Ech freeë mech och, dass déi hei Regierung sech net vum oppositionelle Wahlféiwer ustieche gelooss huet, an d'Capacitéit behalen huet fir mëttelfristeg ze denken. E Saz vum Budgetsminister Luc Frieden huet mer ganz gutt gefall. Hien huet den Ausdrock gebraucht, et wär e "faire Budget". Déi Ausso bleift an der Traditioun vun engem vun de gréisste liberale Philosophen, deen hie sécherlech kennt, well en zu Boston gewunnt huet, en ass virun dräi Joer gestuerwen, den John Rawls, deen gesot huet , dass d'Fairness d'Viraussetzung vun all Gerechtegkeet ass.

Dem Statsbudget geet et sécherlech net esou gutt wéi virun zwee, dräi Joer, mä de Bierger an dësem Land, Auslänner a Lëtzebuerger, geet et esou gutt wéi nach ni. Si si gutt versuergt, an dat ass eng Tatsaach. An ons Bierger alleguerte wäerten an den nächste Méint a Joren „ready" si fir sech den Erausfuerderungen ze stellen, wann der op d'Land sollten zoukommen. D'Demokratesch Partei wäert weider fir eng sozialgerecht a leeschtungsgerecht Solidargesellschaft antrieden. E faire Budget fir eng fair Gesellschaft.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

M. Fred Sunnen *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Jean-Marie Halsdorf, merci soe fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Budgetsrapport. Hien huet sech net gescheit fir dat sensibelt Thema vun de Gemengefinanzen unzediskutéieren. Als Politiker, deen och Verantwortung um Plang vun enger Gemeng dréit, wëll ech dës Gedanken opgräifen a weiderentwéckelen.

118 Gemengen zielt eist Land am Total, an dach ass keng wéi déi aner. Et gëtt der déi hunn Industrien a Betriber, et gëtt anerer déi bestinn aus e puer klengen Dierfer an hu keng Betriber. Ech kann awer och de Kritär vun der Awunnerzuel huele fir festzestellen, datt et grouss Ënnerscheeder tëschent de Gemenge gëtt. Dës Zuele variéiere vun ëm déi 200 bis op iwwer 80.000. Dir gesitt, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, jiddferengem seng Gemeng ass anescters, an dat bréngt et mat sech, datt d'finanziell Ausgangslag vu Gemeng zu Gemeng ganz ënnerschiddlech ass.

Et gëtt Gemenge mat Budgete vun eng bis zwou Milliounen Euro am Joer. Domadder maache si keng grouss Spréng, an et ass bal onméiglech mat deene genannte Finanze grouss kommunal Infrastrukturen opzebauen. Esou e Budget geet héchstens duer fir e Basisservice an der Märei ze assuréieren. Am Allgemenge respektéiert déi augeblécklech Gemengefinanzéierung d'Gemengenautonomie, well iwwer zwee Drëttel vun den Einnahme sinn net zweckbestëmmt. Dat heescht, déi Gemengeverantwortlech kënnen dës Suen do investéiere wou se wëllen an droen och heifir d'Responsabilitéit. Mir kennen hei zu Lëtzebuerg zwou Zorte vu Gemengesteieren: engersäits d'Gewerbesteier an do dernieft d'Grondsteier.

D'Grondsteier ass hirer Héicht a Bedeitung no eng relativ onwichteg Steier. Jo, et soll anscheinend esouguer Fäll ginn, datt d'Recetten aus dëser Steier d'Fräen am Zesummenhang mat der Feststellung, dem Akasséieren an dem Andreiwe vun der Grondsteier net méi decken. D'Associatioun vun de Gemengereceveure schreift heizou, datt d'Grondsteier u Bedeitung verluer huet, well se fir d'Bewäertung fir „biens et valeurs", wéi et am Text steet, scho laang net méi ugepasst ass. Donieft kann d'Grondsteier am Ableck net als Instrument am Kader vun der Verwaltung vun den Terrainen an enger Gemeng genotzt ginn a si ass scho guer kee Moyen fir d'Spekulatioun anzedämmen. Ech wëll an dësem Kontext nach eng Kéier d'Virschléi vun der Commission de logement aus der Orientéierungsdebatt iwwert de Wunnengsbau vun der Regierung opgräifen.

Fir de Phenomeen vun der Spekulatioun mat Bauterrainen anzedämmen an och fir d'Baulücken ze verhënneren, misst et de Gemengen erlaabt ginn, méi héich Grondsteiertauxen op Haiser, déi eidel stinn, an op net bebaute Bauterrainen am Perimeter festzesetzen. Eppes Ähnleches sollt och méiglech si wann d'Gebaier, déi als Wunnenge geplangt a gebaut goufen, herno als Büroe benotzt ginn. Ech kënnt mer virstellen, datt heibäi d'Dauer vun dësem Eidelstoen oder Zréckhale berücksichtegt gëtt. Et kann een hei natierlech och Ausnahme maachen, zum Beispill fir d'Baueren an och fir déi Propriétairen, déi Terraine versuergen als Bauplaze fir hir eege Kanner.

Aus all dëse Grënn wëll ech folgend Mesurë recommandéieren. Eischtens: d'Aféierung vu verschidde Steiersätz fir d'Wunn-, d'Geschäfts- an d'Industrieterrainen; zweetens, an dat ass ganz wichteg: eng Orientéierung vum Basissaz um reelle Wäert vum Terrain oder vum Gebai. Wa mer dat géife realiséieren, da wär schonn e wichtege Schrëtt a Richtung vun enger finanzieller Konsolidéierung vun de Gemenge gemaach.

Eng wichteg Gemengesteier ass bekanntlech d'Gewerbesteier, den Impôt commercial. Si ass och nominell vill méi wichteg, esou datt et vläicht e puer Wierder am Virop zum Charakter vun der Gewerbesteier ze soe gëtt. D'Gewerbesteier gëtt et ausser hei zu Lëtzebuerg an dëser Form nëmmen nach an Däitschland a si steet exklusiv de Gemengen zou. Och wa se dacks kritiséiert gouf, weder an Däitschland nach hei zu Lëtzebuerg si mer eis eens ginn iwwert eng aner Steier fir si ze ersetzen. Well et dës Steier gouf an nach ëmmer gëtt, hunn déi Gemengeresponsabel en Interessen drun, fir Handwierks- an Industriebetriber an hirer Gemeng ze implantéieren. Wann een also eng aner Gemengesteier als Ersatz vun der Gewerbesteier sicht, da sollt se op alle Fäll d'Produktioun vu Gidder an der jeeweileger Gemeng berücksichtegen an och a virun allem déi vill zitéiert Gemengenautonomie respektéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e schwéieren Exercice, a mir dinn eis de Moment ganz schwéier fir deen an d'Rei ze kréien. Wann et der Ekonomie gutt geet, hunn d'Gemengen och méi Einnahme vun der Gewerbesteier. Dofir ass et och selbstverständlech, datt, wann et ëm eis Ekonomie net esou gutt gestallt ass, dann d'Recetten aus dëser Steier net esou séier wuessen oder esouguer stagnéieren. Eis Kolleegen aus der sozialistescher Fraktioun zitéieren ëmmer gär den Accord - an den Här Jean-Pierre Klein huet schonn dervu geschwat -, deen den 8. Oktober 2001 tëschent der Regierung an dem Syvicol, dem Daachverband vun de Lëtzebuerger Gemengen, ofgemaach gouf. Ech hunn de Pabeier erausgesicht a liesen do: „Dans le cas où le montant total de l'impôt commercial communal diminuerait au cours des années à venir par rapport à son montant pour l'année budgétaire 2001, des mesures seront prises pour corriger cette évolution à condition…", dat ass dat wat dat Wichtegst un der Ofmaachung ass, „…qu'il y ait une augmentation des recettes fiscales de l'État qui le permette." Also nëmme virausgesat, datt et eng Erhéijung vun de Statseinnahme gëtt, da sinn déi Moossname méiglech, déi et erlaben och dann ze héijen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een elo d'Évolutioun vun de Statseinnahmen am virleiende Statsbudget kuckt, da kann een onschwéier feststellen, datt déi lafend Recetten eng Baisse kennen. Fir déi éischte Kéier zënter Jorzéngte gëtt et keng Hausse, keng Spuer vun enger Hausse vun den normale Statsrecetten. D'Gewerbesteier privilégiéiert d'Gemengen, déi an der glécklecher Lag sinn, Industrie op hirem Territoire ze hunn. Wann een awer iwwer Land kuckt, stéisst ee ganz séier op d'Grenze vun esou enger wirtschaftlech ausgeriichter Steier. Well et gëtt nach Gemengen hei am Land, an do ass mäi Fraktiounskolleeg, de Marco Schank, ganz sécher mat mir d'accord, déi voll op den Tourismus setzen. An et ass leider esou, datt d'Betriber aus dem Tourismusberäich dacks keng déck Profitter maachen, an d'Folleg dovunner ass, datt déi betraffe Gemengen och vill manner Gewerbesteier anzéien.

Ech erënnere just drun, datt dräi Véirel vun der Gewerbesteier am Land vun de Banke bezuelt ginn, déi hire Sëtz an der Stad oder ronderëm hunn. Dogéint bezilt den Duerfmetzler keng Gewerbesteier, a wann et de Fall ass, da gëtt déi betreffend Gemeng och nach net räich dovunner. Do dernieft hu mer déi grouss Betriber wéi d'Schmelzen am Süden oder wéi d'Goodyear an Dupont, déi sech aus evidentë Grënn net an engem Naturpark oder op engem Bauerenduerf installéiert hunn. Meng Konklusioun muss dofir sinn, och wann ech Buergermeeschter am Süde sinn, datt déi ländlech touristesch Géigenden an och déi an den Naturparken net an der Lag si fir nennenswäert Zommen aus der Gewerbesteier ze zéien. Dës Gemenge leeschten awer e wichtege Beitrag zur Liewensqualitéit an dofir solle si och finanziell ënnerstëtzt ginn.

Une voix.- Très bien.

M. Fred Sunnen *(CSV)*.- Et däerf een och net vergiessen, datt d'Tourismusgemenge performant Infrastrukture schafe mussen, an dat bréngt héich Investitiouns- an Entretienskäschte fir dës Gemenge mat sech. Dofir, Dir Dammen an Dir Hären, brauche mer bei der Gemengefinanzéierung, esou wéi de Rapporteur et och scho gesot huet, eng Rei Adaptatiounen, fir datt all Gemeng vun deem profitéiere kann, wat d'Lëtzebuerger Ekonomie produzéiert a wat hei am Ländche konsuméiert gëtt. Ech si mam Rapporteur eens fir ze fuerderen… Här President, ech weess elo net ob den Här Gira schwätzt oder ech. Hien huet do esou eng eegen Diskussioun ugefaangen.

M. le Président.- Ech géing ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden an dem Riedner nozelauschteren an net dauernd Zwëschebemierkungen ze maachen.

M. Fred Sunnen *(CSV)*.- Ech si mam Rapporteur eens fir ze fuerderen, datt dee Verdeelungskritär „densité" am Fonds communal de dotation financière, op Däitsch: Dichte, also d'Tatsaach, wéi vill Leit op engem Quadratkilometer wunnen, iwwerduecht a verbessert misst ginn. Eng grouss Gemeng huet och grouss Ausgaben, mä et gëtt Landgemengen, déi hunn eng relativ grouss Fläch, mä wéineg Awunner. Doduerch hu se relativ héich Infrastrukturkäschten. Dofir sollt een, menger Meenung no, en zousätzleche Verdeelungskritär considéréieren, nämlech de Volume vun der Infrastruktur par rapport zur Awunnerzuel.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech elo konkret mat de Chiffere fir d'nächst Joer ausenaner setzt, da stellt een zwou contraire Bewegungen am Budget fest. Op där enger Säit hëlt d'Zomm vun der kasséierter Gewerbesteier massiv of, op där anerer Säit klammen awer d'Recetten aus dem Fonds communal de dotation financière. Wéi kënnt et zu dësen Tendenzen? Wéi ech scho virdru gesot hunn, ass den Impôt commercial eng Steier, déi sech un der Ekonomie an hirer wirtschaftlecher Situatioun orientéiert. Si gëtt och op därselwechter Assiette wéi d'Kierperschaftssteier erhuewen. De Phenomeen ass bekannt, an et gouf an de leschten Deeg oft genuch drun erënnert, et geet de Betriber net méi esou gutt, an dofir bezuele si och manner Steieren. Doduerch kënnt dann och manner Gewerbesteier an d'Gemengekeess. Si entwéckele sech ebe parallell zur Kierperschaftssteier. Dëst ass zwar eng normal Entwécklung. Dat heescht, a gudden Zäite sinn d'Gemenge mat entspriechender Industrie um Wuesstum vun der Ekonomie bedeelegt, mä fir de Moment, wou d'Zäite schlecht sinn, gëtt et ganz schwéier fir eis, wa mer eise Verflichtungen an Aufgaben nokomme wëllen.

Datt de Fonds communal de dotation financière sech an déi aner Richtung beweegt, huet säi Grond an de Steieren, déi zu senger Dotéierung bäidroen. Ech erënneren drun, datt 18% vum Produkt vun der Akommessteier, 10% vum Produit vun der TVA an 20% vun der Autossteier an dëse Fong ginn. Dëst si Steieren, déi an engem manner staarke Mooss vun der Konjunktur ofhänken. Wann ee sech d'Zuelen am Budget ukuckt, stellt ee fest, datt d'Einnahme vun der TVA an der Autossteier klammen, also eng méi erfreelech Entwécklung. Mir hoffen, datt domadder d'Verloschter vun de Gemenge bei der Gewerbesteier deelweis kompenséiert ginn.

Bei där enger oder anerer Gemeng entsteet ganz sécher awer méi e grousst Lach am Budget, well d'Ausgabe ginn net manner, au contraire. Do sinn d'Paie regelméisseg unzepassen, den Entretien an d'Hëtze vun de Gebaier klëmmt, d'Leeschtunge fir d'Awunner gi méi performant, awer och vill méi deier. Ech erënneren hei un d'Structures d'accueil, un de Précoce, an ech kënnt nach laang mat der Opzielung weiderfueren. Dofir wäerten eng Rei Gemengeverantwortlech, en etlech hunn et jo scho gemaach, an ech kann hinnen eigentlech näischt verdenken, hiren Auswee doranner sichen, andeems se d'Steiersätz eropsetzen. Wann een dat mécht, kritt ee gesot, et géif een onsolidaresch a contraire zur nationaler Steierpolitik handelen. Et kann awer och net sinn, datt mer jorelaang dorun doktere wéi d'Gewerbesteier ersat soll ginn an entre-temps d'Gemengefinanze sech konsequent verschlechteren.

Eis Buergermeeschteren a Schäfferéit sinn och mat de Beméiunge vun der Regierung d'accord, fir d'Niewekäschte vun de Betriber niddreg ze halen a fir datt d'Attraktivitéit vum Site Lëtzebuerg net op d'Spill gesat soll ginn. Ech hoffen, datt mer zesummen eng Léisung fannen, soss kréie mer dee Phenomeen wéi bei eisen Noperen, wou eng Rei Gemenge praktesch an der Faillite sinn.

Här President, a ville vun eise Südgemengen ass d'Feelen u Baupla-

ze fir Wunnengen a Betriber ganz akut. Dofir mengen ech, datt nei Infrastrukture prioritär a méiglechst séier an den Industriebrooche realiséiert sollte ginn. Et stounge jo kuerzfristeg 650 Hektar Fläch do, dat war eng grouss Chance fir Lëtzebuerg, an dës Regierung huet dat och net verpasst. Schonn am Premier senger Regierungsdeklaratioun vun 1999 stoung, datt d'Rekonversioun vun de Broochen am Süde vun eisem Land eng éischt Prioritéit hätt. Dat sinn elo bal véier an en halleft Joer hier, an et huet een heiansdo d'Gefill, datt et net esou séier virugeet wéi mer eis et geduecht a gewënscht hunn. Ech wëll kuerz un dat Geleeschtent erënneren.

2001 gouf e Gesetz gestëmmt woumat dem Stat eng Participatioun an der Agora zougestane gouf, déi Gesellschaft, déi d'Industriebrooche revaloriséiere soll. Dës Gesellschaft - an och dat ass en Zeechen, datt et der Regierung seriö gemengt ass - huet awer nëmmen eng Liewensdauer vu 15 Joer. An dëser, fir staatlech Verhältnisser relativ kuerzer Dauer soll d'Rekonversioun vun den Industriebrooche séier iwwert d'Bühn goen. Déi Projeten, déi momentan ënnerwee sinn, schleefen awer onerkläerlech laang, an ech froe mech wéi et weidergoe soll, besonnesch och dann, wann d'Geld méi knapp gëtt.

2002 gouf de Fonds Belval gegrënnt, deem säin Objektiv d'Realisatioun vu Gebailechkeete fir de Stat um Site Belval ass. Méi konkret sinn eng Cité des Sciences, e Centre national de la culture industrielle, d'Rockhal, d'Nationalarchiven, Studentewunnengen, Sportinfrastrukturen an e Lycée virgesinn. Ech erënneren drun, datt mer dofir virun e puer Wochen e Gesetz hei gestëmmt hunn, woumat de Stat déi néideg Terraine kafe soll a kann. D'Rekonversioun vun der Brooch Belval, esou gëtt et ëmmer erëm gesot, soll a wäert als Virbild, als Modellcharakter fir déi aner Brooche matdéngen. Leider héiert a gesäit een am Ablack wéineg wéi d'Rekonversioun vun dëser Brooch, besonnesch am Süden hei, virukomme soll. Ech géif mer wënschen, datt mat engem Plus u behäerztem Schaffen dofir gesuergt gëtt, datt iwwert de ganze Süde Betriber an domat och Aarbechtsplazen nei implantéiert ginn.

Vläicht sollt een op dëser Tribün och nach drun erënneren, datt et net nëmmen, wéi dacks ugeholl gëtt, am Süden Industriebrooche gëtt. Och am Land soss sinn Industriesité prett fir aménagéiert ze ginn; ech denken un Dummeldeng hei an der Stad, oder déi fréier Terraine vun Electrolux zu Veianen oder och nach déi fréier Fabriken zu Wolz.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zum Schluss nach een Aspekt mat an d'Diskussioun eranzebréngen, deen enk mat der Problematik vun de Broochen zesummenhänkt. Wann een d'Industriebrooche mat neiem Liewen erfëlle wëllt, da muss ee se och un dat bestehend Stroossen- a Schinnennetz souwéi un de Bus ubannen. Fir de Moment…

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Sunnen, wat seet d'Madame Mutsch dann dozou?

M. Fred Sunnen *(CSV)*.- Ech weess et net, well ech ka se och net froen, si ass net do.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Si huet eng Interpellatioun ugekënnegt a si wëllt eng grouss Debatt doriwwer féieren. Hei wär d'Geleeënheet fir kloer an däitlech ze soen, wat datt se gären hätt, da brauche mer net nach eng Spezialdebatt ze organiséieren.

(Interruptions diverses)

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ass den Här Weiler hei de Schoulmeeschter vun der Chamber?

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Fayot, vum Schoulmeeschter…

M. le Président.- Loosst dach den Här Sunnen hei schwätzen an ënnerbriecht en net dauernd.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dir féiert lech op als Schoulmeeschter.

Une voix.- Här Sunnen, mir sinn op Ärer Säit.

M. Fred Sunnen *(CSV)*.- Ech ka fir de Moment nëmme feststellen, datt mer elo scho seriö Probleme mat Autobunnen a mat der Collectrice hunn. Mir waarden dofir all Dag drop, datt den IVL, dat integréiert Verkéiers- a Landentwécklungskonzept, op den Dësch kënnt. Dëst Konzept, wat spéitstens am November hätt solle virgestallt ginn, versicht jo nei Weeër ze goen, andeem et d'Konzept vun der Nohaltegkeet bei der Planifikatioun vu groussen nationale Projeten am Beräich vum Verkéier, der Ëmwelt, der Raumuerdnung an dem Logement an de Mëttelpunkt stellt.

Et gesäit esou aus, datt mer an den nächste Joren nach e verstäerkten Zouwuess un Aarbechtskraaft aus dem noen Ausland kréien. Dofir mussen och eis Nopeschregiounen an déi Beméiunge mat agebonne ginn, fir en integréiert Verkéierskonzept auszeschaffen. Et ass elo nach Zäit fir eis op déi nei Situatioune virzebereeden, wa mer se meeschtere wëllen, wa mer dermat konfrontéiert ginn. Wa mer elo séier a richteg reagéieren, da gi mer dem Süden den Image an eng Chance, an dësem Land eng modern a performant Regioun ze ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Théo Stendebach agedroen. Den Här Stendebach huet d'Wuert.

M. Théo Stendebach *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann de Budgetsrapporteur, deem ech op dësem Wee wëll fir säin excellente Rapport félicitéieren, net direkt op d'Sécherheetspolitik vun der Regierung ageet, sou wéilt ech trotzdeem ënnersträichen, datt den Enjeu an dësem Politikfeld an deenen nächste Jore méi grouss gëtt.

D'Sécherheet ass sécherlech zu Lëtzebuerg kee Reizthema. Eist Land kennt keng Onrechtszonen oder Géigenden, wou een als Bierger am beschten ewechbleift. D'Bewegungsfräiheet vum Bierger ass garantéiert, de Schutz virun der Kriminalitéit ass weiderhin assuréiert, an trotzdeem, an Zäite vu grenziwwerschreidender Kriminalitéit an der Bereetschaft fir ëmmer méi brutal an arbiträr Gewalt unzewennen, ass et ubruecht fir an der Sécherheetspolitik wachsam ze bleiwen an, wann et sech ubitt, aktiv ze ginn. An zwar éier sech en allgemengt Onsécherheetsgefill an der Gesellschaft breet mécht.

An engem ILReS-Sondage vun 2001, hunn deemools 76% vun der Bevölkerung uginn, d'Onsécherheet hätt zougeholl. Eis Regierung kann iwwert d'Ängschte vun de Bierger net ewechkucken. An dofir muss d'Philosophie, déi mam 99er Gesetz ageschloe gouf, konsequent an d'Praxis ëmgesat ginn. Den Aspekt vun der Proximitéit, deen dem 99er Gesetz zu Gronn läit, muss virun allem an de Quartiere vu grousser Agglomeratioun hir Friichten droen a speziell do, wou et zu sozialer Spannung kënnt. Ech wéilt awer festhalen, datt sech dat 99er Gesetz schonn elo bezuelt gemaach huet, wéi mer schonn dëse März an der Consultéierungsdebatt feststelle konnten. Ëmsou méi freet et mech, datt déi finanziell Mëttele fir d'Sécherheet an eisem Land weider opgestockt ginn. Ier ech mech op déi budgetär Ausriichtung vum Innenministère, virun allem vun der Police grandducale, wëll konzentréieren, erlaabt mir op e puer grondsätzlech Aspekter vun der Sécherheetspolitik anzegoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sécherheetspolitik besteet zu engem groussen Deel an der Ausgestaltung, sou wéi an der Ausriichtung vun der Tätegkeet vun eisen Uerdnungskräften. Eis Polizei muss iwwer ausreechend Personal verfüge fir eng siichtbar Presenz iwwerall am Land an zu all Dageszäit ze assuréieren. Dat ass zu Lëtzebuerg de Fall, well dës Regierung hir Hausaufgabe gemaach huet. Och an de kommende Jore gëtt weidert Personal agestallt, gutt ausgebilt a present Uerdnungskräfte sinn net nëmme fir déi effektiv Repressioun vun der Kriminalitéit noutwendeg, mä leschten Enns och fir e preventive Bäitrag fir esou een Iwwergrëff. Des Weidere vermëttele si dem Bierger d'Gefill, datt seng Sécherheet a gudden Hänn ass.

D'Sécherheet beinhalt och d'Gewëssheet vum Bierger, datt eng Strofdot poursuivéiert gëtt. An zwar all Strofdoten, dat heescht jiddfereen, deen eng gesetzwiddreg Handlung begeet. An engem Rechtsstat, dee sech eescht wëllt huelen, däerf keen dovukommen, deen d'Strofgesetz brécht. D'Strofgesetz verflicht all Bierger vun eisem Land. Eng generell Stroffräiheet fir bestëmmten Aarte vun Delikter wier zum enge fundamental ongerecht an zum aneren och kengem eeschthaft ze vermëttelen, dee sech un d'Gesetzer vun eisem Land hält.

D'Strofverfolgung muss hei och seng ofschreckend Wierkung spille loossen, virun allem op déi, déi wëssen, datt se mat engem Gesetzesbroch eventuell ongeschuer dervukommen. Déi allgemeng Strofverfolgung muss selbstverständlech am Sënn vun der Proportionalitéit vun der Strofverfolgung équilibréiert sinn. De Parquet muss an deem Sënn all Dot op eng eventuell Strofverfolgung évaluéieren. Eise Justizminister Luc Frieden huet däitlech gemaach, dass an engem Land all Aart vu Strofdot grondsätzlech verfollegt gëtt, datt de Parquet an all eenzelnem Fall préift ob et zur Strofverfolgung kënnt oder ob de Fall prinzipiell zu den Akte geluecht gëtt. Dat bréngt awer och mat sech, datt sech déi juristesch Instanzen och Personnel opstocke mussen. Och an dësem Beräich huet d'Regierung an der Persoun vum Justizminister hir Responsabilitéite geholl. Ech kommen herno nach am Detail op dës Zuelen zréck.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, datt déi groussherzoglech Police hiren Aufgaben nëmme gerecht ka ginn, wann déi néideg budgetär Moyenen zur Verfügung gestallt ginn. De Gesetzgeber wollt duerch d'Fusioun, déi mam 31. Mee 1999 virgeholl gouf, dem Bierger d'Police méi no bréngen. Et ass kloer, datt d'Proximitéit tëschent eisen Uerdnungskräften an dem Bierger, d'Disponibilitéit 24 Stonnen op 24 Stonnen, an dat siwen Deeg an der Woch, nëmmen duerch Erfolleg gekréint ginn, wann d'Suen do sinn.

Wat seet de Budget 2004 fir eis Police aus? Mir stelle fest, datt sech déi budgetär Moyenë fir eis groussherzoglech Police bal verduebelt hunn. Mat enger Zomm vun 13,63 Milliounen Euro läit de Budget ëm 5,76 Milliounen Euro iwwert deem wat de Budget 2003 ze verzeechnen hat. Eis Regierung huet an dësem Beräich hir Aufgabe gemaach. E Bléck op d'Zuelematerial beleet, datt se gewëllt ass dësen Effekt weider auszebauen. D'Parlament huet den 13. Mäerz 2003 eng Consultatiounsdebatt duerchgefouert, déi e Réckbléck op d'Gesetz vum 31. Mee 1999 gemaach huet an déi en Ausbléck ginn huet op dat wat nach un Erausfuerderunge fir eis Sécherheetskräfte virläit.

D'Chamber huet deemools eng Motioun gestëmmt, déi d'Regierung invitéiert hir Efforten am Beräich vun enger effikasser Police weiderzeféieren. Fir dëser Invitatioun nozekommen, wäert d'Regierung alles an d'Wee leeden, fir an de kommende Méint weider 50 Agenten ze rekrutéieren. Vun der Oppositioun ginn oft Behaaptungen opgestallt, dass d'Regierung an de leschte Joren ze passiv an dësem Beräich gewiescht wär. Och hei gëtt d'Oppositioun duerch ee Bléck op d'Statistik enges Bessere beléiert. Sinn an de Joren 1994 bis 1999 136 méi Agenten agestallt ginn, esou sinn eleng am Zäitraum vun 1999 bis 2003 248 Agenten agestallt ginn.

(Interruption)

Ech denken, datt schonn eleng dës Zuel keng weider Explikatioun brauch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de budgetären Ausbléck op eis Sécherheetspolitik wär net vollstänneg, wann een d'Evénementer vun der Personalpolitik vun der Arcelor an d'Reaktiounen dorobber net mat a Betruecht zitt. Eis Regierung hat am Kader vun de Manifestatiounen op d'Material aus dem Ausland zréckgegraff, fir déi öffentlech Uerdnung ze assuréieren. Fir d'Regierung ass et deemno selbstverständlech, datt an d'Équipement vun eisen Uerdnungskräften investéiert gëtt. Dat besonnesch aus zwou Ursaachen.

Zum enge geet et drëm fir d'Sécherheet vun eise Policeagenten ze garantéieren. Zum anere geet et drëm fir équipéiert ze sinn, fir déi öffentlech Uerdnung oprecht ze erhalen. Biller, déi eis an d'Haiser iwwerdroe goufen, hunn eis d'Noutwendegkeet vun esou engem Investissement virun Ae gehalen. Dernieft erwuessen eng Partie Noutwendegkeeten aus der nächsten EU-Présidence, déi vu Januar bis Enn Juni 2005 iwwert d'Bühn wäert goen. Och hei kënnt dat neit Material zum Asaz, virun allem um Gebitt vum Maintien de l'ordre.

Den entspriechende Budgetsposten ass mat engem Montant vu 540.270 Euro alimentéiert ginn. Dobäi kënnt e Kredit vun 363.400 Euro, dee virun allem fir d'Exploitatioun vu Gefierer, den Entretien vun de Schosswaffen an d'Uschafe vun diverse Materialie geduecht ass. Zu gudder Lescht schaaft sech d'Regierung en neien Helikopter un, dee mat enger Dépense vu ronn 5,2 Milliounen Euro zu Buch schléit.

Een anere wichtegen Investissement betrëfft de Punkt 12.251 iwwert de Bureau commun de Coopération policière et Centre de Coopération policière et douanière. Besonnesch am Kontext vun der grenziwwertriedender Kriminalitéit ass d'Zesummenaarbecht tëschent der Douane an der Police gefuerdert. Hei steet e Montant vu 530.000 Euro am Budget ageschriwwen. Och um Niveau vun der Police judicaire ass et an dëser Legislaturperiod zu enger substanzieller Evolutioun vun den Effektiver komm.

De Kader vun der Police judiciaire ass am Zäitraum vu fënnef Joer ëm 40 Unitéiten ugewuess a bedréit haut eng Unzuel vun 140 Agenten. Et sief an dësem Kontext preziséiert, datt eng weider Evolutioun a Richtung vun 170 bis 200 Agenten eng Interventioun duerch de Gesetzgeber erfuerdert. Parallell zu der Police judicaire ass virgesinn, d'Zuel vun de Magistraten op 197 am September 2004 eropzeschrauwen. Dat entsprécht enger Erhéijung vun 20% an der lafender Legislaturperiod, wann ee weess, datt dës Zuel am Ufank vun der Legislaturperiod bei 166 louch.

De Kader vum Parquet gëtt no de Virgaben aus dem pluriannuelle Plang weider ausgebaut. Domadder klëmmt bis 2004 d'Zuel vun den Ënnersuchungsriichtere vu sechs op 13 Unitéiten; wat enger Verdueblung vun den Effektiver entsprécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en anere wichtegen Aspekt betrëfft d'Agents municipaux, an deen ass jo schonn am Kader vun de Kompetenzdebatten zwëschent dem Stat an de Gemengen ugeschnidde ginn.

Et gouf vun der Innenkommissioun gefuerdert, fir d'Aufgabe vun dësen Agenten opzewäerten. De Koalitiounsaccord vum August 1999 gesäit ënner anerem vir, datt d'Buergermeeschteren d'Moyenë musse kréien, fir hire Pouvoir de police kënnen ze erfëllen. Et geet hei net drëm ëm eng onofhängeg Police an de Gemengen ze fuerderen. D'Agents municipaux sollen awer als e Complément vun eiser groussherzoglecher Police zum Asaz kommen, an dat virun allem wat de Respekt vun de Gemengen a Polizeireglementer betrëfft. Besonnesch duerch si kann de Bierger d'Gefill vermëttelt ginn, datt hir Sécherheet am Quartier an an de Gemenge garantéiert ass an datt ëmmer ee fir si do ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren nëmmen e puer Bemierkungen, déi ech zum sécherheetspolitesche Budget wollt ergräifen. Et läit mir um Häerz, datt nieft deene wirtschaftspoliteschen a finanztechneschen Aspekter vum Haushalt, an dësem fir Lëtzebuerg kruziale Moment, d'Sécherheet net ze vill an den Hannergrond gedrängt gëtt. De Budget, dee fir d'Sécherheet opbruecht gëtt, sou wéi déi Personalopstockung vun eisen Uerdnungskräften, sinn e positiivt Signal un eis Matbierger.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Wann ech dat da richteg verstanen hunn, ass d'CSV fir eng zweet Police! Wann ech dat elo richteg gelauschtert hunn!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir hutt ganz richteg verstanen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech hu ganz genee opgepasst.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- En huet d'Partei gewiesselt, en huet awer d'Iddi bäibehalen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech hu ganz genee opgepasst wat e gesot huet. Also ech schléissen doraus, dass d'CSV fir eng zweet Police ass.

(Interruptions)

Une voix.- Do leit Dir falsch, wéi sou oft.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Claude Meisch an déi aner sollen nolauschteren.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. An der Alldagspolitk dominéiert oft d'Aktualitéit, also dat kuerzfristegt. Och hei am Haus gëtt net allze oft iwwert déi mëttel- a laangfristeg Entwécklung vun eisem Land debattéiert. Zukunftsdebatte wéi déi iwwert den Développement durable bleiwen éischter d'Ausnahm.

Trotzdeem hu mir déi lescht Joren eng Rei vu wichtege Prozesser an d'Weeër geleet, déi d'Zukunft vum

Land ganz massiv wäerte beaflossen. Et ass an éischter Linn den Aménagement du Territoire, deen haut décidéiert a wat fir engem Kader sech eist Land, mat sengen eenzelne Regiounen, deenen 118 Gemengen, och wäit iwwert den nächste Wahltermin eraus, kann entwéckelen an a wat fir engem Ëmfeld d'Leit hei am Land wäerte liewen.

An am Programme directeur vum Aménagement du Territoire, wéi e vun der Regierung de 27. Mäerz vun dësem Joer arrêtéiert gouf, sinn dann och eng ganz Rei vu wichtege Prinzipie festgehale ginn. Zum Beispill dee vun enger dekonzentréierter Dezentraliséierung. Queesch uechtert d'Land goufe regional Entwécklungszentren definéiert, déi jeeweils an hirer Regioun eng zentral Roll sollen iwwerhuelen. Domat ass de Grondsteen fir déi noutwendeg Dezentraliséierung geluecht.

Weider wichteg Instrumenter sinn déi jeeweileg Plans sectoriels, déi scho bestinn oder an der Ausaarbechtung sinn, sief et iwwert de Logement, den Transport, d'Déchargen oder d'Lycéeën. Et sollen am Virfeld, scho laang éier eng akut Décisioun usteet, Prinzipien definéiert ginn, no deenen dës Décisioun ze treffen ass. Ween erënnert sech net un déi eng oder déi aner Standuertdebatt, déi d'Natioun an Otem gehalen huet. Nun, et bleift ze hoffen, datt an Zukunft esou Décisiounen no allgemeng gültege Kritäre kënne getraff ginn.

Mat dem Plang sectoriel „Lycées" zum Beispill besteet e mëttel- a laangfristegt Konzept, fir weider Lycéeën am Land ze implantéieren. Et besti kloer Kritären, no deenen d'Standuerter kënnen definéiert ginn. Sou ka bei der Planung vun engem neie Lycée Zäit gespuert, et kënnen och mat Zäit Standuerter an enger betraffener Gemeng gesicht ginn, iwwerflëssig Transporter sollen ewech falen, Schoulgebaier solle mat der Schoulpopulatioun wuessen, etc., etc.

Oder erënnere mer eis un déi onglécklech Debatt iwwert de 700.000-Awunner-Stat. En Thema wat haut zwar net méi esou aktuell ass, mä wou d'Fro falsch gestallt gi war. Net zu wéi vill mir am Land géinge wunnen, mä haaptsächlech wou mir géinge wunnen, hätt d'Fro missten heeschen. Mat engem Plan sectoriel Logement an haaptsächlech mat de Konklusiounen aus dem breet ugeluechten Débat iwwert den Développement durable, kënnen dës Diskussioune vläicht an Zukunft méi sachlech gefouert ginn.

Grad wann ee wäit an d'Zukunft plangt, kann et net sinn, datt jiddereen a sengem Departement seng eegen Zopp kacht. Dofir ass dës Regierung higaangen an huet a ville Beräicher ressortiwwergräifend Themen ugepaakt. Dat beschte Beispill dofir ass den IVL, also „das integrative Verkehrs- und Landesplanungskonzept", wou jo probéiert gëtt déi laangfristeg Verkéiersplanung, d'Entwécklung vum Wunnraum, déi demographesch Entwécklung, d'Pendlerstruktur an esou weider ënnert een Hutt ze kréien. Dëst ass eng Noutwendegkeet, fir datt net laanschtenee geplangt gëtt, mä fir datt Léisunge fonnt ginn, déi op déi verschidden Aspekter zougeschnidde sinn. D'Konklusioune vum IVL mussen dann och an déi eenzel sektoriell Pläng kënnen afléissen.

Wann eng Regioun zum Beispill weider Awunner soll ophuelen, da muss deem natierlech och bei der Verkéiersplanung Rechnung gedroe ginn. Déi jeeweileg staatlech a kommunal Infrastrukture musse matgeplangt ginn. Déi sektoriell Pläng mussen déi virgezeechent Entwécklung berücksichtegen. D'Approche vum IVL ass dobäi eng national, an esouguer verschidden Aspekter ginn aus der Siicht vun der Groussregioun beliicht - an dat ass och richteg esou. D'Erausfuerderung wäert allerdéngs doranner bestoen, déi Acteuren, déi mat de Konsequenze vun deem engen oder deem aneren Szenario konfrontéiert sinn, an ee Boot ze kréien. Et sinn dat an éischter Linn d'Gemengen. Wichteg Kompetenze vun der Landesplanung leie bei de Gemengen, an dofir kann et guer net sinn, datt hei géint de Wëlle vun de Gemengen d'Szenarien duerchgesat ginn. Fir datt den IVL méi gëtt wéi eng floue Etüd, mussen d'Gemenge matagebonne ginn, si musse gefrot ginn a si musse kloer Konzepter a kloer Prinzipie virgeluecht kréien.

Op där anerer Säit mussen d'Gemengen natierlech och hir Virstellungen entwéckelen, wéi se hir eegen Zukunft gesinn. Do sinn eng ganz Rei vu Gemengen, déi schonn zanter Joren e Stadentwécklungsplang hunn. Et ginn der déi hirer Planungsaufgab do higéint gerecht ginn, andeems datt se iwwert de PAG eraus nei urbanistesch Strategien entwéckelen, déi nach méi en enke Kader setzen, innerhalb vun deem öffentlech oder privat Promoteure kënnen agéieren. Et ass dat ouni Zweifel dee richtege Wee, well esou nieft deene reng ekonomeschen Iwwerleeungen sozial an urbanistesch Virstellunge besser kënne matafléissen. Et ass dofir och ze begréissen, datt d'Gemengen, déi dës Aufgab iwwerhuelen, dofir vum Aménagement du Territoire finanziell ënnerstëtzt ginn.

Da musse mer awer nach e Schratt méi wäit goen a gemengeniwwergräifend, also op regionalem Niveau, eis Entwécklungsszenarie koordinéieren. Et ginn duerfir eng Rei vu flotte Beispiller, wéi d'Zesummenaarbecht am Réidener Kanton oder d'Schafung vum Pro-Sud, also deem Syndikat dat 12 Südgemenge regruppéiert a sech als éischt Aufgab gestallt huet, e regionaalt Entwécklungskonzept ze erstellen. Innerhalb vun deem Syndikat sinn zum Beispill d'Kuerdallgemengen, Käerjeng, Péiteng, Suessem an Déifferdeng nach e Schratt méi wäit a sti virun der Ausschaffung vun engem Entwécklungskonzept fir de Kuerdall, dat an deenen eenzelnen Ufuerderungen an de Beräicher Naturraum, Ekonomie, Transport a Wunnraumentwécklung kloer Ziler wäert formuléieren.

Et ass dat keen einfachen Exercice, mä trotzdeem ass et ëmsou méi noutwendeg eist Konkurrenzdenken ofzeleeën a gemeinsam d'Erausfuerderung vun der Zukunft unzegoen. Eist Land ass ze kleng, fir datt mer eis kënnten erlaben op e puer Quadratkilometer géinteneen amplaz mateneen ze schaffen. Trotzdeem mierkt een, datt et net einfach fält fir agefleeschte Reflexer ze ënnerdrécken oder ze iwwerdenken.

Fir datt déi regional Zesummenaarbecht sech dann och landeswäit kann duerchsetzen an et net bei de Strategien an de Konzepter bleift, mä dës herno um Terrain wierklech ëmgesat ginn, musse virun allem déi finanziell Laaschte vun där Entwécklung gerecht opgedeelt ginn. De Ministère vum Aménagement du Territoire fördert zwar d'Opstellung vu regionalen Entwécklungspläng, mä wourop et ukënnt ass, datt d'Folgekäschte kënne geschëllert ginn.

Wann eng Gemeng sech zum Beispill besonnesch eegent fir zousätzlech Awunner kënnen opzehuelen, den Naturraum besonnesch erhalenswäert ass, an dann och nach Noerhuelungsgebidder soll schafen, d'Nopeschgemeng awer predestinéiert ass fir grouss Flächen an nei Gewerbegebidder a Gewerbezone kënnen ze verwandelen, dann hu mir e Problem, nämlech datt déi eng Gemeng d'Laaschte vun den noutwendegen Infrastrukturen an den öffentleche Servicer fir d'Bierger muss droen, déi aner awer duerch d'Opdeelung vun der Gewerbesteier déi gréisste Benefisser. Dofir musse mir méi wäit denken, wa mer déi regional Entwécklungskonzepter och wëllen an d'Realitéit ëmsetzen. D'Laaschten an de Benefiss musse gerecht tëschent de Gemengen an dem Stat verdeelt ginn.

Wa grad de Süde sech an der rezenter Vergaangenheet nei Strukture ginn huet fir déi regional Entwécklung ze begleeden a virun ze dreiwen, dann huet dat natierlech domat ze dinn, datt am Süden e bedeitenden Entwécklungsschub erwaart gëtt. Duerch d'Rekonversioun vun den Industriebroochen, duerch déi geplangten Investissementer vum Stat a wichteg Infrastrukturen an duerch déi méi bedeitend Schrëtt a Richtung vun enger Dezentraliséierung wäert de Strukturwandel am Süden eng nei Qualitéit kréien. D'Regioun huet sech awer zesummefonnt, fir datt et net bei där sécherlech begréissenswäerter Entwécklung op den Industriebrooche bleift, mä datt déi ganz Regioun dovunner ka profitéieren. Dat geet awer nëmme wa mir kohärent Entwécklungskonzepter iwwert déi ganz Regioun erstellen, déi natierlech d'Industriebrooche matabezéien, déi besonnesch awer och d'Impulser vun der Rekonversioun op déi ganz Regioun considéréieren.

Esou däerf d'Entwécklung op den Industriebroochen net zu de Laaschte vun de bestehende Stadzentre goen. Villméi solle vun de Broochen déi noutwendeg Impulser op d'Stadzentren ausgoen. Dat bedeit eng Rei vun Ufuerderungen un d'Rekonversioun vun de Broochen. Allerdéngs musse sech déi historesch Zentren och op dës Entwécklung astellen. Si mussen agéieren an net nëmme reagéieren. Et muss complémentaire geduecht ginn, fir datt déi ganz Regioun sech kohärent kann entwéckelen.

D'Gemengen an d'Regioune si guddes Wëllens déi Prozesser do ze begleeden. Si kréie mat engem neie legislative Kader dat néidegt Handwierksgeschier dofir. Et geet ëm eis Liewensqualitéit, ëm eng nohalteg Entwécklung an eise Regiounen an an eisem Land.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budget 2004 steet u sech nach méi wéi seng Virgänger am Zeeche vun dem Ralentissement vun der Ekonomie, an als fréiere Budgetsrapporteur weess een natierlech besonnesch gutt anzeschätzen, wat u sech dat wirtschaftlecht Ëmfeld bedeit, well viru véier Joer konnt een op dëser Plaz am Kader vun de Budgetsdebatten iwwer ganz aner Chifferen diskutéieren. Et konnt ee vun engem excellenten ekonomeschen Ëmfeld schwätzen. Ech erënnere mech nach, deemools hu mer d'Recetten an d'Dépensen tabléiert op enger Croissance vu 6%.

Haut, also nëmme véier Joer méi spéit, gesäit trotzdeem villes anescht aus, an do gesäit ee jo och wéi an engem kuerzen Zäitraum villes kann änneren. D'Situatioun ass eescht, si ass net dramatesch, sot de Statsminister, wat och richteg ass, well dëse Budget weist jo u sech déi niddregst Progressioun zënter deene leschte 25 Joer op, an da gëtt et engem och erëm bewosst wéi wichteg datt et ass, datt een an Zäite vun Héichkonjunktur net onnéideg Dépensë mécht, mä datt et zielt fir éischter Reserven unzeleeën, fir dann an Zäiten, wou d'Recetten ebe méi niddreg sinn, awer déi néideg Investissementer kënnen ze maachen. An hei kann een ouni Zweifel soen, datt d'Regierung an deene leschte Joren de richtege Wee gewielt huet. Well eis Fongen haut esou héich dotéiert sinn, kënne mer nach eng Rei besonnesch wichteg Infrastrukturaarbechte realiséieren.

A wa mer ronderëm eist Land kucken, wa mer do déi wirtschaftlech Situatioun analyséieren, da kann een ouni Zweifel scho vu seriöser Kris schwätzen. Dat kann een awer net onbedéngt an eiser Situatioun hei gesinn.

Ech mengen, mir hu mat Sécherheet keng Ursaach fir elo hei an eng Dépressioun ze verfalen. Dofir kann ech och kee Verständnis opbréngen, wann elo vun Oppositiounssäit hei déi lescht Deeg ëmmer erëm esou eng Ënnergangsstëmmung eropbeschwuer ginn ass.

(Interruptions diverses)

Neen, mä et ass ëmmer erëm op eng negativ Situatioun higewise ginn an ech géif esouguer soen, dat ass kontraproduktiv, well dat wierkt sech mat Sécherheet och negativ aus fir déi auslännesch Investoren, an dowéinst ass et falsch esou en Débat ze féieren.

Ech wëll nämlech hei och nach eng Kéier op déi awer impressionnant Zuelen zréckkommen, déi de Statsminister déi lescht Deeg hei opgezielt huet. Zum Beispill ass et hei zu Lëtzebuerg esou, dass eng Famill 104% vu sengem Bruttogehalt behält. A Frankräich ass dësen Taux schonn nëmme méi 86% an an Däitschland esouguer nëmmen 81%.

Dann ass am Joer 2003 de Konsum bei de Stéit ëm 2,3% an d'Luucht gaangen an am Handel ass och keen Abroch komm. Au contraire, och do ass eng Steigerung vu ronn 6,5% ze vermierken.

Da wëll ech nach op eng rezent Etüd hiweisen, déi virgëschter publizéiert ginn ass, wou Lëtzebuerg och un der Spëtzt steet wat déi wirtschaflech Kompetitivitéit an Europa ubelaangt. Ech géing also soen, dat sinn Zuelen a Statistiken, déi éischter Optimismus solle verspreeën an net wéi gesot ëmmer erëm deen negativen Dialog hei féieren, déi negativ Aussoe maachen, wat mat Sécherheet alles aneschters wéi positiv ass fir d'ekonomesch Entwécklung vun dësem Land.

Selbstverständlech kann een d'Realitéit net verkennen. Mir hunn ee gréissere Problem. Dat ass de Chômage, deen de Moment leider en Taux vu 4% erreecht huet. Dat sinn ouni Zweifel 4% ze vill, mä och do soll ee realistesch sinn an dat an d'internationaalt Ëmfeld setzen. Da gesäit een, datt d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg nach net an deem Mooss esou dramatesch ass.

Wa mer eng Analys vun der ekonomescher Situatioun maachen, muss ee sech och Gedanken iwwert de Fonctionnement vun eisem Statsapparat maachen. Et gëtt jo pauschal gären hei behaapt, an d'sozialistesch Kolleegen ënner anerem hunn erëm dovu profitéiert, de Statsapparat wier ze schwéierfälleg, de Statsapparat wier ze deier. Och do vläicht emol e puer Zuelen, déi awer de Contraire beweisen.

Zum Beispill am Joer 2001 hunn d'Gesamtdépensë vun den öffentleche Verwaltunge 40,4% vun eisem PIB ausgemaach. Dat ware 7,9% manner wéi am EU-Duerchschnëtt. Am Frankräich louch deen Taux bei 52,7% an an der Belsch bei 49,4%.

An dann nach e Wuert zu de Gehälter vun de Leit, déi am öffentlechen Déngscht ugestallt sinn, wou jo och verschidde Leit net midd ginn ëmmer erëm drop hinzeweisen, datt dat vill ze vill en héijen Ausgabepunkt wier. Ronn 8,3% vum PIB maachen d'Gehälter vun den Ugestallten am öffentlechen Déngscht bei eis aus. Den EU-Duerchschnëtt läit allerdéngs bei 10,3%. An deem Kontext schreift ënner anerem d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an hirem Avis zum Statsbudget: „Les chiffres démontrent donc clairement le cliché d'une fonction publique luxembourgeoise trop bien rémunérée."

An dann däerf een effektiv net vergiessen, datt am Budget 2004 elo en Astellungsstopp fir d'Personal dekretéiert ginn ass, sauf wat den Enseignement an d'Police ubelaangt. Dat vereinfacht mat Sécherheet net den administrativen Oflaf, mä weist awer op där anerer Säit, datt d'Regierung an Zäite wou et méi lues geet bestrieft ass fir d'Personalkäschten insgesamt am Grëff ze halen.

Da muss ee sech natierlech awer an deem Kontext och déi kruzial Fro stellen: Wéi vill Stat brauche mer iwwerhaapt?. Et huet een heiansdo e bëssen d'Gefill wéi wann an enger Situatioun, wou et engem Land dach awer nach relativ gutt geet, de Ruff nom Stat, no de Gemenge ganz grouss ass. De Stat ka jo awer net alles maachen. De Stat ka vill, mä awer och do ginn et Limiten, an dofir ass d'Iwwerleeung ze féieren, ob net och hei musse verschidde Saachen, ech denke besonnesch un dat Soziaalt, d'Wirtschaft, d'Ëmwelt, d'Kultur an d'Familljepolitik, éischter deelweis emol vu Privatinitiative kënne realiséiert ginn an datt net ëmmer muss direkt no der öffentlecher Hand geruff ginn.

Dat heescht am Klortext, datt déi eenzel Bierger och musse bereet si vläicht méi Eegeverantwortung ze iwwerhuelen. Ech weess, datt ee sech do als Liberale vläicht e bëssen ofgrenzt vun anere politesche Stréimungen, mä mat Sécherheet ass dat awer eng Approche, déi méi wéi jee och an Zukunft muss gëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ginn och eenzel Leit heibannen, an dat ass jo de Moien an de Mëtteg och net anescht gewiescht, déi esou pauschal behaapten, um Niveau vun der Réforme administrative géing guer näischt geschéien. Entweder sinn dat béiswëlleg Ënnerstellungen, oder et si Leit déi net genee am Bild sinn. Ech wëll awer och drop hiweisen, datt déi Leit, déi u sech de Statsapparat um dréien halen, dat heescht d'Ugestallten, do eng ganz aner Meenung hunn. Ech zitéieren duerfir nach eng Kéier aus dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics: „Des efforts importants ont été entrepris pour moderniser l'administration et la rendre plus efficiente et plus proche du citoyen." Verschidde Kriticker sollten also vläicht an Zukunft dach awer e bësse méi roueg do optrieden.

Ech wëll op dëser Plaz op e puer wichteg Projeten hiweisen, déi de Moment realiséiert ginn. Een dovun ass de Système intégré de gestion de l'État pour son personnel, an de SIPEN, de Système intégré de gestion des pensions. Et sinn am Budget Kreditter virgesi vu méi wéi 2 Milliounen Euro fir besonnesch déi do zwee Projeten ze realiséieren.

Dernieft gëtt och un enger Rei anere Projete geschafft, wou ech elo net onbedéngt wëll an den Detail hei goen, mä d'Tatsaach eleng, datt d'Kreditter fir de Centre informatique ëm 9% an d'Luucht gaange sinn, beweist, datt der Informatiséierung vum Stat jo awer ëmmer méi e grousst Gewiicht reservéiert gëtt. Dat huet natierlech un éischter Linn mat der Ëmsetzung vun deem ambitiéise Projet e-Government ze dinn. Donieft natierlech och mat der Augmentatioun vun der Capacitéit vum zentrale Computer a mat der Verbesserung vun der Connectioun tëschent deenen eenzelne staatleche Verwaltungen.

Da gëtt ëmmer weider vu verschiddene Säite monéiert, dat géing net séier genuch goen, an et gëtt nawell gäre mam Fanger op de Ministère vun der Fonction publique gewisen, wéi wann deen eleng responsabel wär.

Des voix.- Oho!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ech wëll awer just mol hei ze bedenke ginn, wat de Rôle vum Ministère de la Fonction publique ass. Dat ass deen, fir Koordinator ze spillen, fir d'Impulser ze ginn.

(Interruptions)

Mä selbstverständlech ass all Ministère, all Verwaltung op hir Manéier responsabel fir d'Ëmsetzung, an et ass also net richteg wann ee pauschal hei ëmmer nëmmen ee Ministère eleng viséiert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Si sinn alleguer schlecht!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Dat sot Dir. Ech sinn der Meenung, datt se alleguer gutt sinn, Här Di Bartolomeo!

Zum gudde Fonctionnement vun de Services publiques gehéieren natierlech och gutt Infrastrukturen, virun allem awer den Équipement. Ech si ganz domat d'accord, datt, besonnesch wat d'informatescht Material ubelaangt, nach mussen eng Rei vun Adaptatioune gemaach ginn, mä et kann ee mat Sécherheet awer net hei behaapten, datt de Projet e-Government net op enger gudder Schinn wier, och wa mer vun der EU-Kommissioun vläicht net grad als Champion duergestallt goufen, mä och dat muss ee relativéieren. Et däerf een net vergiessen, datt eng Rei vu Projeten, déi schonn entaméiert waren, net bei der Bewäertung vun der EU-Kommissioun a Betruecht gezu goufen, esou datt d'Bild sech haut aneschters duerstellt. Haut kréie mer nämlech eng grouss Progressioun beschäinegt, sou datt déi Kritik ze relativéieren ass, ëmmer erëm ze behaapten, um Niveau vun der Informatiséierung vun dem Statsapparat géing näischt geschéien.

Da wëll ech och drop hiweisen, datt de Moment 70 Projeten amgaange sinn ëmgesat ze ginn. Et ass also kloer, an deenen eenzelne Verwaltunge si ganz grouss Efforte gemaach ginn. Zum Beispill ass d'Steierverwaltung zënter dem 20. Juni online, a grad dës Verwaltung an och den Enregistrement sinn duerch eng Rei vu gesetzlechen Upassungen an deene leschte Méint vill méi effizient gestallt ginn, ënner anerem duerch d'Aféierung vun der sou genannter Filière informatique.

Da verweisen ech op dat neit Marché-publics-Gesetz, wat mer de leschte 15. Mee gestëmmt hunn. Och do gëtt der Informatik grouss Rechnung gedroen. Et erlaabt virun allem den Entreprisen hir Borderauen op eng aner Manéier auszefëllen, an net méi mussen déi klassesch administrativ Aarbecht ze maachen, wat mat engem groussen Zäitopwand verbonne war. Da wëll ech an dësem Kontext awer och....

(Interruption)

…zréckkommen op d'Gesetz, wat mer iwwert d'TVA gestëmmt hunn, wou et elo de Betriber méiglech gëtt, hir TVA-Deklaratiounen online eranzeginn. Selbstverständlech mussen nach weider Ustrengunge gemaach ginn.

Da wëll ech drop hiweisen, datt eng Rei vu reglementareschen Upassungen an Ëmännerunge gemaach gi sinn, respektiv amgaang si gemaach ze ginn. Zum Beispill wat d'Recrutementskritären ubelaangt, wou u sech den Examenconcours elo soll generaliséiert ginn. Dann ass och e Règlement grand-ducal an Ausaarbechtung, wat d'Schichtaarbecht ubelaangt. Schlussendlech ass och eng nei Instruktioun vun der Regierung ausgeschafft ginn, wat d'Fonctionnariséierung ubelaangt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschte Budget vun dëser Legislaturperiod erlaabt u sech vläicht kuerz e Bilan ze zéien iwwert déi Aarbecht, déi insgesamt um Niveau vun dem öffentlechen Déngscht gemaach ginn ass. Dat mannst, wat ee ka soen, ass, datt dee Bilan jiddefalls ganz positiv ass. Et brauch een net méi nach eng Kéier drop hinzeweisen, datt spéitstens nom Untrëtt vun dëser Regierung, der CSV-DP-Regierung, den Dialog vill méi intensiv erëm mat dem öffentlechen Déngscht gefleegt ginn ass. Ech wëll och drun erënneren, datt entre-temps zwee Accords salariaux ënnerschriwwe goufen. Dat huet ouni Zweifel säin Impakt op de Budget. Wann dann awer elo op eemol Leit hei mengen, den Accord salarial misst vläicht renégociéiert ginn, misst souguer no ënne revidéiert ginn, wéi dat jo gëschter vun den ADR-Kolleegen hei gesot ginn ass, da wëll ech ganz däitlech am Numm vun der Demokratescher Partei soen, datt et fir eis ee Prinzip an der Politik gëtt: Wa mir eppes versprach hunn, dann hale mir et och. Dat ass eng däitlech, eng kloer Ausso, a mir stinn zu deem, wat mer gemaach hunn a wäerte selbstverständlech dat bis de leschte Komma esou ëmsetzen.

(Interruption)

Mä et wier vläicht net schlecht, wann och aner Leit an der Politik sech mol deem Prinzip géinge méi unnäheren. Dat wär gutt fir d'politesch Kultur insgesamt hei zu Lëtzebuerg, well eng aner Haltung ass ouni Zweifel e Vertrauensbroch. Dat géing dozou bäidroen, datt d'Leit dee Moment sech nach méi vun der Politik géingen distanzéieren.

An deem Kontext ass et och erwähnenswäert ze soen, datt selbstverständlech eng allgemeng Gehälterrevisioun an dësen Zäiten net machbar ass, awer net soll ausschléissen, datt ee sech soll spéider Gedanke maachen…

(Interruption)

…iwwer eenzel Carrièren, déi ouni Zweifel mussen nei iwwerduecht ginn.

An da wëll ech awer och nach drop hiweisen, datt déi verschidden Accords salariaux eng Rei aner Verbesserungen nach mat sech bruecht hunn, sief dat d'Revalorisatioun vun der Iessenszoulag a virun allem d'Ersetze vun de Biennalen duerch Annalen.

Schlussendlech nach e kuerzt Wuert iwwert de Statsbeamtestatut, dee mer jo den 30. Abrëll hei gestëmmt hunn. Wa meng Mémoire gutt ass, huet keen dergéint gestëmmt gehat. Et ass e Statut, dee jo awer och eng Rei vun neie Rechter fir d'Statsbeamten, respektiv fir all déi Leit, déi am öffentlechen Déngscht agestallt sinn, bruecht huet. Och huet d'Adaptatioun vum Pensiounsregime am öffentlechen Déngscht säin Nidderschlag op dëse Budget.

Et ass ganz kloer, datt an deene leschte véier an en halleft Joer vill am Intérêt vun dem öffentlechen Déngscht zu Lëtzebuerg realiséiert ginn ass. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics weess dat och ze schätzen, an duerfir wëll ech se eng leschte Kéier hei zitéieren: „C'est dire que le bilan d'un partenariat fructueux retrouvé grâce à la pratique d'une politique d'ouverture, de transparence et de concertation se révèle très positif." Dat ass d'Bewäertung vun Aussestehenden iwwert d'Politik am öffentlechen Déngscht an deene leschte véier an en halleft Joer hei zu Lëtzebuerg.

An datt d'Majoritéit vun de Bierger hei zu Lëtzebuerg zefridden ass mam öffentlechen Déngscht, geet jo awer och aus engem Sondage ervir, deen am Juni 2002 duerchgefouert ginn ass. Ronn 85% vun alle Gefroten hu sech positiv iwwert d'Qualitéit vum Statsdéngscht ausgeschwat. 84% hunn de Beamten hir Kompetenz positiv ervirgehuewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, global gekuckt ass dëse Budget ouni Zweifel gepräegt vun der Virsiicht an huet och keng Wahlcadeauen an der Täsch. Dës Majoritéit spillt also mat oppene Kaarten. Et ass evident, datt d'Demokratesch Partei ënnert dem Virsëtz vun hirem Fraktiounschef Jean-Paul Rippinger dësem Budget wäert hir Zoustëmmung ginn.

Ech wëll awer net ofschléissen, ouni dem Budgetsrapporteur mäin éierleche Merci auszespriechen. Wann een d'Chance hat, deen Exercice och eng Kéier ze maachen, da weess een, wat fir eng Aufgab dat ass. Eng Aufgab, déi mat enorm vill Engagement, mat vill Zäitopwand verbonnen ass. A wann dann am Endeffekt awer esou en Dokument zustane kënnt, dann ass dat och eng perséinlech Satisfaktioun.

(Interruption)

Deen hat och e ganz gudden Exercice gemaach, mä e war net gutt genuch, well et ass mol keen Document parlementaire ginn.

(Hilarité)

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eise Fraktiounschef Gast Gibéryen huet gëschter hei dëse Budget als Trickinicki-Budget bezeechent, an ech wëll nach eng Zill dropleeën, ech géing mengen, dëse Budget sténg ënnert dem Motto: Après nous le déluge, no eis d'Sintflut.

Här President, all Budget setzt sech aus zwou Säiten zesummen: aus Recetten an Dépensen. Ech wëll mech, well ech net vill Zäit hunn, bei de Recetten net laang ophalen. Et ass kloer, datt d'Recetten ëmmer eng Schätzung ass, déi net ëmmer einfach ass. Et gesäit ee ganz besonnesch bei der Aschätzung vum BIP: Déi Blamage datt mir, oder d'Regierung, ee Joer nodeems datt 2001 eriwwer war, festgestallt huet, datt et awer net esou war wéi si gemengt hat, ass eis alleguer nach gutt an Erënnerung.

Mä de Budget ass net nëmmen ofhängeg vun der Konjunktur. En ass och ofhängeg vun der Struktur vun enger Ekonomie, an ech mengen déi Schwieregkeet, déi mer elo hunn, déi ass zu engem groussen Deel drop zréckzeféieren, datt eis Wirtschaft ëmmer nach vill ze vill monolithesch opgebaut ass, dat heescht, datt mer eng extrem Ofhängegkeet vun eisem Finanzsecteur hunn. De Gast Gibéryen huet gëschter hei opgewise wéi d'Provisioune bei de Banken opgebraucht ginn. Dat war eng Mouk, déi mer haten, op déi mer konnten zréckgräifen, do ass net méi vill. D'TVA ass agedriwwen esou wäit wéi et geet, an op ville Plazen ass zesummegeschäert gi wat zesummenzeschäre war, fir en iergendwéi an d'Gläichgewiicht ze kréien a fir eng Situatioun de Leit dobausse virzegaukelen, déi effektiv net esou gutt ass. Dat wäert eis d'nächst Joer ganz sécher net méi gelengen, an dofir muss et engem vun där Säit hier ëm d'Zukunft relativ baang sinn.

Ech kommen dann op d'Säit vun den Dépensen. Et ass jo do wou d'Politik méi Gestaltungsspillraum huet. Mir kréie vu jiddferengem, deen e Gutachten ofginn huet, gesot, mir sollen d'Konsumausgabe probéieren ze drosselen an esou wäit wéi et méiglech ass d'Investitiounen oprechtzëerhalen. Ech wëll dofir mam Konsum ufänken. Dat ass virun allem d'Gehälterpolitik, an do sinn ech diametral anerer Meenung wéi mäi Virriedner. Et war total falsch an deenen extrem gudde Joren, wou mer alleguer gesot hunn, déi realistesch gekuckt hunn, datt dat net éiweg kënnt esou weidergoen, datt mer an enger extrem gudder Situatioun wäre fir d'Gehälter an deem Mooss ze héije wéi dat geschitt ass. Et muss een och drun erënneren, ouni datt ech dat wëll awer a Fro stellen, datt mir praktesch dat eenzegt Land wäit a breet sinn, wat nach eng automatesch Upassung un d'Deierecht huet.

Dofir war et scho falsch bei deem viregten Accord, datt déi Cotisatioun, déi do agefouert ginn ass, duerch eng Erhéijung vun de Gehälter kompenséiert ginn ass. D'Auswierkunge vun deem Accord op de Budget maachen haut an ale Lëtzebuerger Frange ronn dräi Milliarden d'Joer aus, an da kënnt dann deen Accord salarial, deen nach leeft, deem seng lescht Tranche elo op den 1. Januar erfält. Och deen Accord salarial ass net glécklech gewiescht, en ass op falsche wirtschaftlechen Daten ausgehandelt an och hei votéiert ginn. Et stoung awer dran, datt nei Verhandlungen däerfte si wann d'Wirtschaft sech besser géing entwéckele wéi dat géing ausgesinn. Dorausser kann ee jo awer logescherweis ofleeden, datt een och misst kënnen an déi aner Richtung noverhandelen.

Här President, den ADR hat dat Gesetz deemools net gestëmmt, a mir hunn d'lescht Joer konsequenterweis, an deem wat sech ofgezeechent huet, scho verlaangt, datt déi zweet Tranche vun 1,6% op d'mannst misst ausgesat ginn, bis datt d'Ekonomie erëm aner Signaler géing aussenden. Déi 4,8%, wann dann elo déi drëtt Tranche erfall ass, maachen och erëm all Joer an Zukunft, wa mer dann net zréckfueren, ronn 52 Milliounen Euro oder 2,1 Milliarde Frang aus. Dat ass och an dësem Budget de Fall, dee mer elo diskutéieren. Här President, mir sinn der Meenung, datt d'Chamber hei muss Faarf bekennen. Mir hunn dofir en Amendement virbereet, wou mer froe fir datt déi lescht Tranche vun deenen dräi soll aus deem Gesetz erausgeholl ginn. Ech ginn lech deen Amendement, da ka jo jiddfereen hei Faarf bekennen.

Amendement 4

L'article 1 de la loi du 22 juillet 2002 modifiant et complétant a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, b) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002 est amendé comme suit:

Article 1er

Partie A

Le 3e tiret, libellé comme suit: „à partir du 1er janvier 2004 au montant annuel de 2.706,18 euros, valeur au nombre cent de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948" est abrogé.

Partie B

Le 3e tiret, libellé comme suit: „à partir du 1er janvier 2004 au montant annuel de 2.562,49 euros, valeur au nombre cent de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948" est abrogé.

(s.) Robert Mehlen, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Ech wëll awer och däitlech soen, Här Rippinger, wann dat lech och vläicht net gefält, datt et am Interesse esouguer vun der Fonction publique ass, well all dat Geld, wat mer net a Konsumausgabe stiechen, hu mer méi fir ze investéieren. An zwou Milliarde méi an d'Investitiounen, ob dat beim Stat oder vläicht besser nach bei de Gemengen ass, géingen eiser Ekonomie ganz sécher ganz gutt doen. An ech sinn esouguer iwwerzeegt, wien dann och ëmmer déi nächste Kéier an der Verantwortung ass, datt mer d'nächst Joer, beim nächste Budget doriwwer schwätzen, fir erëm hannertzeg ze fueren, an da schwätze mer net nëmme vun 1,6%.

En anere Punkt, Här President, deen eis schonn ëmmer gestéiert huet, dee mer schonn x-mol hei opgeworf hunn, geet méi wäit zréck. Dat ass de Wahlcadeau, deen de Minister Boden den Enseignantë gemaach huet, deen och d'öffentlech Hand vill Geld kascht huet, deen dozou gefouert huet, datt vill Personal huet missen agestallt ginn, déi Circulaire wou d'Stonnenzuel vun dem Personnel enseignant am Primaire reduzéiert ginn ass. Mir sinn der Meenung, datt et esouwuel am Intérêt vun der Schoul ass wéi am Intérêt vun den öffentleche Finanzen, datt déi Situatioun endlech eng Kéier redresséiert gëtt. Jiddfereen ass domat d'accord, datt se net glécklech ass. Ech ginn lech och an deem Sënn eng Motioun.

Motion 5

La Chambre des Députés,

- constatant un manque chronique d'instituteurs brevetés dans l'enseignement primaire;

- considérant le règlement grand-ducal du 3 mai 1989 fixant la tâche des enseignants de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire;

- considérant la réduction de la tâche hebdomadaire normale des instituteurs intervenue par ce règlement comme cause principale de la pénurie d'instituteurs brevetés;

- considérant que chaque enfant a droit à un enseignement primaire de qualité et que l'intérêt de l'enfant doit primer sur toute autre considération politique voire électorale;

- considérant le rétablissement de la tâche hebdomadaire des instituteurs de l'enseignement primaire au volume d'avant le règlement grand-ducal précité comme essentiel afin de relever le défi de l'intégration d'une population croissante d'élèves d'origines socioculturelles diverses et de permettre aux enseignants de transmettre de façon plus efficiente des programmes scolaires de plus en plus chargés;

invite le Gouvernement

- à rétablir d'urgence le volume de la tâche hebdomadaire des instituteurs de l'enseignement primaire au volume d'avant le règlement grand-ducal du 3 mai 1989 fixant la tâche des enseignants de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire.

(s.) Robert Mehlen, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Ay Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Ech kommen da bei d'Investitiounen. Et ass wichteg, datt mer se kënnen héich hale beim Stat a virun allem bei de Gemengen. D'Spréchwuert seet: Geet de Bau, da geet och d'Ekonomie. An et ass ze fäerten, datt hei, wa mer dann net méi esou kënnen investéiere wéi mer dat gewinnt waren, en Däiwelskrees entsteet, dee sech fatal fir d'éischt op d'Ekonomie an duerno och op d'Statsfinanzen auswierkt. Ech wëll warne virun där Euphorie, mir hu Reserve genuch a mir hu jo duerno nach eng Verscholdungscapacitéit. Den däitsche Stat ass nëmmen dofir esou an d'Schwieregkeete geroden, well en och gemengt huet, hie kënnt villes iwwert d'Scholde maachen. Den däitsche Stat bezuelt de Moment 37% vu sengem Budget op de Scholdebierg zréck. Dat wär eng Attitüd, déi wär irresponsabel, déi mir ënner kengen Ëmstänn kënnte matdroen.

An da muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wéi ass dann hei an der Vergaangenheet investéiert ginn, a wéi investéiere mer nach virun? Et kënnt een et ënnert d'Zeeche setzen: nëmmen drop lass. De Pei-Musée: Hei war keng Consultation préalable vum Parlament, et ass keen Architektecon-

cours ausgeschriwwe ginn. 200 Millioune Frang Honorairë fir d'Kaz. Bis elo si scho 506 Milliounen Honorairen dropgaangen. Mir wëssen net ob mer bei sechs, siwen oder 800 Millioune landen, well et ass jo nach laang net fäerdeg. A wann Der dat héichrechent mat 14%, da komme mer wäit iwwert dat eraus wat votéiert ass, jiddefalls vill méi wäit iwwert dat wat urspréngglech d'Parlament hei festgehalen hat, dat waren déi 2,78 Milliarden.

Datselwecht beim Cita. De Minister Goebbels, dee jo hei scho verschiddentlech gelueft ginn ass, huet dat einfach lancéiert…

(Interruptions diverses)

…ouni Consultation préalable vum Parlament. Et war kee Gesetz do wat hien dozou autoriséiert huet. Dunn ass den Trick fonnt gi mam Fonds des routes fir d'Saach awer iergendwéi iwwert d'Bühn ze kréien. Et sollt am Ufank eng Milliard kaschten, elo wësse mer, datt et der dräi an eng hallef sinn. Et huet bis elo - do ass all Mënsch sech eens - iwwerhaapt nach näischt bruecht, an déi meeschte Leit sinn och iwwerzeegt, datt et an Zukunft näischt bréngt.

Datselwecht: Centre de Conférences provisoire do uewen um Kierchbierg, wou mer jo just virun der Vakanz zesummegetrommelt gi sinn: erëm eng Kéier keng Consultation préalable vum Parlament, wéi solle mer dat do upaken. Well et wär eng Alternativ gewiescht, dat war déi fir mat Bréissel en Accord ze fannen. Kee Gesetz. Et gëtt dann e Gesetz versprach, mä gläichzäiteg wou mer kontaktéiert gi sinn, fir ze kucke wéi mer da sollte virgoen, waren d'Marchéë schonn all iwwert de gré à gré verginn.

M. Une voix.- Et war scho bal fäerdeg.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Et war scho bal fäerdeg, et ass wouer, an der Realitéit. Esou gëtt mat den öffentleche Gelder hei am Land ronderëm sech gehäit. Aner Projeten och, déi vläicht schéin a gutt sinn, mä déi een awer an Zäiten, wou ee muss selektiv virgoen, net ka fir gutt heeschen. De Gast Gibéryen huet gëschter scho gesot hei: Den Héichuewe bei der ARBED ass eng schéi Saach, do kann ee soen, dat ass schéint Wonschdenken, awer mir kréien et ganz sécher net méi bezuelt. Wann ech do uewen um Kierchbierg de Boulevard Kennedy huelen, dat ass déi rengste Geldverschwendung. Do ass och kee Parlament gefrot ginn. Dee Fonds de Kirchberg, deen autonom do fonctionnéiert, dee mécht wat e wëllt ouni e Mënsch ze froen. Do war eng Situatioun, déi huet gutt fonctionnéiert, déi fonctionnéiert elo méi schlecht wéi se virdru war.

Bei deenen Eisebunnsinfrastrukturen hu mer Schwieregkeete fir d'Leit hei an der Stad verdeelt ze kréien. Wat passéiert do? Elo baue mer den Zuch dorobber op de Findel fir de Problem ze léisen. Et versteet kee Mënsch et. An dat Lescht ass dann de Provisorium fir den CRP Gabriel Lippmann, dee soll 460 Millioune Frang kaschten, wou de Statsrot sech jo och freet: Wéi ass esou eppes méiglech, datt een esou vill Geld an e Provisorium investéiert?

Wann een dann nach kuckt wéi mat de Lëtzebuerger Entreprisë verfuer gëtt. D'Beispill vun de Pei-Steng, Här President, dat ass e Paradebeispill wéi hei am Land mat Favoritissem, wéi hei am Land Dysfonctionnementer bei de grousse Marchéë matspillen, wéi hei am Land mat de Lëtzebuerger Entreprisen ëmgespronge gëtt. D'Geriichtsuerteeler, déi bis elo komm sinn, hunn alleguer en défaveur vum Ministère geschwat. D'EU-Kommissioun huet der Lëtzebuerger Regierung schonn e béise Fanger gemaach. A wann et fäerdeg ass, dann hu mer eng schlecht Qualitéit do, déi mer deier bezuele mussen, jiddefalls méi deier wéi wann esou verfuer gi wär wéi dat hätt solle sinn.

Als Beispill am Centre Pierre Werner, wou et iwwert d'Lëtzebuerger Televisioun gaangen ass, eng Ausschreiwung, wou de Produit ganz genau virgeschriwwe war, dat heescht, et konnt nëmmen een Eenzege liwweren. Et hunn der zwee reklaméiert. Da gëtt d'Ausschreiwung erëm annuléiert an et passéiert awer weider näischt. Op eng Question parlementaire seet d'Ministesch dann, neen, si hätt awer net kënne feststellen, datt do eppes falsch gewiescht wär. Här President, hei kann ee mat zwou Hänn de Favoritissem gräifen, mä et geschitt näischt, et beweegt sech näischt.

Op der Place de l'Europe, en neit Beispill, gëtt de Granit ausgeschriwwe mat deem déi Plaz do soll zougeluecht ginn, da kënnt an de Bordereau stoen, déi Entreprise, déi do wëllt schaffen, muss 300 Leit minimum beschäftegen. Dat versteet kee Mënsch, deen eppes vum Handwierk do kennt. Eng normal Entreprise hätt dat och kënne kréien. Ganz kloer erëm eng Kéier d'Lëtzebuerger Entreprisen, déi normal Entreprisen, écartéiert. Mat de Luuchten, déi dohinner solle stoe kommen, erëm eng Kéier datselwecht. Et ass méi wéi 5% vum Marché, do ass et schonn erëm ofgezeechent, datt et net soll ausgeschriwwe ginn, obschonn do Reklamatioune lafen, mengen Informatiounen no, an déi Leit, déi an deem Secteur schaffen, déi soen, do uewe stéinge scho fir iwwer 200 Millioune Frang Luuchten, wou ëmmer erëm déiselwecht ausländesch Entreprise de Marché kritt, well net ausgeschriwwe ginn ass.

Här President, esou kënne mer hei am Land net virufueren. Dat ass zum Schued vun den öffentleche Finanzen an et ass virun allem zum Schued vun eisen Entreprisen, déi hei schaffen an déi hei Steiere bezuelen.

Här President, ech kréie gewisen, datt d'Zäit esou wäit eriwwer ass. Ech hätt gären nach ee Wuert iwwert dat gesot, wat an der Landwirtschaft am Agroalimentaire leeft. Ech spuere mer dat. Ech hoffen, datt mer eng Kéier eng separat Diskussioun doriwwer kréien. Ech wollt awer a menger Interventioun hei opzeechnen, datt wa mer et géinge fäerdeg brénge Kontrollmechanismen ze installéieren, déi wierklech wierksam wären, déi net nëmmen d'Legalitéit kucken, mä och d'Aart a Weis kucke wéi da wierklech sorgsam en bon père de famille mat den öffentleche Gelder géing ëmgaange ginn, datt mer dann op der Ausgabesäit ganz sécher villes kënnte spueren an an den Équiliber brénge an domadder och eiser Ekonomie déi Impulser ginn, déi mer brauchen, wann et dann net soll zum grousse Kollaps kommen.

Ech schléisse mat deem wou ech ugefaangen hunn. Dat hei ass a mengen Aen e Budget, deen een ënnert d'Motto setzt: Après nous le déluge! Déi nächst Regierung an déi nächst Chamber wäerten et schwéier kréien, no dësem Budget d'Saach erëm redresséiert ze kréien.

Ech soen lech merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

M. John Schummer *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech mat mengem Bäitrag zu de Budgetsdebatte mat der Place financière - wie wonnert et - an der Transportpolitik beschäftegen.

Zur Place financière, fir d'Joer 2003, mä och ganz kloer fir d'Joer 2004, zeechent et sech of, dass de Prozess vun der Restrukturéierung vun eiser Finanzplaz, also deenen Instituter, déi hei sinn, nach net ofgeschloss ass. Dat wëllt net onbedéngt heeschen, dass d'Banke géingen zoumaachen dans l'immédiat, mä dass Mechanisme wéi Fusiounen, Acquisitiounen, Regruppéierungen dozou bäidroen, dass Aarbechtsplazen ofgebaut oder an d'Ausland verluecht ginn.

D'Konkurrenz fir eis Finanzplaz wéi fir d'Finanzplaze vu Paräis oder Frankfurt ass spierbar an dat ëmmer méi. Et gëtt versicht mat Moderniséierungsmoossname vun hiren Opsiichtsregelen an deene jeeweilege Länner Lëtzebuerg, mä och Dublin ëmmer erëm en Deel vum Kuch ofzehuelen, an dat deelweis mat politescher Réckendeckung aus deene jeeweilege Länner.

Eng weider Gefor ass d'Verlagerung vun de standardiséierte Servicer a Prozesser a Lounniddregläner. Trotz éischter morosem ekonomeschen Ëmfeld an trotz der ëmmer méi staarker Konkurrenz, huet eis Finanzplaz sech awer net schlecht behaapt. D'Resultater sinn appréciabel trotz éischter ongënschtegem an onsécherem Ëmfeld. Eis Bankplaz muss nach vill besser duergestallt ginn, also besser no bausse par rapport zum Ausland verkaaft ginn. Do si mer alleguerte gefuerdert. Do muss jiddferee matspillen, d'Banken a mir alleguerten.

Dat geet u beim Accueil en général hei am Land, iwwert d'Infrastrukturen, an hält op bei der Kompetenz vun de Leit an de Bankinstituter. Dozou gehéiert och d'permanent Diversifikatioun, héijen Know-how an Export vun Déngschtleeschtungen a Produkter, mä och e stabilt politescht Ëmfeld an eng wäitsiichteg, der Maartentwécklung ugepasste Gesetzgebung hei am Land. E performant Ëmfeld an e flexible gesetzleche Kader sinn de Garant, fir dass d'Finanzinstituter hei zu Lëtzebuerg bleiwen, ausbauen an dass och nach neier komme wäerten. Mir mussen eis alleguerte bewosst sinn an eis ëmmer erëm virun Aen halen, dass d'Décisioun iwwert d'Bleiwen, d'Ausbauen, d'Reduzéieren, d'Ofbauen oder d'Verlagerung net méi hei zu Lëtzebuerg geholl gëtt, och wann d'Gewerkschaften an d'Politiker nach esou haart jäizen.

Mä wa mir heibanne mat der Regierung de richtege Kader bäibehalen a konstant adaptéieren, fält keng negativ Décisioun an de Bankenzentralen am Ausland, dat huet dës Regierung bis elo, géing ech soen, gréisstendeels gutt fäerdeg bruecht. Mä och d'Banke musse konstant innovéieren, nei Produkter développéieren, de beschte Service bidden, Flexibilitéit an Ingéniositéit beweisen. Déi elo opgezielte Pisten nëmmen all zesummen, well dat ass e Wierk vun Zännrieder, déi wa se net alleguerte mateneen dréinen, an zwar an déi richteg Richtung, da geet et schif. Also wéi gesot, déi elo opgezielte Pisten nëmmen all zesumme garantéieren eng fruchtbar Zukunft fir dee Secteur, deen alles in allem awer praktesch d'Halschent vun de Recetten aus deem Budget, dee mer elo hei diskutéieren, erabréngt. Mir sinn hei gefuerdert fir ëmmer ze agéieren an net ze reagéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zum Volet Transport. Mir hunn elo scho vill iwwer eis national Konjunktur, déi vun eisen Nopeschlänner an déi vum europäeschen an internationalen Niveau heibanne geschwat. De Jean-Paul Rippinger huet och opgezeechent wéi mer eis Ekonomie weider ënnerstëtze kënnen an ech sinn am éischten Deel vu menger Interventioun op de Finanzsecteur agaangen.

De Romano Prodi, de President vun der Europäescher Kommissioun, huet den 18. November a senger Ried zum État de l'Union virun dem Europaparlament festgehalen, dass eng Reprise vun der Ekonomie an der Europäescher Unioun sech ofzeechent. Déi Reprise soll duerch d'Initiative pour la croissance, déi vun der Europäescher Kommissioun ausgeschafft ginn ass, ënnerstëtzt ginn. Déi Initiativ behält 56 Projeten zréck. Bei deene Projeten handelt et sech haaptsächlech ëm Projeten um Niveau vun den Transportréseauen, vun der Energie, den Telekommunikatiounen an awer och der Recherche.

Ech wëll mech hei just op d'Réseaux de transport begrenzen a just e puer Projeten ervirsträichen. Zu deene Projete gehéiert notamment den Axe ferroviaire à grande vitesse Paräis-Bréissel-Köln-Amsterdam-London, an hei ass dann och de Projet Eurocap-Rail, wou jo scho Virriedner vu mir dovu geschwat hunn, ze ernimmen um Axe ferroviaire Bréissel-Lëtzebuerg-Stroossbuerg. Ech mengen, ech brauch hei net méi ze erwähne wéi wichteg dee Projet ass fir Lëtzebuerg am europäesche Kontext.

Ech wëll och hei ausdrécklech dem Transportminister Henri Grethen félicitéiere fir seng onermiddlech Efforten, fir dass dee Projet vun der Europäescher Kommissioun och prioritär agestuft gëtt. Et déngt eis näischt wa mer dee Projet iergendwann eng Kéier maachen, mä e muss prioritär agestuuft ginn, well nëmmen esou kënne mer zu enger konkreter Phas kommen, wou dat alles ëmgesat gëtt.

Wat den Axe ferroviaire à grande vitesse vu Paräis bis op London ubelaangt, esou ass dat och eng ganz interessant Donnée fir eist Land. Ech däerf drun erënneren, dass Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 22. August 2003 un den TGV Est européen ugebonne gëtt. Ab 2006 ass Paräis dann an zwou Stonnen a fofzéng Minutten ze erreechen, wat eng considérabel Erliichterung fir alleguerten déi Leit gëtt, déi sech mussen op Paräis déplacéieren, an dat sinn der ganz vill.

D'Regierung fiert domadder op der Schinn vun der Europäescher Kommissioun, déi schonn am Joer 2001 an hirem Livre blanc „La Politique européenne des transports à l'horizon 2010: l'heure des choix" festgehalen huet, dass d'Échangë mat deenen neie Memberlänner aus dem Oste vun Europa vill Trafic wäerte mat sech bréngen. Deemools ware scho 60% vum Trafic laanscht d'Donau internationalen Trafic. Aus deem Grond koum d'Europäesch Kommissioun och deemools zur Schlussfolgerung, dass eng nei West/Ost-Achs fir den Zuch, esouwuel um Niveau vum Fret wéi och um Niveau vun de Voyageuren, ageriicht sollt ginn. Déi Achs géing sech iwwer Stuttgart-München a Salzburg-Linz bis op Wien erstrecken. Dat sinn also 780 Kilometer Schinnen, déi geluecht oder fir d'grande vitesse mussen ageriicht ginn.

Déi Europäesch Kommissioun huet och proposéiert, dass am Kontext vun der europäescher Osterweiterung eng Extensioun a Richtung Budapest, Bukarest an och Istanbul envisagéiert kënnt ginn. Deenen Ausféierungen no huet d'Europäesch Unioun geschlussfolgert, an ech zitéieren: „La ligne Stuttgart et Mannheim étant en service, le prolongement de l'actuel TGV Est reliant Paris à Mannheim par Strasbourg, par ces tronçons, permettra un corridor transeuropéen ferroviaire continu de Paris à Vienne." Dës Regierung huet also resolut dorunner geschafft, fir dass Lëtzebuerg un d'Réseaux transeuropéens kann ugeschloss ginn.

Mä wann déi Efforten an Initiative vun der Europäescher Unioun begréissenswäert si fir d'Relance économique ze ënnerstëtzen, dat jo notamment duerch den Ausbau vun den Transportweeër, dann ass dat awer net manner wichteg wat eisen nationalen Niveau hei am Land betrëfft. Ech wëll hei un d'Strategie „mobilitéit.lu" erënneren, déi den Henri Grethen, säitdeem hien déi Strategie am Januar 2001 presentéiert huet, konsequent ëmsetzt, fir also dat Zil vun engem „modal split" vu 25% öffentlechen Transport géint 75% Individualverkéier ze erreechen. Mat deenen Transportcapacitéiten, déi mer hunn, geet den Autobus net duer. Mir mussen op den Zuch setzen.

Aus deem Grond huet den Transportminister jo och d'Strategie „mobilitéit.lu" agesat, an do wou d'Schinnennetz present ass, an do wou d'Demande um Niveau vum öffentlechen Transport et verlaangt, gëtt op d'Schinn gesat. D'Autobusse gi weider do agesat wou de potenziellen Trafic net esou grouss ass a gläichzäiteg wäerten se och d'Bindeglied zu den Haaptachse vum Schinnennetz duerstellen.

Duerch d'Gesetzer vum 24. Juli 2000 a vum 3. Juni 2003 sinn déi éischt Weiche fir d'Realisatioun vun dëser Strategie scho gestallt ginn. Dozou kommen och nach eng Rei aner Saachen, wéi zum Beispill den neie P&R-Parking zu Stengefort, d'Vergréisserung vun enger ganzer Rei vu P&R-Parkingen an d'Verlängerung vun der Eisebunnslinn Beetebuerg-Diddeleng bis a Frankräich op Volmerange-les-Mines, wou en Opfangparking installéiert ginn ass. An ech hunn lech e Stéck vun deem Bändche matbruecht wat de Moien duerchgeschnidde ginn ass vum Här Minister Grethen a vum Gérard Longuet, wat d'Inauguratioun vun där Linn op Volmerange-les-Mines betrëfft.

(Interruptions)

Mir maachen also konkret Saachen. Mir stëmmen net nëmme Projeten. Mä nieft deene Projeten, déi mer stëmmen, déi jo iergendwann ëmgesat ginn, schneide mer och Bännercher duerch, fir eppes ze inauguréiere wat konkret um Terrain ass.

(Interruption)

Et geet net ëm Schinnen.

(Interruptions diverses)

Här Zanussi, wann déi lescht Regierung, déi 15 Joer laang ënner sozialisteschen Transportministeren net fonctionnéiert huet, dofir gesuergt hätt, dass mer éischtens Projete votéiert hätte fir Schinnen ze leeën, dass mer Lokomotiven a Material kaf hätten, wat schonn 30 Joer al ass, mat deem mer fueren, wou Är Gewerkschaft, den Här Wennmacher de Moie gejaut huet op der Gare, mä hien huet an engem selwechte Schreiwes geschriwwen, dass dës Regierung Efforte gemaach huet, mä dass déi lescht Regierung et schändlechst ënnerlooss hätt fir Material ze kafen - Loosst Dir lech dee Reproche gefalen? -, da géinge mer elo d'Schinne leeën. D'Gesetzer si gestëmmt. D'Fonge sinn do an d'Schinne gi geluecht. Dat éischt Beispill, wat gemaach ginn ass bannent zwee Joer. Dofir hunn ech d'Bändche matbruecht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat do ass awer keng Schinn.

M. John Schummer *(DP)*.- Neen, dat hei ass d'Bändchen, dat duerchgeschnidde ginn ass, Här Di Bartolomeo.

Bien, dat gesot, d'Etüde weisen, dass déi meeschte Leit aus dem Süde vum Land an d'Stad schaffe kommen. Aus deem Grond gëtt eng direkt Eisebunnslinn tëschent der Stad an Esch-Uelzecht realisséiert, wou och d'Etüden amgaange sinn. D'Streck Beetebuerg-Lëtzebuerg gëtt verduebelt. Déi Mesurë sinn och an de Kontext vun den Industriebroochen op Esch/Belval ze setzen.

Här President, ech kommen net derlaanscht fir dann nach mäi

Fraktiounspresident Jean-Paul Rippinger…

(Brouhaha général)

Une voix.- Ze luewen.

M. John Schummer *(DP)*.- Net ze luewen, mä ze zitéiere wat d'Liberaliséierung vu verschiddene Servicer wéi zum Beispill deene vun der Bunn ugeet. Do wëll ech soen, an ech zitéieren den Här Rippinger, datt mer net blannemännerchers liberaliséiere ginn, wa mer net wësse wou mer hannen erauskommen. Ech weess nämlech net, ob mir eppes geschafft hu fir de Bierger, wann hannen um Enn d'Leeschtunge méi deier wéi virdru sinn. Déi Libéralisatioun vun der Bunn ass sécherlech à terme net ze vermeiden, well se vum Usaz hier an den Traitéë steet a vu Bréissel virugedréckt gëtt. Mir ginn awer elo net nach dee Prozess beschleunegen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Den Transportminister huet mat der Belsch a mat Frankräich am europäeschen Transportconseil géint den zweete Paquet ferroviaire gestëmmt. Den Henri Grethen ass nämlech mat senge Kolleegen aus der Belsch an aus Frankräich der Meenung fir ze soen, dass fir d'éischt emol gemeinsam sozial a sécherheetstechnesch Mindeststandarden an Norme misste festgehale ginn an domat eréischt d'Konditioune fir e gemeinsame Maart geschafe ginn, ier et zu enger grenziwwerschreidender Liberaliséierung vun den Eisebunnsservicer däerf kommen. Dat Märchen, dass mer géingen alles blann liberaliséieren, stëmmt also net. Och déi Partei, an ech kucken op se, déi haut behaapt…

(Interruptions diverses)

… - et ass d'sozialistesch Lëtzebuerger Aarbechterpartei - si géing d'Liberaliséierungswell a Fro stellen, wär si an der Regierung - wat jo hoffentlech ni kënnt -, misst muer d'Liberaliséierungsdécisioune vu Bréissel ëmsetzen, wa se Verantwortung ze droen hätt.

Dir Häre Sozialisten, haalt dach endlech op d'Leit fir domm ze verkafen an no baussen ze beléien. Mäin allze fréi verstuerwene Parteikolleeg René Mart hätt gesot: Dat wat Der maacht ass Luch a Bedruch. Bien, fueren ech also weider, Här President.

Den 11. November hu mer hei an der Chamber de Projet de loi gestëmmt, deen de Raccordement ferroviaire vum Findel an dem Kierchbierg virgesäit. A mam Gesetz vum 26. Juli 2002 ass jo de Bau vun enger neier Aérogare festgehale ginn. Ech wëll hei just nach eng Kéier ënnersträichen, genausou wéi de Jean-Paul Rippinger dat gesot huet, dass mer der Meenung sinn, dass de Fret wichteg ass, mä net à outrance ausgebaut soll ginn. Mä ech wëll awer hei och ënnersträichen, dass alles gemaach gëtt vun dëser Regierung fir d'Fluggesellschaften, ob se elo am Fret täteg sinn oder am Transport vu Persounen, voll a ganz ze ënnerstëtzen.

Däerf ech an deem Kontext un d'Gesetz vum 16. Abrëll 2003 erënneren, iwwert déi Accords de service aériens mat Hongkong, mam Nepal a mat Amerika? E weidert Gesetz vum 16. Abrëll 2003 hält Accords aériens mat der Republik Korea a mat Indien fest. Déi bilateral Accordë sinn d'Conditio sine qua non, fir kënne regulär Flich op déi Destinatiounen ze assuréieren, an et erlaabt eiser Gesellschaft, wéi der Cargolux, Chiffres d'affaires ze maachen, andeem se déi Flughäfe kann ufléien an tëschent deene Flughäfe ka Wueren transportéieren, ouni datt se mussen iwwert de Findel Lëtzebuerg transitéieren an ouni dass mer mussen dann d'Départen an d'Arrivéeën hei zu Lëtzebuerg a Kaf huelen, wat ech perséinlech eng optimal Saach fannen.

Här President, de Finanzsecteur ass den Haaptpilier vun eiser Ekonomie an dee gëllt et och weiderhin ze fleegen, an ech mengen ech hunn lech kënnen opzeechnen an där kuerzer Zäit, wat fir eng Importenz dës Regierung deem Secteur bäimiesst.

Um Niveau vum Transport genausou wéi um Niveau vun anere Beräicher, déi ech elo net a menger Interventioun ëmräisse konnt, sinn déi néideg Jalonë gesat fir eist Land aus dëser schwiereger, mä bäi wäitem net hoffnungsloser Situatioun - wéi verschidde Kolleegen heibannen ëmmer menge si missten de Leit dat antroteren, wat awer net ass - erauszeféieren.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.32 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

•

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder um Kanal S40 (Eltrona/Siemens
•
Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29
•
An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32
•
An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29
An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

d'Chamber online op **www.chd.lu**